

# Conseil communal

## Séance publique du 30 mars 2015

Durée de la séance: 15.00 à 18.00 heures

### Présents:

<b>Mellina Pierre</b> , bourgmestre (CSV)	<b>Breyer Roland</b> , 1 <sup>er</sup> échevin (CSV) <b>Conter-Klein Raymonde</b> , 2 <sup>e</sup> échevin (CSV) <b>Mertzig Romain</b> , 3 <sup>e</sup> échevin (LSAP)	
<b>Arendt Patrick</b> (CSV) <b>Conzemius-Holcher Josette</b> (CSV) <b>Gira Carlo</b> (CSV) <b>Polfer John</b> (CSV) <b>Rosenfeld Romain</b> (CSV)	<b>Brecht Guy</b> (LSAP) <b>Gonçalves Cátia</b> (LSAP) <b>Stoffel Marco</b> (LSAP)	<b>Becker Romain</b> (déi gréng) <b>Scheuer Romain</b> (déi gréng) <b>Tockert Claude</b> (DP) <b>Thein Joe</b> (adr)

### Absent et excusé:

<b>Pierre Norbert</b> (LSAP)
------------------------------

## ORDRE DU JOUR

### Séance à huis clos (15:00 heures)

1. Personnel: Classement d'un employé communal (département technique) - décision.
2. Enseignement musical: Ratification des contrats de travail avec deux chargés de cours - décision.

### Séance publique (15:15 heures)

3. Sylviculture: Explications données par le garde-forestier au sujet du plan de gestion des forêts communales 2015 – information.
4. Communication du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
  - 5.1. Approbation des titres de recettes - décision.
  - 5.2. Désignation d'un nouveau président pour la Commission des relations publiques, des communications, des cérémonies et de la promotion touristique - décision.
6. Propriétés
  - 6.1. Approbation du compromis portant sur l'acquisition de la part de la société AGILIS S.à r.l. de terrains dans la rue Bommert à Pétange – décision.
  - 6.2. Approbation du compromis portant sur la cession à Mme Julie Philippart d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « avenue de la Gare » - décision.
  - 6.3. Approbation de l'acte portant sur l'acquisition de la part de Mme Elisabeth Cruchten d'un terrain sis à Pétange, rue de la Piscine – décision.
  - 6.4. Approbation d'une convention autorisant la société « Kachelmann Gmbh » et la société « CLT-UFA S.A. » à installer une station météorologique dans la Commune de Pétange – décision.
7. Affaires sociales
  - 7.1. Approbation de la convention portant sur le fonctionnement de l'Office social de Pétange pour l'année 2015 - décision.
  - 7.2. Octroi d'un congé pour travail à mi-temps aux salariés (m/f) engagés sous le statut du SAS consécutivement à un congé de maternité, un congé parental ou encore un congé d'accueil – décision de principe.
  - 7.3. Approbation d'un contrat de bail avec Mme Guerra Ribeiro Stéphanie pour un logement communal sis à Pétange, rue Prince Jean 2 – décision.

8. Urbanisation:
  - 8.1. Approbation du devis portant sur l'installation de bornes aux alentours du Centre sportif Bim Diederich à Pétange et vote d'un crédit spécial - décision.
  - 8.2. Approbation de la convention avec la société « City Image » portant sur la mise à disposition gratuite d'un écran publicitaire LED – décision.
9. Tourisme: Approbation du devis présenté par le CIGL de Pétange portant sur le réaménagement du chemin d'accès de la mine Dhoil et vote d'un crédit spécial – décision.
10. Sports et loisirs: Règlement de police concernant les matchs de football – décision.
11. Transports et communications
  - 11.1. Confirmation d'un règlement d'urgence de la circulation routière à Lamadelaine (migration des batraciens) – décision.
  - 11.2. Confirmation d'un règlement d'urgence de la circulation à Rodange (chantier dans l'avenue Dr Gaasch) - décision.
  - 11.3. Confirmation d'un règlement de la circulation routière à Pétange (chantier dans la route de Longwy) – décision.
  - 11.4. Confirmation d'un règlement d'urgence de la circulation routière à Rodange (chantier dans la rue Charlotte) – décision.

## COMPTE RENDU

### 1. et 2.

**Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

### 3.

#### Sylviculture.

Explications données par le garde-forestier au sujet du plan de gestion des forêts communales 2015 – information.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et war e Wonsch vum Gemengerot, fir och emol vum Fierschter Explikatiounen ze kréien iwwer eise « plan de gestion des forêts communales 2015 ». Ech géif awer fir d'éischt eise zoustännege Schäffen, dem Här Mertzig, d'Wuert ginn an duerno dem Fierschter, dem Här Berg Christian.

#### Mertzig Romain (LSAP):

Mir haten an enger Sëtzung am Dezember driwwer rieds, datt mer de « plan de gestion des forêts communales » fir 2015 eng Kéier géinge virstellen, an dat wa méiglech am 1. Trimester vun 2015. An dofir hu mer de Fierschter och an dës Sëtzung geruff, fir datt hien eis déi beschtméiglechst Erklärunge ka ginn a bei eventuelle Froen och de Fachmann op der Plaz hätten. Ech géif dann d'Wuert weider ginn un eise Fierschter.

#### Berg Christian, Fierschter:

Ech géif kuerz de Bëschplang 2015 virstellen. Laut eiser Forstverwaltung soll all 10 Joer en Inventaire vun eise Bëscher gemaach ginn, fir datt mer wëssen, wou mer dru sinn a wou eis Bëscher leien. Mir hunn awer nach haut deen alen Inventaire vun 2003 virleien, deen awer um Programm steet fir nei gemaach ze ginn. Ech sinn elo 6 Joer Fierschter hei an der Gemeng an an deene Joeren huet d'Gemeng eng Rei Bëscher nei opkaf, an déi géifen dann alleguerten an deen neien Inventaire kommen, esou datt mer dann och en detailléierte Plang hunn, wou eis Bëscher sinn.

An deem alen Inventaire hate mer eng Fläch vun 122 Hektar an et kann ee soen, datt mer wierklech en eenheemesche Bësch an e standuertgerechte Bësch hunn. Well 110 Hektar

si Laffholzbësch, dat heescht Bichen, Eechen, also e Bësch, dee vun der Natur hei géif virkommen. Et kann ee soen, datt mer nach eng ronn 8 bis 9 Hektar Nolenholzbëscher hunn, déi deemools, an der Zäit vun de Miniëren, ugeplanzt goufen.

E bëssen de Problem vun eise Bësch ass, datt et en iwweralterte Bësch ass. Et kann ee soen, datt ongeféier d'Halschent vum Bësch en Alter vun 120 bis 180 Joer huet. An dat ass – virun allem bei de Bichen – en ale Bësch, wou d'Beem hiert Bescht ginn hunn a wou ee muss kucke fir lues a lues de Bësch duerch eng natierlech Verjüngung erëm opzezellen. An déi Saache si mer och am gaangen ze maachen, duerch eis Coupes, déi all Joer ufalen.

De Gemengebësch ass och FSC-Certiféiert säit deene leschte Joeren an do gétt och gesot, datt ee 5% vum Bësch der Natur soll iwwerloossen, dat heescht, do soll keng Bewirtschaftung dra gemaach ginn. Do leie mer och ganz gutt. Well bei 5% vun 122 Hektar misst ee ronn 6 Hektar leie loossen. Ech hunn awer eng Kéier graff zesumme gerechent, wou mer hei an der Gemeng Péteng leien, an do kommen ech op ronn 35 Hektar. Et ass also praktesch dat 5-facht, wat mer der Natur iwwerloossen, wat e ganz gudde Wäert ass. Et ass och interessant fir déi grouss Aartevillfalt, déi mer hei hunn, zum Beispill bei de Gräifvullen oder de Flantermais.

Ech kann eng Kéier kuerz erläuteren, wéi ech op déi 35 Hektar kommen. Ongeféier 8 Hektar leien hannen an der Maus Richtung Clopp. Do hu mer wierklech en Eck leien, wou mer ni dra schaffe ginn an dee mer der Natur iwwerloossen. Et sinn dat och al Tagebaugebitter a Remblaien aus der Miniëreszäit, wou eng normal Bewirtschaftung net ka gemaach ginn. Wat ganz interessant ass, dat ass de Rondwee ronderëm den Tételbiërg. Do komme mer op tëscht 8 an 10 Hektar. Do muss een awer soen, datt do nach eng Bewirtschaftung dra gemaach gétt. Well mir musse jo d'Sécherheet vun de Spadsiergänger garantéieren. Do hu mer ganz schön al Biche stoen. An déi loosse mer och stoen, ausser si géifen eng Gefor fir d'Leit gi well e Risiko besteet, datt se géifen ëmfalen.

Dann hu mer och d'Naturschutzgebitt Giele Botter, wat zum Deel op Déifferdenger Bann an och zum groussen Deel um Pétenger Bann läit. An do komme mer op bal 12 Hektar Bësch, déi mer och der Natur iwwerloossen. Dat ass u sech dee ganzen Hang beim Scoutschalet Richtung d'Monument « Chauvin », wou mer och keng Bewirtschaftung dra maachen.

Dann hu mer awer och e ganz flotten Eck op der Säit vun Athus. Do hu mer jo de Rollingerboesch an den Hierschtbiereg, an am Rollingerboesch hu mer och eng 6 bis 8 Hektar, déi mer der Natur iwwerloossen a wou mer och elo e bëssen d'Gestioun gemaach hu mat eisem Naturschutzspezialist a wou mer an deen Areal och elo Orchideeën dra fonnt hunn. Domatter géif een dann op déi 35 Hektar Naturbësch kommen.

Da géif ech op deen eegentleche Plang iwwergoen. Neierdëngs ass de Plang an 8 verschidde Pläng opgedeelt. Et fänkt u mat den Naturschutzsaarbechten. Et ass dat den « aménagement écologique » an do soll de Parking « Roudenhaff » nei amenagéiert ginn. Ech hat de Mueren och nach den Här Kirpach um Telefon an hie sot mer, datt de Plang vun deem Parking ausgeschafft wier. A wann dee Plang guttgeheescht gétt, da kann een dee Parking och nach dëst Joer an d'Rei setzen.

Dann hu mer och nach ekologesch Ënnerhaltsaarbechten. Do setzen ech all Joers de Plon zu Rodange drop. Do si ganz flott Kappweiden, déi dann zeréckgeschnidde ginn an do schaffe mer zesumme mam « service jardinage » vun der Gemeng. Da steet och ëmmer erëm de Fauchage extensif vun eise Spadséier- a Bëschweeër um Programm, wou mer ëmmer am spéiden Hierscht méine ginn.

Da kommen ech zum zweete Plang. Do hu mer fir d'éischt « gestion durable et protection des forêts ». Dat sinn eis Coupé vun de Beem, déi mer op verschidde Plaze virgesinn hunn. Et muss ee soen, datt mer am Rollingerboesch, am Stackelsbusch an am Hierschtbiereg ganz vill Schued duerch de Stuerm vum leschte Juli haten. Do ware ganz vill Bichen zerzaust ginn, ëmgefall a gebrach.

Dann hu mer de Volet « infrastructures ». Dat ass den Ënnerhalt vun eise Bëschweeër. Do setze mer all Joer e kleng Montant vu 600 Euro bei « limites et bornes forestières », wou mer och den Ënnerhalt vum Gruet vun der Grenz mat der Belsch maachen.

Säit 2 Joer si mer och am gaangen, den Trëppelwee vum Monument « Chauvin » bis bei de Scoutschalet an d'Rei ze setzen. Mir wäerten do d'nächst Joer déi lescht Etapp maachen an dann hu mer dee Wee ganz an der Rei.

Am Rollingerboesch hu mer jo dëst Joer och e gréissere Bëschwee gebaut a wann een do nach iwwer 2 bis 3 Joer géif weiderfuere, da géif een uewen um Hierchtbiereg erauskommen. Domatter hätte mer dann dat ganz Massiv do propper erschloss an d'Leit kënnen propper do spadséiere goen.

Da kommen ech zum Volet « protection biotopes ». Do hunn ech fir 2015 den Ënnerhalt vum Weier, uewen um Hierschtbiereg, dropgesat. Do hu mer dëst Joer déi éischt gréisser Etapp gemaach. De Weier ass erëm an d'Rei gesat ginn, et ass eng nei Lehmkuusch dran, et ass en neien Iwwerlaf dra gesat ginn. Fir d'nächst Joer géif nach ustoen, fir déi kleng Becken, déi deemools viru 50 bis 60 Joer mat Beton gebaut gi waren, ewechzehuelen a mat Natursteng déi Baach do ze faassen, esou datt d'Waasser natierlech an de Weier leeft.

Den nächste Volet ass « travaux culturels ». Dat sinn déi Aarbechten, déi am Fong vun Abrëll bis Juli/August an deene jonke Bestänn gemaach ginn a wou mer och nei uplanzen. Um Hierschtbiereg hate mer zum Beispill Problemer mam Borkenkäfer an do gétt elo nei ugeplanz. Déi Aarbechte ginn dann och ëmmer mam Dag vum Bam verbonnen an do ware mer mat de Schoukanner dohinner.

Ee Punkt, dee mer och ëmmer drop hunn, ass « sapins de Noël ». Et ass dat eng Fläch, déi d'Gemeng kaf hat a wou

awer näischt méi drop stoung. An do hu mer elo op enger Fläch vu ronn 50 Ar eis Chrëschtbeemercher drop.

Den 3. Plang ass « ressources cynégétiques ». Do steet u sech net vill drop. Ech hunn do just eis « Weisergatter » drop gesat, wat vum Label gefrot ass. Dat ass e klengt Gatter, dat am Gemengebësch opgericht gétt fir ze kucken, op vill Verbëss vum Réi do ass.

De Plang 4 ass « sensibilisation et information du public » an do hätte mer fir d'éischt eis « activités pédagogiques » an eis « manifestations de sensibilisations ». Do fält drënner de Kanner-Ëmweltdiplom, de Seniorendag, an esou weider. Dann hu mer och eng kleng Zomm vu 700 Euro virgesi fir den Ënnerhalt vu Schëlter, déi laanscht eis Weeër stinn.

De Plang Nummer 5 ass « Surveillance et Police ». Et sinn dat eis Kontrollen, déi mer um Naturschutzgebitt Giele Botter maachen, wou d'Gemeng och eng gréisser Fläch dovunner huert.

De 6. Plang ass « Logistique ». Do fält eist Material drënner, dat mer iwwer d'Gemeng nei kafen, ersetzen oder den Ënnerhalt dovunner maachen.

De Plang 7 ass « Service au tiers ». Do hunn ech 2.500 Euro virgesinn, an dat ass, wa mer vum « service jardinage » vun der Gemeng gefrot gi fir zum Beispill gréisser Beem ëmzeleeën oder emol Saachen zeréckzeschneiden.

De leschte Plang ass d'Gestioun vun de Bëschaarbechter. Dorënner fält den 13. Mount, de Congé an hiert d'Kleedergeld. All Joer gétt dat pro rata op d'Gemeng Déifferdeng, op den Domaine, op de Stat an op d'Gemeng Péteng opgedeelt, an dat op d'Fläch, déi ufält. An do wiere mer da bei engem Salaire vu 7.000 Euro, wat d'Gemeng Péteng fir déi 4-5 Bëschaarbechter, déi mer hei am Revéier hunn, bezilt.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Ech géif dem Fierschter Merci soe fir déi detailléiert Erklärungen. Ech géif awer och de Gemengerot drop opmierksam maachen, datt mer mam Fierschter verbliwwe si fir eng Kéier zesummen op den Terrain kucken ze goen. Do hate mer u sech virgesi fir op den Hierschtbiereg ze goen, wou mer och Aarbechte gemaach hunn a wou mer och an eisem « plan pluriannuel » nach verschidde Aarbechte virgesinn hunn. Den Datum, deen ech dem Gemengerot géif proposéieren, wier Mëttwoch, den 13. Mee 2015 um 15 Auer. Den Detail, wou mer eis treffen, reeche mer nach no.

#### **Gira Carlo (CSV):**

Här Berg, Dir hutt gesot, dat mer haaptsächlech Bichen an eise Bëscher hunn. Wéi eng Biodiversitéit bei eise Beem hu mer an eise Bëscher?

Bei de Bëschweeër hu mer der, déi mat Schlake gemaach sinn a wou och deelweis Stécker erausbriechen. Do ass et net ganz einfach, fir driwwer ze goen. A Schlaken ass och elo net grad dat ëmweltfrëndlechste Material. Ass virgesinn, fir esou Weeër och eng Kéier mat deem Material ze ersetzen, wat mer elo hu fir esou Weeër ze maachen?

Dann hu mer och uewenaus um Hierschtbiereg e Panneau ersat fir den Auto-pédestre. An et gouf jo elo gesot, datt et méiglech wier, fir do de Wee nach weider ze féieren. Ass dann och do virgesinn, fir dee Circuit auto-pédestre ze maachen? Well deen ass deelweis och relativ schlecht. An do läit jo fir de Moment och nach relativ vill Holz an do kéint ee vläicht Holz an déi Dälten aféiere wou d'Waasser steet, esou datt een do awer méi dréchene Fouss kéint déi Weeër goen.

**Berg Christian, Fierschter:**

Zu de Bamzorte kann ee soen, datt mer wierklech hei en interessante Gemengebësch hunn. Et ass eng ganz héich Biodiversitéit dran. Mir hu ganz vill eenheemesch Bamzorten an déi sinn och standuertgerecht. Vun deenen 120 Hektar Bësch, déi mer hunn, hu mer 110 Hektar standuertgerecht Beem hei wuessen. Dee viregte Fierschter huet och haaptsächlech mat Naturverjüngung geschafft a besser kann een et net maachen. Dat ass dat, wat hei op de Buedem passt an dee gréissten Deel vum Bësch gesäit esou aus.

Dernieft hu mer dee wierklech minimen Deel vun 8 Hektar Nolenholz. Op verschidde Plaze stinn och nach Fiichten, déi een ëmmer zu engem gewëssenen Deel soll am Gemengebësch halen. Well ech denken do un d'Constructioun vum CIGL a vu Chaleten. An dofir ass et scho flott, wa mer nach e puer Hektar Fiichtebësch hei hunn. A fir d'Landschaftsbild ass et och ëmmer ganz flott, wann een esou kleng Fiichteparzellen am Bësch huet.

**Gira Carlo (CSV):**

Wéi ass et bei eis mam Wëldbestand an de Bësch?

**Berg Christian, Fierschter:**

Mir hu jo dat Weisergatter opgericht. Dat ass beim Hondsterrain zu Péteng. An ech kann allgemeng soen, datt eis Réi-Dicht immens niddereg ass. Well ech gesinn un de Verjüngungen – déi och hei massiv um Tételberg oder am Rollingerboesch kommen – datt de jonke Bësch bal wéi Onkraut do steet. Dat ass awer op anere Plazen am Land net esou de Fall an do bäissen d'Rei massiv d'Knospen of.

Zu de Wëllschwäi kann ee soen, datt déi u sech kee Schued am Bësch maachen. Si notzen eis haaptsächlech domatter, datt se opwulle ginn. Si ginn Eechele sichen an domatter lockeren se de Buedem op an doduerch kommen u sech jonk Planzen nach besser un.

Hirschen hu mer keng an eise Bësch, esou datt mer domatter net gehäit sinn.

Zu deem Wee, deen der ugeschwat hutt, muss ech soen, datt mer deen nach weider net gemaach hunn, well mer do nach de Problem mam Borkekäfer hunn an en Deel futtis Dännen nach do stinn. Do huele mer mat enger Maschinn nach dat Holz eraus an esoubal dat geschiit ass, kënne mer de Wee och an d'Rei setzen. De Problem ass, datt mer bis elo ëmmer naassen Terrain haten an da fuere mer net gäre mat décke Maschinnen eran, well mer soss de Bësch meterdéif oprappen. Dofir waarde mer elo eng Drécheperiod of an dann huele mer d'Holz eraus.

Wat d'Schlaken ugeet, esou ass net geduecht fir déi elo alleguerten erauszehuelen an déi Weeër duerch Naturweeër ze ersetzen. Well dat wier mat héije Käschte verbonnen. Wann een awer elo de Pavéswee um Tételberg Richtung Giele Botter kuckt – dat ass jo esou ee Schlakewee – da sinn do verschidde Plazen dran, wou d'Schlake gebrach sinn. An do wollte mer de Wee elo mat Natursteen an d'Rei setzen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Am allgemengen interesséiert mech, datt d'Weeër an d'Rei gesat ginn. Mir hunn hanner dem Clopp e Wee, wou immens vill Leit trëppele ginn. Ech wollt emol froen, op de Fierschter fir dee Wee zoustänneg ass. Well wann een do erop- oder erofgeet, haaptsächlech hannen um Clopp, da kann ee vu Chance schwätzen, wann ee sech net an deenen décke Lächer de Fouss brécht. De Wee ass am grouse ganze wierklech schlecht. Et si vill Lächer ënnerwee.

Da gouf och do eng Residenz opgericht an do parken nach ëmmer Camionnetten. Déi fueren do erop, well keng Barrière

do ass. Et ass awer kee Schantje méi do. Hannenaus um Clopp ass awer elo en neie Schantje, dee bis an den hallwe Bësch erageet. Ech hoffen, dass dann awer duerno gekuckt gëtt, datt e säi Schantje anstänneg raumt. Well da kéint en awer emol e puer Lächer flécken, déi den Entrepreneur gemaach huet, well e mat senge Gefierer do erop fiert.

Wat mech e bësse stéiert bei deenen Aarbechten, déi am Bësch gemaach ginn, dat ass, datt – wa 5 Bëschaarbechter an de Bësch schaffen – si dann och mat 5 Autoen erafueren. A wann dann och nach déi déck Maschinnen op d'Plaz kommen an de Buedem ass naass, da gëtt alles opgewullt. Mä ech fannen et schlëmm, datt – wa 5 Aarbechter do schaffen – si och mat 5 Autoen do erafueren. Wier et dann net méiglech, datt se sech géifen zesummen dinn an nëmme mat engem Auto erafueren. Well mir hu geschwënn eng Autobunn do uewen am Bësch. Well do brauch ee geschwënn d'Orchideeën och net méi ze schützen, well déi ginn duerch d'Autoe futti gemaach.

**Berg Christian, Fierschter:**

Ech gesinn elo net genee, wou déi Plaz soll sinn, wou d'Aarbechter do fueren. Mä et kann och sinn, datt de Wee duerch landwirtschaftlech Betriber a Matleedenschaft gezu ginn. Mä wann der mer eng Kéier déi Plaz genee weist, da kucken ech dat no.

Zu eisen Aarbechter muss ech soen, datt mer hei an der Gemeng virbildlech schaffen. Mir gi jo och vum FSC kontrolléiert a mir schleefen ni Holz mat décke Maschinne wann et naass ass.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et gouf jo elo gesot, datt de Wee vum Scoutschalet bis bei d'Monument Chauvin gemaach ginn ass, an datt elo weider gefuer gëtt mam Wee, wahrscheinlech Richtung Nidderkuer. Ass et net méiglech, fir de Wee fir bei d'Monument Chauvin, do wou de Waasserbaseng ass, och nei ze amenagéieren, fir datt d'Leit do kéinten eropgoen. Well wann een de Moment do erop geet, da rutscht ee méi séier erof wéi ee kann erop goen.

**Berg Christian, Fierschter:**

Déi Aarbechte sinn d'nächst Joer mat virgesinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ënnen, beim Chauvin-Denkmal, steet nach dee Pilier fir d'Strooss zouzemaachen. Mä d'Strooss bleift awer ëmmer op. Doduerch ass ëmmer Traffik bis erop bei de Waasserbaseng.

**Berg Christian, Fierschter:**

Ech wäert dat nokucke loossen, fir datt dee Poul do erëm hikënnt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt och nach froen, wéi dat mat de Vëlosweeër am Bësch fonctionnéiert. Do stoung ëmmer e Schëld, datt et verbueden ass mam Vëlo eropzefueren. Mä dierf ee mam Vëlo op de Giele Botter eropfueren?

**Berg Christian, Fierschter:**

Am Naturschutzgebitt dierf een net mam Vëlo fueren. Mat de Schëlter ass och de Problem, datt se oft vu Leit ofmontéiert oder futti gemaach ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et si vill Leit, déi vum Kierfecht hir mam Vëlo an de Bësch erafueren. Kéint een do erëm e Schëld dohinner maachen?

**Berg Christian, Fierschter:**

Een, deen elo beim Kierfecht eropfiert an da Richtung Scoutschalet fiert, dat ass kee Problem. Deen neie Wee ka jo mat Vélo gefuer ginn. Mä d'Leit dierfen net an d'Naturschutzgebitt erafueren. D'Naturschutzgebitt gëtt et säit 1991 an dat steet och an engem groussherzogleche Reglement. An esoulaang dat esou am Reglement drasteet, solle sech d'Leit och drun halen. Et kann awer sinn, dat een eng Kéier déi gréisser Weeër ab 3,5 Meter op mécht fir d'Véloen. Och wa mer wëlles hu fir dësen Eck méi touristesch ze erschléissen, esou fannen ech et ëmmer schued, wann eng Famill oder Touristen net kënnen emol mam Vélo erafueren. Et kéint een et esou maachen, dat déi grous Weeër op sinn. Dat sinn och al an déck befestigt Weeër, wou een näischt ka futti maachen. An déi kleng Weeër léisst een da wierklech zou.

Mä fir de Moment ass et nach ëmmer verbuede fir do mam Vélo ze fueren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Beim Pétenger Hondsterrain stoung emol ëmmer eng Barrière. Ass déi elo ewech komm, well do geschafft ginn ass, oder kënnst déi Barrière guer net méi dohinner?

**Berg Christian, Fierschter:**

Déi Barrière gëtt iwwer den technesche Service vun der Gemeng nei gemaach. Et war e Problem mam Zylinder vum Schloss an dofir ass déi Barrière momentan erausgeholl ginn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech géif fir d'éischt emol dem Schäfferot felicitéieren, dat se op d'Initiativ bigaange si fir den Här Berg eng Kéier an de Gemengerot ze invitéieren. Wéi den Här Mertzig gesot huet, hate mer de 15. Dezember 2014 de Bëschplang hei am Gemengerot. Ech hat schonn e puermol gefrot, ob mer net eng Kéier kéinten direkt aus dem Mond vum Fierschter d'Explikatioun kréien. Ech hat an deem selwechten Zesammenhang gefrot, ob mer net eng Kéier kéinten eng « descente sur les lieux » maachen, mam Fierschter zesummen, fir eng Kéier an de Bësch kucken ze goen. Dat schéngt jo elo Realitéit ze ginn an ech soen iech dofir Merci. Ech soen och dem Fierschter, dem Här Berg, villmools Merci fir säin Engagement.

Ech hätt awer och nach e puer Froen. Ech gi regelméisseg vun eelere Leit vu Rodange, haaptsächlech aus de Kreesser vun der Amiperas, drop ugeschwat, ob een net eng Kéier no deem Wee kéint kucken, dee vu Rodange laanscht den Doihl op Lasauvage geet. Well dee Wee wier geféierlech a ganz vill Rodanger Leit ginn op deem Wee trëppelen. Déi Leit hu mer och gesot, dat se eng Kéier mat lech op der Plaz gewiescht wieren a bis elo wier awer nach näischt do geschitt.

**Berg Christian, Fierschter:**

Ech hat dat nogekuckt an de Problem ass deen, dat et Privatterrain ass. An deen Terrain gehéiert dem Train 1900.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Déi Doléancé waren och u mech eruedroe ginn. Ech si mat deene Leit a mam Fierschter zesummen eng Visite des lieux maache gaangen. Mir hunn e Constat gemaach an effektiv ass dat privaten Terrain a mir kënnen net einfach esou op privaten Terrain schaffe goen. Wéi gesot, do muss d'Initiativ och vun deene private Leit ausgoen éier iwwerhaupt do eppes ka geschéien. Mä wéi gesot, mir hunn awer drop reagiert.

**Becker Romain (déi gréng):**

Déi Leit hu mer och gesot, dat se wéissten, dat et Privatterrain wier. A si hätten och mam Besëtzer vum Terrain geschwat an deen hätt natierlech näischt dergéint, wann dee Wee géif frësch gemaach ginn. Ech hunn awer och meng Bedenken, dat d'Gemeng sech soll engagéiere fir engem Private säi Wee an d'Rei ze setzen. Mä et ass en zweeschneidegt Schwäert. Mir kéinte jo och deene Rodanger Leit e bëssen entgéint kommen, wann de Propriétaire vum Wee näischt dogéint huet. Mä dat wier eng Saach, déi ze klären ass.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Dir wësst ganz genee, dat – esou laang déi Persoun, där den Terrain gehéiert, net un eis eruntrëtt – mir näischt do kënnen maachen, fir iergendengem – egal wien dat ass – e Gefalen ze maachen. Sou fonctionnéiert et nun emol net. Do muss schonn d'Initiativ vun deene Propriétaire kommen an da kann ee kucken, ob eppes ze maachen ass. Dat ass nach keng Garantie, dat och eppes do gemaach gëtt. Et muss en natierlech och ëmmer d'Envergere vun den Aarbechte kucken an de Käschtepunkt, deen déi Aarbechte mat sech bréngt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech wollt déi Saach just emol eng Kéier uschwätzen, well déi Leit mech schonn e puermol kontaktéiert hu fir do ze intervenéieren. An dat hunn ech dann elo heimatler gemaach. Mir sinn als Conseiller dofir do, fir d'Doléancé vun de Leit mat heihinner ze bréngen an ze kucken, ob mer eppes kënnen fir d'Leit maachen.

Ech hätt awer nach eng aner Fro. Här Berg, Dir hutt gesot, dat et um Prënzeberg eventuell eng Méiglechkeet géif gi fir déi grous Weeër opzemaachen, fir mam Vélo eranzefueren. Mä haut ass et jo awer esou, dat ganz vill Leit mat hirem Mountainbike an de Bësch fuere ginn. An déi sinn net interesséiert, fir iwwert e groussen an e breede Wee ze fueren, mä déi si méi drun interesséiert, fir queesch duerch d'Naturschutzgebitt ze fueren. An, wéi Dir gesot hutt, steet ganz kloer am Gesetz, dat am Naturschutzgebitt all déi Saache verbuede sinn. Mä et kënnst awer nach ëmmer vir, do uewen. Dofir fannen ech et net esou immens, fir déi grous Weeër opzemaachen.

**Berg Christian, Fierschter:**

Zu Diddeleng hu mer d'Haard opgemaach. Dat ass och en Tagebauegebitt. An do huet d'Forstverwaltung, zesumme mat de Mountainbikesfrënn, e Parcours erausgesicht. Ech kennen elo net déi genee Detailler dovunner, mä et ass awer mat de Leit zesummegeschafft ginn, déi Mountainbike fueren. Et miisst ee kucken, wat eise Ministère seet an ob esou eng Saach iwwerhaupt hei machbar ass. D'groussherzoglecht Reglement miisst jo dann ëmgeännert ginn.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech wollt fir d'éischt emol eng Feststellung zu deene ville Weeër maachen, déi mer am Bësch hunn. Do gi jo verschidde Saache vum Fierschter an der Rei gehalen, aner Saache gi vum Interesseveräi vu Rolleng gemaach. Sinn do sämtlech Weeër mat deenen ofgedeckt? Well ech krut matgedeelt, dat verschidde Weeër net gutt an der Rei wieren. Wéi gesäit dat do aus? Besteet do e Plang op deem ee gesäit, wien wäfir Weeër an d'Rei setzt an ënnerhält?

**Berg Christian, Fierschter:**

Mir schaffe ganz gutt mam Interesseveräin zesummen. Mir schwätzen eis ëmmer of, wéi eng Weeër si all Joer an d'Rei setzen. Si kréien och do e kleng Subsid vum

Tourismusministère fir Material ze kafen. Ech selwer hunn iwwer Joeren e grouse Plang opgestallt an no deem mer elo no an no d'Weeër an d'Rei setzen. An et kann een elo iwwer déi nächst Joere kucken, watfir Weeër een an d'Rei setzt.

Ech muss och soen, dass ganz vill Fierschtere mech besiche kommen an och en Tour hei maachen. An eis Weeër sinn awer allgemeng an der Rei. Mir hu wierklech hei e flotten Eck, wou d'Weeër an der Rei sinn.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Selbstverständlech hale mer déi Saachen am A. An och do ass et net anescht wéi bei de Stroossen. Do muss ee kucken, wéini wat un d'Rei kënnt. Déi Saache muss budgetiséiert ginn, fir dass een d'Suen och huet fir déi Saachen an d'Rei ze setzen. Natierlech kann een net alles matenee maachen. Mä, wéi gesot, mir hunn dat am Aen a mir decidéiere vu Joer ze Joer, wat un d'Rei kënnt.

#### **Stoffel Marco (LSAP):**

Da wollt ech nach eng Kloerstellung maachen zu der Interventioun vum Här Becker. Dat ass dee Wee, dee vun Nidderréideng u sech laanscht de Scoutschalet erop bei den Train 1900 geet an dee wahrscheinlech domatter gemengt ass. An déi Leit waren och u mech erugetrueden an ech hat dat dem Här Mertzig weiderginn. Et ass also net esou, dass Dir déi eenzeg sidd, déi dat festgestallt hunn.

Da wollt ech och nach soen, dass am Fuussbësch e Wee war, dee vum Interesseveräin an d'Rei gesot ginn ass. A virun enger Woch sinn op Facebook Fotoen zirkuléiert a wou ee gesäit, dass Leit dee Wee zerstéiert hunn. Déi Placken, déi den Interesseveräin do gesat hat fir kleng Träpen ze maachen, goufen erausgerappt. An doduerch ass de Wee elo erëm an engem schlechten Zoustand. Ech fannen et ganz schlëmm, dass et Leit ginn, déi Saachen, déi mat vill Aarbecht an d'Rei gesat goufen, erëm zerstéiere ginn.

#### **Berg Christian, Fierschter:**

Ech kennen dee Problem. Et ass dat e private Bësch an et war vläicht net mat deem Mann, deem de Bësch gehéiert, geschwat ginn. An dee war vläicht queesch ginn, dass en net gefrot gi war. Et hätt ee sech solle fir d'éischt op der Plaz gesinn an dann hätt een och vläicht eng Léisung fonnt. Well et e private Bësch ass, hätt ee fir d'éischt solle mat deene Leit schwätzen.

#### **Thein Joe (adr):**

Fir d'éischt wëll ech och dem Här Berg fir säin exzellente Rapport iwwer de Bëschplang villmools Merci soen. Wat ech awer an deem Kontext och nach wëll uschwätzen ass virun allem eng Fro, déi e laangjäregen adr-Member a Pétenger Bierger näamlech och beschäftegt. An et ass, wéi den Här Becker gesot huet, dass déi Froen och sollen hei traitéiert ginn. Et betrëfft näamlech de Schwaarze Wee zu Péteng. Do soll anscheinend alles d'hënescht an d'iewescht wuessen. Do ass eppes ewéi e Sumpf, wat sech do entwéckelt, a wou ee muss mat Stiwwele derduerch goen. Et si Lächer an Obstakelen do. Et ass och kee richtege Pad do. Dat heescht, do mussen déi eeler Leit schonn eng gewëssen Akrobatik un den Dag leeë fir kënnen e schéine Spadséiergang kënnen ze maachen. Dofir hätt ech gären e puer Explikatiounen dozou, entweder vum zoustännege Schaffen oder vum anere Leit, déi sech concernéiert fillen.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Éischtens ass et net esou dramatesch, wéi Dir dat duerstellt. Zweetens, dee Sumpf ass e Pull, deen do steet. Dat ass eis bewosst an dat ass eis och zougedroe ginn. Et dierf een awer och net vergiessen, dass dee Wee der Eisebunn

gehéiert an do kënne mer och net ëmmer maache wat mer wëllen. Ech ginn dovunner aus, dass Dir nach net selwer duerch de Schwaarze Wee getréppelt sidd, well soss géift Dir et och net esou dramatesch duerstellen. Mä déi Problemer sinn eis bewosst a mir sinn och am gaange fir Léisungen ze sichen.

A well dat heiten och kee Bëschwee ass, ass de Fierschter och net concernéiert.

#### **Thein Joe (adr):**

Dofir hat ech d'Fro jo entweder un de Schaffen oder aner Leit, déi sech concernéiert spieren, gestallt. Dem Här Berg hunn ech ebe just Merci gesot fir säi Rapport. Do gesäit een och, dass een eng gréng Partei fir esou eng super Forstverwaltung net onbedéngt brauch. Dir sidd ebe méi professionell an där Matière dran an dowéinst soen ech lech dofir Merci.

Mä d'Fro war eben iwwer dee Schwaarze Wee, wou eben och ganz vill vu bausse reklaméiert gëtt, dass deen net an der Rei ass. An et wier awer wichteg, wann d'Gemengeverwaltung, zesumme mat de Servicer, sech ëm dee Wee géif këmmere.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Wéi gesot, Här Thein, mir sinn eis deem bewosst. An och do ass et, dass een nëmme eng Saach no där anerer ka maachen. Mir sinn awer am gaange duerno ze kucken.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Domatter hätte mer den Tour gemaach. De Beweis ass do, dass et gutt war fir de Fierschter, den Här Christian Berg, eng Kéier ze invitéieren. Mir kréien och nach eng Kéier d'Geleeenheet, fir sech dat an de Bësch op d'Plaz ukucken ze goen. Et kann ee soen, dass mer eis eens sinn, dass am Bësch gutt Aarbecht geleescht gëtt an dass mer eise Bësch solle weider erhalen. A mam Fierschter hu mer do e gudde Mann, deen eis doranner ënnerstëtzt.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Ech géif dann awer och dem Gemengerot an dem Fierschter elo scho proposéiere fir dee selwechten Exercice an deem Kader och d'nächst Joer ze widerhuelen.

**Il en est pris acte.**

## **4.**

### **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

#### **Breyer Roland, Schaffen:**

Ech wollt de Gemengerot informéieren, dass mer de Mueren eng Pressekonferenz hate vun der Agence immobilière sociale Kordall, op déi de Sikor agelueden hat. Déi Agence immobilière sociale ass eng Méiglechkeet, fir manner bemëttelte Leit, déi Schwiereregkeeten hu fir um normale Maart eng Wunneng ze fannen, eidelstoend Wunnengen oder Gebaier zur Verfügung ze stellen. Do sinn elo an engem Joer 17 Familien iwwert déi Agence ënnerdaach komm. Et sinn der nach 4, déi drop an dru si fir ze ënnerschreien. Déi Leit, déi elo an deene Wunnenge sinn, si ganz zefridden an et sinn dat Leit, déi temporär finanziell Schwiereregkeeten hunn an déi vun den Offices sociales vun deene 4 Gemengen erausgesicht goufen, an dat no bestëmmte Critère. An de Sikor versicht fir mat Propriétaire vun eidelstoenden Haiser Kontrakten iwwer 3 bis 5 Joer ze maachen. De Sikor iwwerhëlt och d'Garantie vum Loyer a vum Zoustand vum Haus.

Et ass dat eng flott Saach a wann een emol en Haus oder en Appartement huet, wat duerch iergendwellech Grënn e puer Joer eidel steet, da gëtt een iwwert déi Agence immobilière sociale gutt zerwéiert a wou op béide Säiten eng Win-Win-Situatioun ka kommen.

Natierlech kritt dee Propriétaire net dee Loyer, wéi e vlächert um Marché üblech ass. Mir hunn de Loyer op e Maximum vun 10 Euro pro Metercarré limitéiert, wou den normale Loyer um Marché bei 15 oder 16 Euro läit. Mä och wann de Loyer net esou héich ass, esou versiche mer awer fir anstänneg Locataire ze fannen a mir garantéieren de Loyer a maachen d'Astandsetzung vun der Wunneng, virdrun an duerno.

## 5.1.

### Administration générale.

Titres de recettes aux montants de 7.566.701,15 euros (année 2014) et 624,05 euros (année 2015) – approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hunn nach eng Rei Recettë vum Joer 2014 krut. Dat si 7.566.701 Euro. Den Haaptbetrag – dat si 6.735.133 Euro – ass d'Avance vum 4. Trimester plus de Solde vun 2014 vum Impôt commercial. Mir hu beim Impôt commercial elo alles vun 2014 erakritt a mir gesinn, datt mer 2 Milliounen iwwer deem leien, wat mer eigentlech am Budget rectificié 2014 virgesinn hunn. Mir mussen natierlech elo nach ofwaarde wéi d'Dotation de l'Etat ausgesäit. Laut mengen Informatiounen wieren dat awer 100.000 Euro manner wéi virgesinn. Mä dat gëtt jo dann zum Deel kompenséiert mat dem Impôt commercial.

Dann hu mer och nach d'Déclaration finale vun 2013 vun der TVA. Do ass och den Décompte an d'Kontroll gemaach an do hu mer nach 101.574,82 Euro krut. Dat ass haaptsächlech zeréckféieren op d'Maison WAX, wou mer de Rez-de-Chaussée mat TVA verlounen an dofir och kënnen en Drëttel vun der TVA recuperéieren, wat beim Invest an de Joeren 2011 bis 2013 gemaach gouf.

Vum Joer 2015 ass nach net ganz vill erakomm. Mir hu just e bësse recyclabelt Material verkaf fir 624,05 Euro.

### Approbation à l'unanimité.

## 5.2.

### Administration générale.

Désignation d'un nouveau président pour la commission des relations publiques, des communications, des cérémonies et de la promotion touristique – décision.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Den 2. März hu mer eng Demissioun vum François Metz als President vun dëser Kommissioun guttgeheescht an esou, wéi et an eisem Reglement virgesinn ass, ass et un där Partei, déi di Presidence hat, fir eng nei Kandidatur eran ze ginn. Dat gouf den 20. März vun der CSV gemaach a si proposéieren d'Madame Josette Conzemius-Holcher.

#### Vote secret:

**Oui:** 13 voix  
**Bulletins blancs:** 2 bulletins  
**Bulletins nuls:** 1 bulletin

**Par conséquent, Mme Josette Holcher ép. Conzemius est nommée nouveau président de la commission des relations publiques, des communications, des cérémonies et de la promotion touristique.**

## 6.1.

### Propriétés.

Compromis portant sur l'acquisition de la part de la société Agilis sàrl de terrains dans la rue Bommert à Pétange – approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt den ieweschten Deel vun der Bommert-Strooss eis net gehéiert. Do gëtt awer elo eng Residenz gebaut an am Kader dovunner hate mer an d'Bautege-nehmung geschriwwen, datt besonnesch d'Strooss an uewen dee Wee laanscht d'Eisebunn soll cedéiert ginn. Dee Compromis ass vum Propriétaire vun deem Terrain ënnerschriwwen ginn, esou datt mer an Zukunft am Besëtz si vun der Strooss bis uewe bei d'Eisebunn.

#### Scheuer Romain (déi gréng):

Do soll jo eng Residenz hikommen. Ech froe mech just, wéi déi Leit sollen do hikomme fir unzeliiwweren. Well déi Strooss ass jo schonn esou schmuel. Dat wäert awer och keng ganz glécklech Situatioun ginn.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi Strooss gëtt esouguer ënne méi breed wéi se war. Dat heescht am Kader vum Bauprojet, deen ënnen um Eck mat der Lonkescher Strooss war, kréie mer en Deel vum Terrain, wou elo gebaut gëtt, cedéiert. Doduerch kënne mer vir den Trottoir an d'Strooss e bësse méi breed maachen. Dat heescht, alleguerten déi Residenzen, déi uewe gebaut goufen, sinn och approvisionéiert ginn. Mir wëssen, datt déi Strooss net déi allergréisst ass.

Ech wëll awer nach op eng Saach hiweisen, wou ech net midd ginn dat ëmmer ze soen. Ech kréien ëmmer hei am Gemengerot gesot, datt Residenzen gebaut ginn, déi net dierfte gebaut ginn. Mä da mussen mer emol hei am Gemengerot Propositionen kréie fir de PAG ze änneren. Mir sinn am gaangen un där Saach ze schaffen. A mir wäerten am nächste Gemengerot Propositionen maachen, wou mer eng ganz Rëtsch Haiser wëlle schützen. Da gi keng Residenzen méi dohinner gebaut. Mir mussen just kucken, ob de Gemengerot och eng Majoritéit an deem Kontext féint. Well dat ass d'Viraussetzung fir dat doten ze vermeiden. Fir de Moment sinn déi Residenzen, déi do gebaut ginn, komplett conforme zum PAG. An ech weess net, wien deemools de PAG gestëmmt huet – ech war deemools nach net dobäi – mä déi hate sech jo wahrscheinlech och Gedanken gemaach - op Grond vun der Situatioun – ob dat machbar ass oder net.

Ech sinn der Meenung, datt dat dote machbar ass. Déi Residenz gëtt jo awer elo keng esou eng Residenz wéi déi, déi ënnen op der Hauptstrooss gebaut ginn ass. Hei hu mer e ganze Koup ausgehandelt fir vum Propriétaire Terrain ze kréien, fir domatter Foussgängerweeër ze maache laanscht d'Eisebunn, an esou déi Strooss do nach besser an eis Pétenger Gare unzebannen. Esou datt ech mer erhoffen, datt déi Situatioun sech maache léisst. Mä et ass kloer, datt während där Zäit, wou do gebaut gëtt – an dat ass iwwerall d'selwecht – et sécherlech e Moment gëtt, wou et méi kritesch ass. A mir sinn och iwwerzeegt, datt – wann et hei richtig lass geet – mer ënnen um Eck de Gros fäerdeg hunn. Well de Moment ass de Problem de Schantjen um Eck mat der Lonkescher Strooss an net de Bau vun der Residenz, déi hei eréischt soll uewen an der Strooss gebaut ginn. A wann dee Schantjen ënnen an der Strooss bis ofgeschloss ass, dann ass d'Situatioun an der Strooss och vill besser.

Wéi gesot, déi Residenz ass conforme zu deem, wat de Gemengerot festgesat hat a wat do gebaut dierf ginn. An ech mengen, den Här Becker ass jo an der Bautekommissioun, an hie wäert och en Aen drop halen, datt dat, wat do gebaut gëtt, och richtig ass wat ech elo gesot hunn.

Ech soen nach eng Kéier, datt mer eis nei Regele musse ginn. A wann déi nei Regele méi restriktiv sinn an de Gemengerot heescht déi gutt, dann huet de Buergermeeschter och eng Handhab fir ze soen, datt dat eent oder anert net gebaut dierf ginn. Fir de Moment huet de Buergermeeschter keng Méiglechkeeten esoulaang alles conforme zum Baureglement a conforme zum PAG ass. An déi beschte Bautekommissioun kann och keen negativen Avis ofginn, wann et conforme zu den Texter ass.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.2.

### Propriétés.

Compromis portant sur la cession à Mme Julie Philippart d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « avenue de la Gare » - approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Virun zwee Méint hate mer e Compromis hei op der Dagesuerdnung, wou mer der Famill Steinmetz en Deel vun engem Terrain hannert hirem Haus verkaaft hunn, deen en Deel vum Gaart vum fréiere Paschtoueschhaus vu Rolleng war.

Dat Paschtoueschhaus ass elo an de Patrimoine vun der Gemeng Péteng geholl ginn an ëmmer erëm koumen Demandë vun deene Famille fir deen Terrain, deen hannert hirem Haiser läit, ze kafen. Mir hate scho mat zwee Noperen e Compromis gemaach. Et war dat mat der Madame Steinmetz a mat der Madame Schrank. Well d'Madame Schrank elo kuerzfristeg hiert Haus un d'Madame Julie Philippart verkaf huet, ass en neie Compromis mat deem neie Propriétaire gemaach ginn. An et geet elo drëm, fir dese Compromis dann och guttzeheeschen.

Den Terrain, ëm deen et geet, huet eng Gréisst vun 2,16 Ar an d'Vente soll da fir 5.000 Euro den Ar – well et jo awer eng Plus-value ass fir dat Haus – verkaf ginn. Dat mécht dann e Präis vun 10.800 Euro. Et ass d'ëst dee selwechten Ar-Präis wéi bei Vente un d'Famill Steinmetz.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.3.

### Propriétés.

Acte portant sur l'acquisition de la part de Mme Elisabeth Cruchten d'un terrain sis à Pétange, rue de la Piscine – approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den 2. Februar 2015 hate mer de Compromis virleien. Et geet hei ëm 9,90 Ar Terrain an der rue de la Piscine zu Péteng an dee bis elo nach ëmmer e Privatwee war. Déi Damm war averstane fir eis deen Terrain fir den übleche Präis vu 750 Euro den Ar ze verkafen. Dat mécht en Total vu 7.425 Euro. Den Acte ass de 5. März 2015 ënnerschriwwen ginn an elo solle mer den Acte nach guttzeheeschen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.4.

### Propriétés.

Convention autorisant la société « Kachelmann GmbH » et la société « CLT-UFA S.A. » à installer une station météorologique dans la Commune de Pétange – approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu enger Konventioun mat der Sociéit « Kachelmann GmbH ». Dir wësst, datt mer zanter den 90er Joere mat RTL a Kachelmann zesummen eng Wiederstatioun haten, déi am Ufank hanner dem Päeschenhaus an dunn duerno um Site vum aktuelle SIACH stoung. D'Firma Kachelmann GmbH huet gesot, datt déi Installatiounen net méi zäitgerecht wieren a si wollten se erneieren. Dofir hu se och en neie Site an der Gemeng gesicht. Nodeem mer déi eenzel Siten, déi a Frou kéinte kommen, gekuckt hunn, koume si zu der Conclusioun, datt zu Rodange, do, wou eigentlech och eis Kollektivantenn steet, eng ideal Plaz wier. Et geet elo drëm, fir hinnen en « droit de superficie » vun deem Terrain ze ginn an dat fir de symboleschen Euro, op dee mer géife verzichten. Als Géigeleeschtung géife si déi Statioun do ariichten a si géifen eis och eng Webcam installéieren, mat där mer och iwwert eise Site déi Informatiounen kéinte weiderginn.

Déi Konventioun hu mer ënnerschriwwen a wann de Gemengerot déi elo guttzeescht, dann ass dat dann och an der Rei. Et muss een och soen, datt déi Installatioun elo schonn opgeriicht ass an et geet nach just ëm d'Konventioun, déi nach hei muss approvéeiert ginn.

#### Becker Romain (déi gréng):

Ech ka mech erënneren, wou deemools déi Wiederstatioun um SIACH opgeriicht gouf, konnt d'Klärang an engems och mat dovunner profitéieren. Do houg d'Klärang direkt mat drun a si konnten déi néideg Precautiounen huelen am Fall vun zum Beispill staarkem Reen. Déi Anlag ass jo momentan nach a Betrib, oder net?

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Bei der Wiederstatioun um SIACH huet déi heite Firma näischt domatter ze dinn.

#### Becker Romain (déi gréng):

Mä dat war awer och vun RTL.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass richtig. De Problem ass awer, datt zu där Zäit keng Konventioun gemaach gouf. Dobäi ass et och esou, datt mir se an den 90er Joeren als Gemeng bezuelt hunn. An do ware jo och deemools Diskussiounen.

Déi heiten Anlag gëtt awer komplett vu Kachelmann GmbH opgeriicht, an dat op hir Fraisen. An déi al Anlag um SIACH gehéiert eigentlech der Gemeng.

#### Becker Romain (déi gréng):

Jo, well do hat sech RTL iergendwéi mat dru gehaangen an do war jo och déi Geschicht, datt si dann och Péteng ëmmer ernimmt hu bei de Wiederprevisiounen.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei ass et d'selwecht. Un där neier Statioun hänkt RTL och mat drun. Dat heescht, déi lescht Informatiounen koume scho vun där Rodanger Anlag. Kachelmann schafft mat RTL zesummen. Mä de Propriétaire vun der Statioun ass an



dësem Fall Kachelmann GmbH, während déi al Statioun um SIACH der Gemeng gehéiert, well mir se bezuelt hunn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, dat Wieder, dat elo gemellt gëtt, dat kënnt vu Rodange an net méi vum SIACH?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat ass richtig. Wat mir elo mat der Statioun um SIACH maachen, dat muss mer eng Kéier decidéieren. Si sot en awer, datt déi Anlag guer net méi « up to date » wier.

**Becker Romain (déi gréng):**

De SIACH ass jo awer elo net méi un déi nei Statioun ugeschloss.

**Breyer Roland, Schäffen:**

De SIACH huet nach Accès op déi al Anlag, déi bei hinne steet. Mir muss kucken, ob mer déi nach kënnen notzen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Well ech ka mech erënneren, datt dat e grouse Plus war fir déi Leit, déi op der Kläranlag schaffen. Well si konnten hir Precautionen huelen, wann Héichwaasser gemellt oder um komme war. Wann déi Statioun um SIACH jo nach fonctionnéiert, da kann een déi jo nach weider notzen.

Da gëtt et och nach zu Rodange eng privat Wiederstatioun mat enger privater Webcam. An déi steet jo net wäit ewech vun der neier Statioun, déi elo vun RTL kënnt. Dat heescht, mir kréien dann zweemol d'Wieder vun där selwechter Plaz?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Déi Statioun, déi RTL notzt an déi, déi mir och offiziell als Gemeng benotzen, ass déi heite Statioun. Mir gesi jo och an der Konventioun vir, datt si se oprichten, datt mir hinnen den Terrain fir de symboleschen Euro zur Verfügung stellen, datt mir hinnen och d'Elektrescht liwweren, an als Géigeleschtung hu mir ausgehandelt, datt mir déi Donnéeë vun der Wiederstatioun och kënnen benotzen an datt mir och d'Billen vun der Webcam kënnen op eisen Internetsite setzen.

Dat ass u sech d'Contrepartie, déi mir als Schäfferot ausgehandelt hu géint déi Plaz, déi mer hinnen zur Verfügung stellen. An et ass jo awer net schlecht, datt bei de Previsiounen gesot gëtt, datt et vu Rodange kënnt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Jo. Virun allem well jo schon des ëftere gesot ginn ass, datt Péteng oft lénks leie gelooss gëtt. Esou ginn d'Leit jo erëm e bëssen op eis opmierksam gemaach.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ech hätt eng Fro zu den Informatiounen, déi d'Gemeng kritt. Well do steet am Text eng Selektioun vun Informatiounen. Gëtt iergendwéi festgehalten, wéi eng Informatiounen dat solle sinn? Et steet och do, datt déi Informatiounen net fir en « usage externe » kënnen genotzt ginn, obwuel een dat vun RTL aus kann op de Site setzen. Wat kënnen mer, wat dierfe mer a wat dierfe mer net?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir wäerten och kucken, wat eis Besoine sinn. Mir wäerten och kënnen d'Informatiounen alleguerter kréien, mä ech froe mech, wat mer mat all deenen Donnéeë maachen. Mir wäerte mat hinne kucken, wat mir brauchen an a Funktioun dovunner wäerte mer dann och déi Informatiounen kréien.

Ech ginn dovunner aus, datt se eis sécherlech keng Donnéeë wäerte virethalen an e Choix maachen. Mir muss just elo

kucken, wat mer wëllen a wat mer och fir eis Zwecker kënnen gebrauchen.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech fannen dat heiten eng ganz gutt Saach fir eis Gemeng. Mat där Webcam ass et sécherlech e wichtegen Déngscht fir eis Bierger. Ausserdeem ass et bei RTL och ëmmer erëm eng gutt Reklamm fir eis Gemeng. Da muss mer just hoffen, datt mer an Zukunft keng sibiresch Verhältnissen kréien, well d'Statioun jo awer e bëssen an d'Luucht gesat gëtt.

**Approbation à l'unanimité.**

## **7.1.**

### **Affaires sociales.**

Convention portant sur le fonctionnement de l'Office social de Pétange pour l'année 2015 – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Elo komme mer zu engem Punkt, deen all Joer op der Dagesuerdnung steet. Et geet ëm d'Konventioun, déi ënnerschriwwen ginn ass vun der Madame Familljeminister a vun eisem Office social. De Gemengerot muss elo nach déi Konventioun guttheeschen, fir datt d'Fonctionnement vun Office social assuréiert bleift.

**Polfer John (CSV):**

Déi Konventioun ass Uganks 2015 gemaach ginn. Si ass och an d'Stad gaangen a Mëtt Februar hu mer se vun der Madame Minister ënnerschriwwen erëm kritt. Déi Konventioun regelt eigentlech d'Engagement, déi di 3 Parteien – den Office social, d'Gemeng an de Ministère – ze maachen hunn.

**Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## **7.2.**

### **Affaires sociales.**

Octroi d'un congé pour travail à mi-temps aux salariés (m/f) engagés sous le statut du SAS consécutivement à un congé de maternité, un congé parental ou un congé d'accueil – décision de principe.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Fonctionnaire an déi aner Salariaéen, déi nom Kollektivvertrag vun de Südgemengen agestellt sinn, hunn d'Recht fir no engem Congé de maternité, engem Congé parental oder engem Congé d'accueil eng Mi-tâche ze huelle bis d'Kand an de Cycle 2.1. geet. Well dat awer am SAS-Kontrakt net virgesinn ass, hu mer gemengt, fir all eis Aarbechter op een an dee selwechten Niveau ze stellen, esou datt jiddereen déi selwecht Avantagen huet. Mir sinn och elo mat enger konkreter Demande befaasst ginn. An dofir sollte mer dat heiten als Zousaz zu deem, wat am SAS-Kontrakt steet, guttheeschen. Domatter hätt da jiddereen, deen an enger Maison Relais schafft, e Recht fir esou ee Congé pour travail à mi-temps ze kréien.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech kann dat dote wierklech nëmme begréissen. Et ass eng ganz gutt Saach an et ass och gutt, datt mer dat esou maachen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

An de Maisons Relais hu mer jo och eng ganz jonk Equipe an et sinn haaptsächlech Dammen. An dowéinst wäerte mer

an deene kommende Joeren nach méi mat esou Demandë confrontéiert ginn. A wann schonn emol Dammen no engem Accouchement wëllen doheem bleiwe fir hir Kanner ze zillen, da solle mer hinnen och déi Méiglechkeete ginn. An dofir sinn ech dofir fir dat heiten ze stëmmen.

**Accord à l'unanimité.**

### 7.3.

#### Propriétés.

Contrat de bail avec Mme Guerra Ribeiro Stéphanie pour un logement communal sis à Pétange, rue Prince Jean n° 2 – approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Eis sozial Wunnengen, déi d'Gemeng huet, loosse mer elo iwwert eisen Office social geréieren. Si sichen da Kandidaten a Kandidatinnen eraus, déi a Fro komme fir esou eng sozial Wunneng.

Mir hunn elo an der Prince Jean Strooss op Nummer 2 eng Wunneng fäerdeggestallt. Et ass en Appartement, wat elo zur Dispositioun steet, mat enger Garage a mat engem Keller. Op Grond vun der Berechnung, déi den Office social gemaach huet op Grond vun der Situatioun, déi deen neie Locataire huet, proposéiert den Office social e Loyer vu 587,31 Euro de Mount. Dobäi kënnt nach de Loyer fir d'Garage mat 75 Euro. A wa mer elo haut dee Contrat de bail guttheeschen, da kéint vum 1. Mee un déi Famill do eraplënnere.

**Approbation à l'unanimité.**

### 8.1.

#### Urbanisation.

Approbation du devis au montant de 40.000 euros portant sur l'installation de bornes aux alentours du Centre sportif Bim Diederich à Pétange et vote d'un crédit spécial – décision.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Hei zu Péteng, am Beräich vun der Sportshal, der Maison Relais an der Eigent-Schoul, hu mer e Problem festgestallt. Mir hunn an eisem neie Verkéiersreglement « Kiss&Go »-Plazen, esou wéi och Busemplacementen an extra Plaze bei der Sportshal virgesinn.

Et muss een awer och soen, datt mer d'Verkéiersreglement nach net aus der Stad erëmkritt hunn, esou datt mer nach net kënnen richteg op der Plaz protokolléieren. Mir stellen awer fest, datt an deem Beräich vun der Sportshal eng Indisziplin ass, déi ëmmer méi zouhëlt. An déi kréie mer och net mat engem Polizist, dee permanent do steet, ewech.

Mir stelle fest, datt op der Säit vun der Sportshal d'Autoen einfach um Trottoir stinn. Et gétt guer net no de Foussgänger gekuckt an et gétt scho guer net no de Kanner gekuckt. Mir müssen also aner Mesuren do huele fir de Beräich ofzesécheren. Dofir hu mer wëlles fir laanscht d'Sportshal Bornen ze setzen. Et sinn dat speziell Bornen, déi mer eis erausgesicht hunn. Et si Bornen, déi sech net esou einfach ëmleë loossen. Et sinn déck, massiv a ronn Bornen. Si si schéin, ästhetesch an hunn eng gewëssen Héicht. Et gesäit een se als Autofuerer a wann ee wëll trotzdem dobäi fueren an et wëll ee versiche fir nach dertëschent eranzekommen, dann deet ee sech selwer wéi um Auto. A wann een dernieft stoe bleift a wëll d'Dier opmaachen, da mierkt een, datt dat net déi beschten Iddi ass.

Mir hunn esou Bornen am Ausland gesinn an dat si ganz flott Saachen. Mir wëllen déi laanscht Sportshal setzen, mat an der Mëtt eng 10 Stéck, déi ee kann ewechhuele fir de Fall, wou ee bei enger Manifestatioun muss bäifuere fir eppes unzeliiwweren oder wann een eng Ambulanz misst dohinner stellen. Déi Bornen sollen esou gesat ginn, datt ee kee Moyen méi huet fir op den Trottoir eropzefueren. Den Trottoir soll fräi bleiwe fir de Foussgänger.

Dat selwecht soll och op der anerer Säit virun der Maison Relais geschéien. Och do sollen där Bornen hikommen, mat Ausnam vun deenen Emplacementen, wou de « Kiss&Go » erlaabt ass. Och do, wou et eriwuer an d'Mathias Adam-Strooss geet, kommen där Bornen dohinner, esou datt de Foussgänger an d'Kanner geschützt sinn a kee méi kann op den Trottoir fueren.

Mir hoffen, datt mer bis den 1. Juni dat Verkéiersreglement aus der Stad erëm hunn. Mir hoffen, datt mer bis dohinner déi Bornen kënnen gesat hunn an datt d'Police dann och eng Präsenz op der Plaz mécht fir et ze kontrolléieren an dat ze ënnerbanne wat fir de Moment schlecht ass.

Op der Säit vun der Maison Relais sinn ongeféier 10 Plazen « Kiss&Go ». Déi Plaze sollen awer net während enger Véierel- oder Hallefstonn besat ginn, mä déi Plaze sinn u sech geduecht, fir d'Kanner erauszeloossen a se bis an d'Maison Relais ze begleeden an da sollen den Automobilist och erëm weiderfueren. Wann ee wëll méi laang do stoen, da muss ee vum Parking nieft de Sportshal Gebrauch maachen. Well um Parking ass u sech genuch Plaz. Mir hunn dat nokucke gelooss an et sinn op deem Parking – egal zu watfir enger Zäit – Plaze fräi. A vun do aus ass et wierklech net wäit bis an d'Maison Relais oder an d'Schoul. An e bësse Bewegung kënnt de Schoulkanner och zegutt.

An der Mathias Adam-Strooss kommen nach Securisatiounen dobäi. Do kommen nach Barrièren dohinner. Domatter verhënnert een, datt d'Schoulkanner, wa se aus dem Haff kommen, ongebremst an d'Strooss lafen. An et verhënnert een och, datt d'Eltere mat den Autoen do eropfueren.

An der Mathias Adam-Strooss hu mer de Moment och eng gestrécht Linn tëscht der Busspuer an der Spuer fir den normale Verkéier. Do gétt elo nach en duerchgezunnene Stréch gemaach, esou datt een net méi dierf do eriwuer fuere fir sech op déi aner Stroossesäit ze parken a praktesch mat den Autoen an de Schoulhaff eranzefueren. An op de Bushaltestelle kommen och Ofsécherungen, esou datt nëmme méi de Bus kann do parken a keen anere méi.

Et muss een heiansdo radikal Moyenen huelen. Et war eis vun Ufank u bewosst, datt nach do eppes muss geschéien, well et mat deem normale Molen a Reglementéieren net géif duergoen. D'Leit sinn eben net disziplinéiert genuch.

Dofir wollte mer de Gemengerot froen, fir eis e Spezialkredit guttzeheeschen, fir datt mer esou kënnen déi Saache kafen a se an enger beschtméiglecher Zäit installéiere kënnen.

#### Gira Carlo (CSV):

Dat hei ass wuel eng gutt Saach, mä de battere Bäigeschmaach bleift awer bei esou engem héije Kredit. Well mir müssen déi ëffentlech Gelder zur Verfügung stelle wéinst der Ondisziplin vun de Leit. Ech mengen, mir sinn hei nach net fäerdeg. Well wann een duerch d'Gemeng fiert, dann ass et esou, datt sech d'Leit och nach an d'Wisen an op eis Gréngfläche parken. An do missten och Moosnamen ergraff gi fir déi Zonen ze schützen.

An deem Fall hei geet et virun allem ëm d'Kanner an et ass och wichteg, datt mer se schützen. Mä et huet awer e battere Bäigeschmaach, wann een esou ee Kredit muss stëmmen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Eis geet et haaptsächlech drëm, fir ronderëm d'Schoul de Traffik ze berouegen an ze securiséieren. Mir wäerten och bei deenen anere Siten, virun allem zu Rolleng, nach mussen an d'Täsch gräife fir et ronderëm d'Schoule méi sécher ze kréien.

D'Ondisziplin an d'Civilitéit vun de Leit ass eng Saach « à part ». Mir hu festgestallt, datt – wa mer keng Pecherte méi visibel an de Stroossen hunn – et ganz séier mat der Disziplin an dem Versteesdemech biergof geet. Et gött déck Zäit, datt mer mat eise Pecherten erëm méi Präsenz weisen. An den 1. Abrëll kréie mer erëm en drëtte Pechert bäi an et ass jo och nach e véierten ennerwee. An d'Leit verstinn et nëmmen, wa se protokolléiert ginn a wann esou « actions chocs » gemaach ginn.

**Gira Carlo (CSV):**

Et sinn awer just déi Leit – deenen hir Kanner solle securiséiert ginn – déi sech net un d'Spillregelen halen an hei eng Ondisziplin weisen. Ech ginn iech Recht, datt mer musse securiséieren, mä et muss een awer bei all Geleehheet drop hiweisen, datt et awer och si sinn, déi hir eege Kanner a Schwieregkeete bréngen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat wollt ech nach ergänzen. Wann elo alles « en place » ass, da wollt mer zesumme mat der Police eng Aktioun starten an e bësse Pädagogik maachen an de Leit mat Flyeren a Piktogramme weisen, wat se dierfe maachen a wat net, a wou se sech am beschte solle parke goen. Well et geet jo och ëm d'Sécherheet vun hiren eegene Kanner. Well et sinn d'Elteren, déi sech net drun halen.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Datt mer dat doten elo maachen, ass an der Rei. Mä fir mech huet de Problem scho mat der Planung vun der Sportshal ugefaangen. Wa mer esou breed Trottoire maachen, da läit et op der Hand, datt d'Leit mat den Autoen drop fueren. Dat wësse mer alleguerten. Wann esou geplangt gi wier, datt virun der Dier net esou vill Plaz gewiescht wier, dann hätte mer dee Problem net. Elo musse mer mat Bornen ofsécheren a mir hunn och näischt dovunner. Fir mech hätt d'Entrée scho misste bei der Planung anescht gestallt ginn, esou datt keng Plaz gewiescht wier fir mam Auto eropzefueren.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Den Trottoir ass op deem gréissten Deel normal. En huet maximum 2 Meter. Et ass just virun der Entrée, wou e 4 Meter déif ass. Mä si stellen sech och op deen Deel, deen nëmmen 2 Meter breed ass. Och en normalen Trottoir gött net respektéiert.

Mir waren eis bewosst, datt mer nach do misste Mesuren huelen. Mir wollten awer fir d'éischt emol ofwaarden, wéi d'Evolution ass. A mir hunn och elo gekuckt fir eppes ze maachen, wat e bëssen ästhetesch ass a wat harmonesch ausgesäit.

Et sollen eng 65 déck Bullen dohinner kommen. An dat wäert wierklech flott ausgesinn a flott an de Kader passen. Et hätt een et och direkt kënne bei der Planung virgesinn, mä mir wollten ofwaarden a kucken, wafir ee Genre mer sollen dohinner setzen.

**Patrick Arendt (CSV):**

Et ass elo scho villes gesot ginn. Hei geet et virun allem emol ëm d'Sécherheet vun de Kanner. An dofir sinn déi 40.000 Euro och gutt investéiert, woubäi ech awer wëll betounen, datt et awer en décke Batz Sue sinn, wann ee bedenkt, datt

et en Disziplinarproblem duerstellt. Dat huet den Här Gira jo och scho gesot. Déi amovibel Bornë bei der Sportshal sinn och ganz gutt, well si et de Veräiner an dem Personal aus der Sportshal et erméiglechen, fir Saachen op- an ofzelueden. Dofir fannen ech u sech déi ganz Saach hei eng gutt Saach.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech wollt dat selwecht soe wéi dat, wat den Här Gira gesot huet. D'Leit si sech selwer net bewosst, datt se mat hirem Verhalen hir eege Kanner a Gefor bréngen.

Ech wollt och nach bemierken, datt een an enger weiderer Phase d'Vélospisten och soll dohinner verlängeren. Well et sinn och Leit, déi hir Kanner mam Vélo dohinner bréngen. Well wann esou Pisten agezeechent sinn, da kënne sech do och keng Autoe méi dropstellen.

Mat de Bornen ass wéinstens elo schon emol den Trottoir securiséiert an da stellen se sech mat den Autoen och vläicht net méi an d'Strooss an da kritt een dat mat de Véloen och besser an de Grëff.

**Breyer Roland, Schäffen:**

D'Vélosweeër, esou wéi d'Zone 30, ginn nach dëst Joer an deem Quartier agefouert. Mir hunn elo d'Strooss schon e bëssen ageengt, andeems mer Parkplaze vis-à-vis vum Hotel agezeechent hunn. Domatter gött och net méi esou do gerannt. Och ass geplangt, datt op der Säit vun der Sportshal nach eng Vélospiste laanscht geet. Esou datt d'Strooss optesch nach verengt gött a se doduerch och méi sécher gött. D'Objektiv ass, datt een iwwe e Véloswee vu Rodange bis bei d'Pétenger Sportshal ka kommen.

Et sollen och nach Boxen hikommen, fir d'Véloen ennerdaach ze stellen.

**Accord à l'unanimité.**

**8.2.**

**Urbanisation.**

Convention avec la société « City Image » portant sur la mise à la disposition gratuite d'un écran publicitaire LED – approbation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn als Schäfferot eng Konventioun mat « City Image » gemaach. Et geet ëm e groussen Ecran, deen de Moment schon do steet, mä awer nach net an deem Sënn funktionell ass wéi et hei an der Konventioun ausgedréckt ass. Et ass u sech en « écran publicitaire », deen dohinner kënnt a wou mer mat der Sociéité « City Image » e Kontrakt op 5 Joer maachen a wou si e groussen Ecran installéiere vu 4 Meter op 2 Meter. Si engagéiere sech och, fir nëmme Publicitéiten ze publizéieren an näischt, wat géint déi normal « déontologie publique » ass. Si iwwe huelen och den Ennerhalt an d'Reparatiounen un den LEDen.

Als Gemeng hu mir eis als Géigepartie engagéiert fir d'Emplacement ze sichen an de Stroum dohinner ze liwweren. Mir kréien och als Konterpartie 5 « emplacements pour des insertions publicitaires » zur Verfügung gestallt.

Wat soll do lafen? « Les spots sont des clips de 12 secondes avec 12 passages par heure ». An de Fonctionnement ass vu mueres 6 Auer bis owes 10 Auer.

Wann een dat zeréckrechent, dann ass praktesch all 5 Minuten, wou esou een Zyklus vun deene Saache leeft. 5 Minutte sinn 300 Sekonnen an do si 25 Passage vun 12

Sekonnen dran. A vun deene 25 Passagen hu mir als Gemeng der 5 zegutt fir eege Publicitéit ze maachen.

De Choix vum Ecran ass op déi Plaz gefall, well mer op den Nationalstroosse keng Autorisatioun dofir kréien. Do dierfe keng fléissend Biller sinn. Do dierfen nëmme fest Informatiounen affichéiert ginn. Dat heescht et war net méiglech, fir zum Beispill deen Ecran an den Zentrum vu Péteng ze setzen. Mä déi Plaz hei ass eng gutt Plaz, wou awer vill lass ass, no beim nationale Keelenzenter, bei der Sportshal oder no beim Hotel. Mir géifen da vun deem Ecran profitéiere fir sportlech oder kulturell Evenementer oder Highlighten, déi an der Gemeng wieren, iwwer dee Wee ze annoncieren.

Wéi gesot, déi Konventioun ass op 5 Joer gemaach. Wann deen een oder anere sech net un d'Verpflichtungen hält, da ka se och gekënnegt ginn. Mir sinn der Meenung, datt et eng gutt Saach ass, well et eis no baussen hinn e bësse méi Publicitéit a Präsenz garantéiert, ouni datt mer do vill mussen investéieren.

**Thein Joe (adr):**

Op der Dagesuerdnung steet, datt d'« mise à disposition » gratis ass. Ech wéilt awer gäre wëssen, wat dee Spaass kascht, wann et bis fonctionnéiert. Wat kascht eis de Fonctionnement?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Keen Cent.

**Thein Joe (adr):**

Wann et näischt kascht, dann ass meng Fro scho gekläert. Merci.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Wann ech déi Konventioun richteg verstane hunn, da kéinten allegueren déi grouss Evenementer, déi hei an der Gemeng stattfannen a wou zum Beispill d'Gemeng d'Partenariat iwwerholl huet, heiriwwer publizéiert ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech kéint mer virstellen, datt déi « partenariats privilégiés », déi hei an der Gemeng stattfannen, hei annoncieren ginn. Eisen Service « Relations presse » kréien elo Instruktiounen, datt si déi Fichen, wann een dat esou kann nennen, solle preparéieren an datt se dann – fir déi Zäit wou et néideg ass – iwwer den Ecran solle lafen.

**Tockert Claude (DP):**

Ech wollt froen, ob déi privat Leit oder d'Geschäftsleit aus der Gemeng och kéinten dovunner profitéieren?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi Sociéitéit « City Image » setzt eis net wéinst eisem schéine Gesiicht esou een Ecran dohinner, deen en heede Geld kascht. Déi Sociéitéit geet elo hinn – awer ouni datt mir eis elo dorunner bedeelegen – a kuckt, fir Annonceuren ze fannen. Et ass dat en normale Business. Si hunn anscheinend där Ecrane schonn e puer doruechter stoen. Si fannen där Annonceuren an dat musse keng lokal Annonceure sinn. Mä wa sech der hei aus der Gemeng fanne loossen, ämsou besser. Ech kennen hir Tariffer och guer net an dat wëlle mer och net wëssen. Si sinn der Meenung, datt se genuch Annonceure fanne fir deen Ecran fonctionnéieren ze loossen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Här Breyer, Dir hutt virdu gesot, et géif d'Gemeng näischt kaschten. Mä d'Gemeng bezilt jo awer fortlaufend de Stroum vun där ganzer Installatioun.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei steet « La Commune met à la disposition gratuitement un emplacement et un raccordement électrique ». Do steet näischt dovunner, datt mer de Stroum bezuelen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, mir bezuele guer näischt? Mir hunn nëmme d'Emplacement fäerdeg gemaach an eis Aarbechter hunn d'Installatioun gemaach?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Emol net ganz. D'Firma huet och vu sech aus Aarbechte gemaach. Mir hunn hinnen en Emplacement ginn an de Stroumschloss.

**Becker Romain (déi gréng):**

A si hunn et selwer installéiert?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn duerno gehollef, fir de « raccordement électrique » ze finaliséieren.

**Becker Romain (déi gréng):**

A mir hunn e Stroumcompteur drop gesat, wou mer hinnen duerno berechnen? Dat heescht, d'Gemeng bezilt net de Stroum?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Bis elo ass mer dat net bekannt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Déi ganz Installatioun fonctionnéiert scho bal 3 Wochen. Mir hunn et haut op der Dagesuerdnung fir et guttzeheeschen. Hätte mer dann net kéinte waarde bis haut, ier d'Installatioun a Betrib geholl géif ginn. Well déi Biller lafe scho säit 3 Wochen a si hunn nach keen Accord vum Gemengerot fir dat lafen ze loossen. Ausserdeem fannen ech et perséinlech – an et sinn och vill Leit, déi mech drop ugesprach hunn – immens geféierlech, well et op enger Plaz steet déi fir d'Automobiliste geféierlech ass. D'Sequenze lafen och vill ze séier. En Automobilist gétt ofgelenkt, well hien dorobber kuckt. E kuckt d'Billen a well et an enger liichter Kéier ass, rennt e riicht aus. Fir d'Automobilisten ass et geféierlech.

Desweideren hunn och Leit gesot, datt et geféierlech wier, well den Ecran ze grell wier. Wa se em déi kleng Kéier kommen, téscht der Maison Relais an dem Centre sportif Bim Diederich, an da kënt dann esou ee Flash, dann ass dat net ongeféierlech.

Mir fannen, datt dat net immens ass. Virun allem, well et oflenkt, well d'Sequenzen ze séier lafen an et ze grell ass.

Desweidere steet och hei, datt mer eventuell nach weider Elementer kéinten zur Verfügung stellen. Sief dat zu Rodange oder Rolleng. Denkt de Schäfferot dru fir nach zousätzlech Panneauen ze installéieren?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat ass direkt net virgesinn. Et muss ee kucken, wéi dat heiten elo ukënn a watfir ee Bonus mir als Gemeng ënner dem Stréch hunn. Ech denken awer drun, fir Informatiounstafelen an deenen 3 Lokalitéiten ze installéieren, op deenen Informatiounen vun der Gemeng drop ugewise ginn, wéi zum Beispill, wéini datt Gemengerot ass, asw. Et sinn dat fest Tafelen, déi installéiert ginn, esou wéi dat och de Fall an anere grouss Stied ass. Well mir hunn elo einfach d'Opportunitéit mam Glasfaser. Mir sinn domatter praktesch elo iwwerall präsent a mir sollen déi Opportunitéit net verspillen.

Wa mir op d'Haaptstrooss wëlle goen, dann hunn d'Ponts et Chaussées aner Regeln. Do muss een 12 oder 15 Meter vun der Axe vun der Strooss ewechbleiwen, ausser et sinn nëmme Schrëftafelen, déi fest sinn an déi een nëmme ka liesen.

Hei ware mir mat de Ponts et Chaussées zesummen a si sot, dass fir si deen Ecran op där dote Plaz kee Problem wier. Si hätten et just net gären op der Haaptstrooss, well si do aner Bedenken hunn. Dir sot, dass ee géif ofgelenkt ginn. Et kann awer och e pädagogeschen Effet hunn an deem Sënn, dass den Automobilist e bësse méi lues mécht. Wann e gerannt kennt an e gesäit op eemol do eppes, wat e bësse méi hell ass, an dass e mengt e wier geflashed ginn, da mécht en och vläicht méi lues.

Den Ecran ass och bewosst a Richtung Rodange gedréint ginn an net a Richtung Maison Relais oder Schoul. Net dass op eemol ee seet, dass en d'Kanner net gesinn huet, déi iwwer den Zebrastreife ginn.

Mir moossen den Traffik och do a bis elo hu mer nach näischt Anormales do gemierkt. Wat d'Hellegkeet ugeet, esou kann een dat nach regléiere wa mer der Meenung sinn, dass et ze grell wier. Et ass op alle Fall am Dag gutt siichtbar. Wann et awer owes ze grell wier, da kann een dat nach regléieren. Dat hat d'Sociétéit eis och gesot.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech hätt nach eng Fro zum Terrain, wou den Ecran drop steet. Ass et sécher, dass dat en Terrain vun der Gemeng ass?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat ass eisen Terrain.

**Becker Romain (déi gréng):**

Bon, mir sinn net immens « en faveur » fir esou eng Aart vu Publicitéit ze maachen. Et ass an eisen Aen zevill geféierlech, well et zevill oflenkt. Wa mir enzwousch e fixe Panneau hunn, wou eng Schrëft drop ass an déi och drop bleift, da wier et an der Rei. Mä dat hei, mat deene Sequenzen déi defiléieren a wiesselen, ass an eisen Aen zevill geféierlech.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn elo hei näischt Neies erfonnt a mir sinn och net Virreider an dëser Saach. Et sti schonn där Ecranen hei am Land.

**Becker Romain (déi gréng):**

Mä Péteng ass och net Las Vegas, Här Breyer. Ech hunn d'Impressioun, dass mer ufänken ze iwwerdreiwe mat deem ganze Balisage. Et ass jo net schlecht gemengt. Mä wann een iwwer d'Haaptstrooss geet, esou ass do fir alles e Schëld. An elo kommen nach déi elektronesch Schëlter dobäi, déi all puer Sekonnen en neie Flash op d'Leit geheien. Mir müssen d'Leit net onbedéngt geckge maachen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn elo een esou ee Panneau an der Gemeng.

**Becker Romain (déi gréng):**

A mir wéilten och am léifste bei deem enge bleiwen, wéi wann der elo nach dobäi géife kommen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech muss dem Här Becker zoustëmmen, dass deen Ecran effektiv nuets ganz grell ass. Well et lenkt wierklech ee Moment of. Et ass ee komplett verblennt a wann eng Situatioun op der Strooss ass, déi een eventuell doduerch

net géif matkréien, da wier séier eppes geschitt. Mä wann een d'Hellegkeet nach kann astellen, dann ass dat eng ganz gutt Saach.

Ech wollt an deem Kontext nach op eng aner Saach hiweisen. Mir hunn am Moment op der Millen déi ganz blo Luucht do. Et changéiert heiansdo, dass et op rosa wiesselt. Ech fanne blo och eng ganz schéi Faarf an ech soen iech och, firwat ech intervenéieren. Et ass näamlech immens geféierlech. Ech hu scho wéivill mol mat kritt, dass d'Leit – déi do ëm den Eck kommen – mat 2 Féiss op d'Brems sprangen, well se mengen, do wier eppes geschitt. Et ass wierklech heiansdo eng ganz geféierlech Situatioun.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Bei deem Monument kënnen mer en Zyklus mat 4 verschidde Faarwen astellen. Mir kënnen awer och just bei enger Faarf bleiwen. Mir huelen dann elo emol eng aner Faarf ewéi déi blo.

**Approbation par 13 voix contre 2 voix (déi gréng) et 1 abstention (adr).**

**9.**

**Tourisme.**

Approbation du devis estimé au montant de 45.433 euros présenté par le CIGL de Pétange portant sur le réaménagement du chemin d'accès à la mine Doihl et vote d'un crédit spécial arrondi à 46.000 euros – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir haten elo just mam Fierschter Rieds, fir verschidde Weeër an d'Rei ze setzen. Mir sinn och scho länger am Gespréich fir bei der Mine Doihl e Wee an d'Rei ze setzen, dee laanscht d'Entrée leeft, wou et mat der Minièresbunn an d'Galerien erageet. Well de Wee an engem schlechten Zoustand ass, wollte mer dee Wee e bësse besser maachen, fir dass d'Leit nees do kënnen spadséiere goen. Mir wollten och eng Galerie e bësse belichten, fir dass ee gesäit, wéi et do bannen dran ausgesäit. Op där aner Säit ass och nach e Schapp, dee mer wollten e bëssen an d'Rei setzen. Domatter wëlle mer de Leit e bësse weisen, wéi et an deem Eck ausgesinn huet, wou nach aktiv do geschafft ginn ass. Dat gétt eng Méiglechkeet fir relativ no bei d'Mine erunze-kommen, do, wou et a Richtung Lasauvage geet.

Mir waren elo 2 Joer am gaange mam CIGL ze diskutéieren, an dat net, well mer eis net eens ware wéi et soll gemaach ginn, mä de Problem war, well esouvill verschidde Partner betraff waren. Et war dat de Fierschter, d'Minièresbunn, esou wéi och de Geometer, deen huet missten opmoosse kommen. Dofir huet dat eng relativ laang Zäit gedauert. Mir sinn awer elo prett fir dat ze realiséieren. Mir hunn och en Devis virleien, dee sech – fir dee ganze Wee – op 45.433 Euro beleeft. Dofir wollte mer de Gemengerot froen, ob hie sech mat deenen Aarbechten averstanen erkläert an ob hien déi 46.000 Euro zur Verfügung stellt fir d'Material ze kafen. Et muss ee wëssen, dass et domatter net gedoen ass. D'Aarbechte gi vum CIGL gemaach. An och do ginn am Kader vun deem Projet eng ganz Rei Formatiounen ugebuede fir déi Leit, déi do am CIGL sinn. A wann déi Aarbechten dann duerno ofgeschloss sinn, dann hätte mer och e flotte Wee, iwwer deen ee ka spadséiere goen an dee sécherlech ganz interessant a léierräich – och fir d'Kanner – ass. Et kommen och nach Panneauen dhinner, op deenen ee gesäit, wéi fréier do geschafft ginn ass.

Et si scho ganz vill Viraarbechte vum CIGL gemaach ginn, wéi zum Beispill d'Planungsarbechten. Dofir scho vun dëser

Säit aus Merci fir dat, wat se schonn do geschafft hunn. A wa mer dee Punkt haut hei guttheeschen, da kënnen d'Aarbechten och an d'Exekutioun goen.

#### **Scheuer Romain (déi gréng):**

Et ass en interessante Projet, well vill Leit dovunner profitéiere fir déi Saach kucken ze goen. Ech hätt just eng Fro zu deem Panneau explicatif. Ass dat e Panneau, wou d'Leit gesi wat op deem Site leeft?

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et si méi Panneau virgesinn. Et kënn e Panneau bei Galerie, wou ee gesäit, wéi dat doranner ausgesäit. Da kënn och nach e Panneau bei dee Schapp a bei de Weier, wou een och gewise kritt, wat do geschitt ass. Déi Aarbechte mussen awer mat der Minièresbunn a mam Train 1900 ofgeschwat ginn, fir datt déi Texter och deem entsprechen, wéi et fréier war. Déi Saache mussen awer nach preparéiert ginn.

#### **Gira Carlo (CSV):**

Ech begréissen et ausdrécklech, datt dese Projet kann ugefaange ginn. Ech hätt awer e puer Froen dozou. Watfir eng Destinatioun kritt dat Haischen, dat do steet? Gëtt do erëm veranschaulicht, wat fréier doranner geschitt ass? Well dat gëtt jo och mat Gitteren zougemaach. Op de Fotoe gesäit een och, datt och Graffiti op där Mauer ass. Ech weess och, datt et schwéier ass fir op esou Siten esou Konscht ze vermeiden. Mä ass do virgesinn, fir dat ewech ze maachen an d'Fassad eventuell nei ze maachen?

Dann hätt ech och nach eng Fro zu der Entrée vun der Mine. Déi gëtt jo och mat Gitter zougemaach. Bleiwen do d'Mauern an deem ursprénglechen Zoustand bestoen oder mussen déi och nach securiséiert ginn?

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ginn eng Rei Securisatiounsaarbechte gemaach. Mä bei deem Haische gëtt net grouss investéiert. De Graffiti gëtt sécherlech ewech gemaach an et gëtt sécherlech an d'Rei gesat, et gëtt e Gitter gesat an et gëtt e bësse gewisen, wat an der Vergaangenheet den Zweck vun deem Haische war. Och d'Entrée vun de Galerie gëtt zougemaach. Well och do wäerten d'Schlässeraarbechte vun eise Leit matgemaach ginn an et gëtt profitéiert, datt déi Leit – déi am CIGL schaffen – och eng Formatioun als Schlässeraarbechter kréien.

Mir wäerten de Site net grouss veränneren, mä mir wäerten en an deem Zoustand loossen, wéi e fréier war. Mir wäerten elo net e groussen Invest maachen an déi Maueren aus Hasteng komplett ofmaachen. Mir wëllen et « plus ou moins » an deem Zoustand loossen, wéi et ass. Natierlech muss een déi Maueren, déi e bësse bréckelen, och e bësse ausbesseren. Mä et soll naturgetrei – wéi et fréier war – erhale bleiwen. Et gëtt just securiséiert, net datt d'Leit – déi do laanscht ginn – an d'Galerie kënnen eragoen a sech selwer a Gefor bréngen. Mä soss gëtt net allze vill dru geännert.

Den Haaptobjektiv ass fir de Wee an d'Rei ze setzen an e bësse ronderëm ze securiséieren.

Do, wou d'Buggien ukomm sinn, war och emol e Gebai. An do waren Iddien opkomm, fir dat och komplett ze restauréieren. Mä do wiere mer natierlech a ganz aneren Dimensiounen. An do muss ee sech d'Fro stellen, op et op där Plaz eigentlech Sënn mécht fir déi Aarbechten ze maachen.

Bei deenen Aarbechten hei geet et u sech nëmmen drëm, datt d'Leit e bësse nach d'Iwwerreschter vun de Minières-

aarbechten an deem Eck kënnen ukucke goen, oni sech selwer a Gefor ze bréngen.

#### **Gira Carlo (CSV):**

Dann ass et an der Rei. Well soss hätt ech gefaart, datt et mat deem Kredit op eemol net géif duergoen.

#### **Stoffel Marco (LSAP):**

Dee Projet ass ganz flott an eng Opwärtung fir dee ganze Site. An et ass och gutt, datt de CIGL dat kann ausféieren. Deen Terrain, wou déi Aarbechten ausgefouert ginn, gehéiert deen eis?

An dann hätt ech och nach eng Suggestioun ze maachen. Zu Rolleng gëtt et nach en Tunnel, deen tëscht der Muttergottesknippchen an dem Plateau Tételberg ass, an deen do ënnendrenner erduerch gefouert huet an ongeféier eng Längt vun 30 Meter huet. Et soll een do emol eng Kéier kucken, wéi d'Verhältnissen mam Terrain sinn an deesen eventuell dann och eng Kéier an d'Rei setzen. Well dat wier och eng flott Saach fir do e Spadséierwee unzeleeën, esou datt d'Leit och kéinten derduerch goen an dat gesinn.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wat deen éischte Punkt ugeet, esou ass dee Bësch net a privat Hänn, mä entweder a Statshänn oder am Besëtz vun der Gemeng. Dat stellt awer kee Problem duer. Well dofir hu mer jo och missten den Accord vum Fierschter an deem Sënn hunn. Mir hunn och misste mam Fierschter ofklären, wat mer do wëlle maachen. De CIGL huet scho ganz vill Weeër a Statsbëscher frësch gemaach.

Dat heescht, mir si mat deene Proprietairen eens fir déi Aarbechte kënnen ze maachen.

Wat deen Tunnel ugeet, esou waren effektiv schonn Diskussiounen opkomm, fir dat ze maachen. Mir waren eis dat och scho virun 2 bis 3 Joer ukucken. Bei deem Tunnel bestinn awer e puer wesentlech Problemer. Fir bis bei den Tunnel ze kommen an do ze schaffen, kascht wahnsinneg Geld. Well do muss ee mat Camionne bäikommen an dat gëtt eng Saach vun der Onméiglechkeet. Et gëtt schonn eng ganz grouss Erausforderung fir do erofzekommen. Et misst ee schonn en Deel vum Bësch futti maache fir op d'Plaz ze kommen.

Dann huet deen Tunnel och nach en zweete Risiko. Deen Tunnel ass sécherlech sécher, mä esoubal ee Leit duerch den Tunnel schéckt, huet een als ëffentlechen Träger eng ganz Rei vun Obligatiounen. An da muss een oppassen, datt net op eemol eng Kéier eppes geschitt an een doduerch an Däiwelskiche kënn. Well dann hu mer e Wee dohinner gemaach an d'Leit dohinner drainéiert, an am Fall vun engem Accident hätte mer e Problem. Dofir hätt een éischtens missten deen Tunnel securiséieren, wat sécherlech e Käschtepunkt mat sech bréngt. Als jonke Bouf sinn ech och ëmmer an deen Tunnel gaangen an hunn do och Splichten an deem Tunnel gemaach. Mä et war awer net deen offizielle Wee, deen derduerch gefouert huet. An doduerch muss een dat genee kucken. Et hätt een den Tunnel och misste beliichten. Well an der Mëtt – an dat kann ech iech soen – ass et däischter. Do gesäit een net méi ganz vill. Och dat wier net esou einfach gi fir d'Luucht dohinner ze bréngen. Well d'Elektescht ass wäit ewech an dat hätt ee missten dohinner féieren. Et sinn do sécherlech eng Rei Oploen, déi mer hätte misste respektéieren. An dofir ass dee Projet do emol – op jidder Fall wat de CIGL ubelaangt – op d'Säit gesat ginn. Well mir waren der Meenung, datt de CIGL déi Aarbechten net géif fäerdeg bréngen. Well dat geet iwwer d'Méiglechkeeten, déi de CIGL huet, ewech.

**Accord à l'unanimité.**

**10.****Sports et loisirs.**

Règlement de police concernant les matchs de football – décision.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Mir wollten dem Gemengerot eist Polizeireglement virleeën, wat eis Fussballsmatcher, déi hei an der Gemeng zur Ausdroung kommen, betrëfft. Ech wëll präziséieren, datt dat de Veräiner eng ganz kloer Hëllef soll sinn. Firwat maache mer dat?

Mir wëllen u sech net waarden, datt eppes soll geschéien. Mir hoffen, datt et och ni zu Incidenten op de Fussballsterraine kënn. Mä et war bei verschidde Veräiner am Süden, am Osten an och am Norde vum Land, wou ganz schro Incidente waren a wou d'Fussballfederatioun de Veräiner, respektiv de Gemengeverwaltungen operluecht huet, fir esou ee Reglement auszuschaffen an domatter de gudder Verlaf vun de Fussballsmatcher ze garantéieren.

An dat Reglement wier och op alle Fussballsterrainen hei an der Gemeng applicabel, an dat fir déi gutt Uerdnung ze halen an och fir d'Interventioun vun der Force publique, am Fall wou, ze garantéieren.

Ech zitëiere verschidde Saachen aus dem Reglement:

Den Artikel 1 gesäit vir, datt ee bei esou Manifestatiounen u sech just Leit op deem Terrain an op déi Manifestatioun dierf hunn, déi en Entréesbilljee hunn, respektiv déi befugt si fir dohinner ze kommen. D'Police an den Organisateur sollen och d'Méiglechkeet hu fir verschidde Kontrollen ze maachen, déi appropriéiert sinn a wou si och appropriéiert Material hunn. Et wieren dat Kontrolle vu Visiteuren, déi ënner dem Afloss vun Alkohol, respektiv vu Stupéfiante stinn, respektiv déi Waffe bei sech droen oder geféierlech Géigestänn bei sech hätten oder Géigestänn bei sech hunn, déi liicht brennbar sinn, oder einfach am Fall, wou Visiteuren déi ëffentlech Uerdnung géife stéieren.

Den Artikel 2 gesäit ganz kloer vir – ech zitëieren net alles, mä ech picken nëmme verschidde Saachen do eraus - , datt d'Visiteuren an deem Fall gehale si fir sech un déi gutt ëffentlech Uerdnung ze halen a se net ze stéieren an och opgeruff sinn net aner Leit a Gefor ze bréngen, respektiv se ze genéieren, respektiv se unzepöbelen oder unzemaachen.

Wéi gesot, doduerch wieren se och dozou gehale fir sech un d'Uerder vun der Force publique, respektiv vun den Hëllefskräften ze halen, respektiv vum Sécherheidsdénsgsch vum Veranstalter, deen och responsabel ass fir de gudder Verlaf vun de Fussballsmatcher. Och ass am Reglement festgehalten, datt d'Forces de l'ordre, respektiv d'Sécherheidsdénsgschter zu all Moment Accès op verschidde Plaze mussen hunn, fir an de Stadion eranzekommen.

Am Artikel 3 si ganz kloer verschidde Verbueder fir d'Spectateuren ausgeswat. Do steet ënner anerem dran, datt et verbueden ass fir op d'Bauten eropzeklappen, respektiv sech do opzehalen, an datt se verschidde Spärgitteren net dierfe mathuelen. Si dierfen och keng Leederen, Bengelen, Ketten, Hockeren, Klappstill, respektiv Pancarten oder Fändelen, déi eng rassistesch oder xenophob Ideologie ausdrécken, bei sech hunn.

Weider dierfen d'Leit keng Waffen, keng gliese Flächen, keng Spraydouse mat gëftege Substanzen, bei sech hunn an och keng brennbar Produite matbréngen. Freedefeieren, Rakéiten, pyrotechnesch Material ass och verbueden mat ze bréngen. Och dierfen se keng Déiere bei sech hunn.

Dir frot iech elo, firwat ee keng Déieren dierf mat bréngen. Mä an deene Fäll, déi ech am Ufank zitëiert hunn, war et esou, datt verschidde Gruppe Pitbulle bei sech haten, an datt se déi op déi aner Gruppe gehetzt hunn. An et geet einfach drëm, fir dat ze verhënnere.

D'Spectateure musse sech och un d'Sécherheetsuerderen halen. Si dierfen och net einfach Saache verkafen, respektiv Quëten um Terrain maachen, respektiv bewosst d'Installatiounen verknaschten.

Dat wier a groussen Zich gesot, wat an deem Polizeireglement hei festgehalten ass an ech bieden de Gemengerot, fir dat Reglement hei ze stëmmen.

**Thein Joe (adr):**

Här Schäffen, ech wollt lech dann d'Fro stellen, op wierklech elo esou eng radikal Moosnam – wéi d'Policekräften anzesetzen – vun Néidegkeet ass. Well ech mengen, d'Police gëtt jo och op anere Plaze gebraucht. Ech ginn lech awer grosso modo Recht, datt bei esou Evenementer Ausschreidunge sinn. Mä ass dann do net eng Possibilitéit fir d'Sécherheeten do méi an déi Evenementer mat anzebannen? Well ech mengen, politesch Verhältnissen, mat Hooligans an hei an do, hu mer jo awer net grad.

Dann hunn ech nach eng aner Fro. Dir hutt grad gesot, Fändelen, respektiv Pancartë solle verbuede sinn, respektiv och Symboler mat rassisteschem Hannergrond. Wien definéiert elo, wat als rassistesch gëllt a wat net? Well ech mengen, mir kennen dat net nëmme hei, mä awer och besonnesch hei – an engem Land vun absoluter politischer Korrektheet ass séier eppes als rassistesch bestëmmt oder tituléiert, wat guer net esou ass. An ech mengen och e bësse Patriotismus am Fussball, respektiv déi Fändelskultur soll jo awer scho bestoe bleiwen. Well soss huele mer awer dem Fussball iergendwou säi Charme ewech.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Ech äntwären lech doropper mat engem ganz kloer « Jo ». A firwat? Ma déi Mesurë si vun der Fussballfederatioun imposéiert ginn un d'Gemengen, fir dat duerchzezéien. Well soss dierfte keng Matcher méi stattfannen. Wéi gesot, ech wëll et einfach net drop ukomme loossen, dass mer dat imposéiert kréien an dofir géif ech einfach déi Mesuren adaptéieren, déi Fussballfederatioun se deenen anere Veräiner operluecht huet.

Bei de Fändelen hutt Dir Recht. Mä wann d'Forces de l'ordre op der Plaz sinn, da sinn déi och an der Lag fir ganz kloer ze decidéieren, ob et rassistesch, respektiv xenophob Motiver sinn, déi op de Fändelen drop sinn.

**Thein Joe (adr):**

Mä wien definéiert, wat op esou engem Fändel rassistesch ass?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Wéi gesot, dofir sinn d'Forces de l'ordre do fir dat ze definéieren.

**Thein Joe (adr):**

Ech weess awer net, ob d'Forces de l'ordre, déi jo awer aner Kompetenzen hunn, sech och nach mat der Definitioun vun engem rassistesch Symbolen mussen ausernaner setzen. Ech mengen net, datt dat déi richteg Leit si fir dat ze bestëmme.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Wie soll et da sinn? Soll et ee vun eis sinn? Mir si bestëmmt och net déi richteg Leit.

**Thein Joe (adr):**

Neen, dat hunn ech jo och net gesot. Mä ech sinn der Meenung, datt e Verbuert vu Fändelen en Aschnëtt ass an d'Demonstratiounsfräiheet, respektiv an d'Symboliken. Ech mengen, et ass näischt Falsches dobäi, fir ënner anerem e Lëtzebuerger Fändel ze weisen, wann dann och nach grad Lëtzebuerg spillt, oder e lëtzebuergesche Veräin um Terrain ass. Dat gëllt och fir en anere Fändel. Ech mengen, et ass séier eppes als rassistesch definéiert. An ech sinn der Meenung, datt mer eis mussen eens ginn, wien dat bestëmmt. Well fir mech ass dat dem Fussball wierklech déi Charakteristik ewech geholl, déi de Fussball jo awer och gréisstendeels ausmécht.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Wéi gesot, hei geet net rieds vun engem allgemenge Verbuert fir d'Fändelen. D'FLF, déi imposéieren dat jo deene Veräiner, respektiv déi hu Propositionne gemaach. An ech bleiwen dobäi, datt dat awer de Forces de l'ordre, mat der FLF – wou ëmmer Leit op der Plaz sinn – hir Aarbecht ass, fir dat ze definéieren.

**Thein Joe (adr):**

Dat heescht, ech kann e Match kucke goen, wou ech de roude Léiw hannen op mengem T-Shirt hunn a vir steet dann och nach de Logo vu menger Partei drop?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Här Thein, ech wëll lech do net drop äntweren. Wann Dir lech awer definéiert als rassistesch oder xenophob, dann ass meng Äntwert net richtig.

**Thein Joe (adr):**

Neen, Neen! An do ginn ech och ganz rosen, an do sinn ech absolut dergéint, datt esou eppes hei gesot gëtt. An do wieren ech mech och dergéint. Ech hunn hei einfach nëmmen d'Fro gestallt, ob ech d'Recht hunn – an engem fräie Land, an enger fräier Gemeng – dierfen dat lëtzebuergescht Symbol vum roude Léiw ze weisen, an d'Symbol vu menger Partei, déi absolut keng rassistesch Partei ass, mä eng konservativ Partei.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Ech hunn lech jo elo ganz kloer dorobber geäntwert, Här Thein.

**Thein Joe (adr):**

Neen, Dir hutt mer net gesot, ob ech dierf oder net.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Ech ginn lech keng Autorisatioun, wat Dir sollt undoen. Frot do Är Mamm.

**Thein Joe (adr):**

Wien?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Frot Är Mamm. Wann Dir net wësst, wat Dir sollt undoen, da musst Dir Är Mamm froen.

**Thein Joe (adr):**

Wat ass dat awer eng Äntwert. Ech hunn lech hei eng ganz normal Fro gestallt, ob ech d'Recht hu bei engem Fussballmatch Symboler ze weisen.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Ech definéieren net, wat d'Leit unzedoen hunn, wa se op eng öffentlech Veranstaltung ginn.

**Thein Joe (adr):**

Neen. Da sot mer just, Jo oder Neen, dierf ech Symboler weisen?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Ech hunn lech klipp a kloer op Är Fro eng Äntwert ginn, Här Thein.

**Thein Joe (adr):**

O.K.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif emol ganz kloer soen, datt – wann Dir mat Ärem Logo vun Ärer Partei op e Match gitt – dat keen als xenophob, respektiv als rassistesch duerstellt. Esou datt ech géif mengen, datt déi Fro sech eriwweregt. Sollt awer een e Problem hunn, da si jo awer nach aner Leit do fir ze jugéieren, ob dat justifiéiert ass oder net. Ech hätt elo kee Problem domatter, wann Dir mat engem T-Shirt vun Ärer Partei géift dohinner goen. An ech mengen, déi meescht Leit hätt kee Problem domatter. Heimatter sinn aner Saache geméint a mir wësse jo, zu wat dat ka féieren, wann esou Ausschreidungen op eemol kommen. Dat ass och schonn hei zu Lëtzebuerg virkomm. Et mengt ee jo, datt dat ëmmer nëmmen am Ausland ka virkommen, mä dat ass awer och schonn hei zu Lëtzebuerg virkomm. An dofir ass et wichteg, datt ee sech Mëttele gëtt fir kënnen ze intervenéieren. A mat Sécherheet gëtt keen « abus de pouvoir » do gedriwwen. Mir ginn eis just mam Reglement eng Méiglechkeet fir wann et zevill bonnt gëtt an datt een da kann agräifen, esou wéi d'FLF dat gären hätt. Méi ass et net an Dir wäert gesinn, et gëtt an nächster Zäit och keen esou séier vum Terrain gesat. Mole mer elo emol net den Däiwel un d'Mauer.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Ech hu jo och dofir betount, datt ech hoffen, datt mer et ni brauchen ze applizéieren. Et ass wéi bei allem. Wann d'Leit de gesonde Mënscheverstand matbréngen, da brauche mer déi Saachen do ni ze applizéieren.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Wéi schonns hei gesot ginn ass, huele mer hei eng Rei Mesuren um Pabeier, déi eigentlech missten evident sinn, mä déi offensichtlech net fir jiddereen evident sinn.

Meng Fro hei ass éischer déi, et gëtt geschwat, datt de Veräin, d'Gemeng oder Forces de l'ordre kënnen intervenéieren. Mä wie kann da wierklech intervenéieren? Hunn d'Veräiner och d'Méiglechkeet, fir privat Sécherheitsleit ze engagéieren?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Selbstverständlech ass dat méiglech. U sech intervenéiere mer net direkt als Gemeng, well soss misste mer jo u sech dat bei all Manifestatioun maachen. Bei deene Manifestatioun sinn och ëmmer Offizieller designéiert. Dat verhënnert awer net, datt d'Veräiner d'Méiglechkeet hu fir Leit vu Sécherheitsfirmaen anzustellen, a sech selwer op déi Manéier eng appropriéiert Méiglechkeet ze ginn. An duerch dat Reglement wëlle mer de Veräiner och déi Méiglechkeet ginn, an datt ganz kloer Consignen do sinn, wéi wäit se sollen, respektiv kënnen goen. Mir wëllen einfach domatter verhënnern, datt Leit, déi u sech géint déi öffentlech Uerdnung verstoussen, soen, datt keen hinnen eppes ze soen huet. An dofir wëlle mer u sech ganz kloer Consignen definéieren.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Wien ass responsabel vun de Kontrollen, déi an den Entréeë gemaach ginn? Well do si jo verschidde Saachen, déi een



net dierf mat eran huelen. Ass de Club dofir responsabel, oder wien?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Dofir hunn ech dat jo elo gesot. Dat kann ee vum Veräi sinn. Mä mir ginn hinnen awer och d'Méiglechkeet fir vum Veräin aus ee Responsabelen ze nennen. Och vum Code civil aus kann e Veräi verschidde Saachen net maachen. An dofir hu mer jo gesot, datt mer deene Responsabele vum Veräin, respektiv de Forces de l'ordre d'Méiglechkeet ginn, fir dat adaptéiert kënnen ze kontrolléiere wann et da misst sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech ka jo verstoen, datt mer verschidde Reglementer mussen duerchzéien an och musse public maachen. Ech hu just bei enger Saach e Problem. Do steet am Reglement dran, datt ee keng Déieren dierf matbréngen. Dir hut och gesot, datt et Leit ginn, déi mat hire Pitbullen dohinner kommen. Dir sidd jo och éfters um Terrain an Dir wësst, datt och vill eeler Leit mat hirem Hond trëppele ginn an dann de Fussball kucke ginn. Dat heescht, mir hu schon net vill Visiteuren um Terrain, an da kommen déi Leit och net méi. Et ass ë bëssen delikat. Dir hut gesot, datt der hofft, fir dat net brauchen unzewennen.

Mä elo musse mer scho Schëlter aushänken, datt ee keen Hond méi dierf mat eranhuelen. D'Reglement muss jo da public gemaach ginn. Mä et kann ee jo awer net soen, datt – well ee mat engem Pitbull kënnt – guer kee méi dierf mat engem Hond erakommen.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Dir hut ganz kloer Recht mat deem, wat Dir sot. Dat hei ass einfach geduecht fir wa « matchs à hauts risques » sinn. An et ass natierlech un deene Responsabele fir ze jugéieren, wann de Pätter mat sengem Hond op de Fussball kënnt, op deen da mat sengem Hond dierf eran. Mä op där anerer Säit, wa « matchs à hauts risques » sinn, da musse mer deene Leit awer och d'Méiglechkeet gi fir ze soen, datt dat doten net geet.

Wéi gesot, dat war bis elo nach ni de Fall an ech hoffen, dass mer och ni an de Fall kommen. A wann een dat Reglement « en bon père de famille » applizéiert, dann ass dat O.K. an da stelle sech déi Diskussiounen net. Et ass just ëmmer traureg, datt mer verschidde Saachen ëmmer musse reglementéieren. Mä, wéi gesot, domatter hunn déi Leit awer och d'Méiglechkeet fir kënnen adaptéiert ze reagieren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Da kréie mer awer Problemer mat deem Ganzen. Well wann et am Reglement steet an et ass en einfache Match, an da kënnt awer eng Persoun mat esou engem Hond, an et ass dann och nach ee vun der FLF op der Plaz – well d'Arbittere gi vun der FLF kontrolléiert – an dee gesäit dann déi Situatioun, da kritt der den Terrain gespaart.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Den Terrain kréie mer awer doduerch net gespaart.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mä et gétt awer eng Strof.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Dat ka sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et muss ee wëssen, wéi delikat dat Ganzt ass. Wann am Reglement dra steet, datt ee keen Hond dierf matbréngen, da

muss dat och esou duerchgezu ginn. Well soss kréie mer awer ganz onglécklech Situatiounen.

Ech schwätzen zwar elo d'Hënn un, mä et ass am grouse Ganzen e bëssen delikat. Et ass ze verstoen, datt een de Leit eng Méiglechkeet gétt, fir kënnen duerchzegräifen, well mer vill Matcher hu wou Problemer sinn. A bei klenge Matcher kann et och virkommen, datt et eng Kläpperei gétt.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Selbstverständlech ass et delikat. Mä et ass just traureg, datt mer mussen iwwerhaupt op dee Wee goen a verschidde « cas de figures » virgesinn. Ech sinn honnertprozenteg mat lech averstanen. Mä wa mer dat Reglement net hunn, an et geschitt eppes, da riskéiere mer awer ganz kloer, datt mer den Terrain gespaart kréien.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Well jo vun der Sécherheet geschwat gétt, wollt ech froen, ob Dir scho mam Pétenger Fussball wéinst deem Zelt geschwat hut.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Dat hunn ech gemaach an ech hunn hinne wärmstens un d'Häerz geluecht, dass dee Schandfleck op där Plaz soll verschwannen. An d'lescht Woch hunn ech och deene Leit, déi am Fusiounsboot setzen, gesot, datt ech gären hätt, datt se dat entweder sollen adaptéiert maachen oder et sollen ewechhuelen. Ech war do ganz formell.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Da soen ech lech Merci. Well et geet jo och dobäi ëm d'Sécherheet vun de Leit.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Do hut der och vollkomme Recht. Wéi gesot, et ass e Schandfleck an alles anescht wéi eng Visitëkaart vun eiser Gemeng.

**Gira Carlo (CSV):**

Am Reglement steet, datt mer fir Gedrénks musse Becheren aus Kartong oder Plastik benotzen. Hätt een hei net kënnen e Schratt méi wäit goen a schreiwen, datt ee recycléiert Becheren oder Pfandbechere muss benotzen.

Da froen ech mech och nach beim Problem vun den Hënn, ob een do net awer soll den Text erweideren, an zwar, datt déi Leit – déi behënnert sinn – e Begleethond dierfe matbréngen.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Et ass dat e « cas de figure », dee sech effektiv ka stellen. Mä wa mer e Match hätten, deen « à hauts risques » wier, da geet d'Federatioun jo och hinn a seet, datt et net recommandéiert wier, datt Leit mat enger Behënnerung sollen dohinner goen. Ech weess, datt dat elo net korrekt ass, wat ech soen, mä déi Leit vun der Federatioun gi jo net fir näischt esou Recommandatiounen eraus.

Wat elo déi biodegradabel Becheren ugeet, esou hu mer dowéinst Kartong drageschriwwen, well dat an deem Sënn soll sinn, datt se biodegradabel kéinte sinn. Firwat hu mer och elo nach de Plastik dobäigeschriwwen? Virun enger Zäit, wou ech nach net hei souz, wollte verschidde Gemengen zesummen op de Wee goe fir bei Manifestatioune Plastikbecheren ze organiséieren, déi erëm kéinte gespullt ginn. Mä do waren awer verschidde Gemengen der Meenung, datt et besser wier, fir « cavalier seul » ze maachen. An ech bedauern, datt et net dozou komm ass, fir zesummen eppes

ze maachen. Wa mer als Kordallgemengen op dee Wee gaange wieren, dann hätten se eis esouguer hir Spullanlag an d'Proximitéit gesat.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wëll nach eng Kéier op déi Geschicht mat den Déieren agoen. Generell – wann et verbueden ass fir Hënn matzebréngen – sinn duerch d'Gesetz d'Begleethënn weider erlaabt. Hënn, déi eng behënnert Persoun begleede fir se ze an hirem Handicap ze ënnerstëtzen, sinn d'office vun där Reglementatioun ausgeschloss. Esouguer wa mir do schreiwen, datt d'Hënn verbuede sinn, kéinte mer hinnen d'Matbréngé vum Begleethond net verbidden, wa se eis en Auswäis virleeën. Ech géif mengen, datt dat gesetzlech geregelt ass a mir kënnen dat och net duerch e Gemenge-reglement verbidden. An ech mengen, de Mënscheverstand ass bei jidderengem grouss genuch fir ze soen, datt déi Persoun mat deem Hond dierf eragoen.

#### **Rosenfeld Romain (CSV):**

Dat Reglement hei gouf gemaach, fir datt déi Responsabel vum Fussball eng Handhab hu fir iwwerhaupt d'Police kënnen ze ruffen. Nëmme wann eng Persoun géint e Reglement verstéisst, da kommen se och dohinner.

Dat heite Reglement begrenzt sech elo nëmmen op Terrainen, wou Fussball gespillt gëtt. Mä et kann och an enger Hall, wou Handball, Volleyball oder all aner sportlech Manifestatiounen stattfannen, zu Problemer kommen. Dofir kéint een dat heite Reglement op all sportlech Manifestatiounen ausleeën an net nëmmen op de Fussball.

Wat d'Hënn ubelaangt, esou ass et iwwerall verbuede fir a Sportshalen, op Sportsinstallatiounen, Déieren oder Hënn matzehuelen. Grad wéi et verbueden ass, fir mat Vëloer ronderëm ze fueren. Dat brauch net extra hei an engem Reglement ze stoen. Dat ass schonn ëmmer esou gewiescht. Wann elo eng Persoun säi Mippche matbruecht huet, dann huet en e matbruecht. Mä verbueden ass et. Du kanns och net an enger Sportshal mat engem Hond op de Gradin goen. Oder an eng Schwämm, do kann een den Hond jo och net mathuelen. Et ass einfach verbuede fir en Hond mat op eng Sportsinstallatioun ze huelen. Dat war schonn ëmmer esou.

An all déi aner Saachen an deem Reglement sinn, fir datt se eng Handhab hu fir eventuell kënnen d'Forces de l'ordre ze ruffen.

Ech fannen et och net gutt, datt een an der Deliberatioun, déi mer elo hei virleien hunn, just ee Match erauspickt. Mir haten an deene leschten 2 bis 3 Joer eng etlech Saachen hei am Land. D'Fraleit hu sech mat de Schong op d'Stir geschloen, an esou wieder.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Ech hunn och bewosst dofir déi Nimm hei net zitëiert. Mä menges Wëssens war et ee Veräin aus dem Süden, een aus dem Osten an een aus dem Norden. Et ass u sech all Regioun betraff. Ech ginn awer och dem Här Rosenfeld vollkommene Recht mat senger Interventioun. Et soll keng Kujenade si fir d'Veräiner. Wann ech gutt informéiert sinn, da besteet och schonn esou ee Polizeireglement fir eis zoue Sportinfrastrukturen.

#### **Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech wollt kuerz op déi biodegradabel Becheren agoen. Do war am Kordall e Projet geplangt, mä dat ass jo dunn net gaangen. Mä firwat gi mir dann als Gemeng Péteng net awer op dee Wee? Déi aner Gemengen hunn et jo och gemaach.

Da wollt ech nach eng Bemierkung zum Biodegradabele maachen. Zu Rodange an der Schwämm hu se och

Becheren aus Plastik a keng biodegradabel. An dat huet mech wéini degoutéiert an dat fannen ech net an der Rei, wa mir dat als Gemeng selwer net maachen. Bei de Veräiner ass dat eng aner Saach, mä wa mir als Gemeng et emol net applizéieren, dann ass dat fir mech keen Thema méi.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Egal watfir eng Matière, datt mer huelen, soll dat am Konsens mat de Veräiner geschéien. Dat gehéiert fir mech net an e Polizeireglement. Ech ka mer net virstellen, datt e Veräin d'Police rufft, wa si Plastikbecheren huelen. Da solle mer mat hinne verhandelen, fir datt se dat anert huelen. An do solle mer wa méiglech e Modus vivendi mat alle Veräiner fannen. An déi éischt Schrëtt si scho gemaach a mir solle versiche fir e Konsens ze fannen. Ech mengen net, datt déi Saach an e Polizeireglement gehéiert. E Polizeireglement ass do – an den Här Rosenfeld huet dat och gesot – fir dem Organisateur eng Handhab ze gi fir d'Police ze ruffen, wann e mengt, datt eppes net esou geet wéi et soll an et besteet e Risiko fir déi aner Zuschauer. An an deene Fäll soll dat Reglement hinnen d'Méiglechkeet gi fir d'Police ze ruffen. An dat Reglement hei gëtt hinnen déi Méiglechkeet.

All dat anert solle mer elo op enger anerer Plaz regelen an net iwwer e Polizeireglement. Ech fäerten och, datt den Distriktskommissariat eis seet, datt esou Saache guer net an e Polizeireglement gehéieren.

Ech ginn lech awer Recht, datt mer solle kucken, datt mer esou vill ewéi méiglech där biodegradabel Becheren hunn. A wann dat an der Schwämm net sollt de Fall sinn, da solle mer nokucken, firwat dat esou ass. Well mir sollen als Gemeng mam gudde Beispill virgoen. Do ginn ech lech Recht.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Madame Conzemius, Dir hutt Recht. Ech huelen un, datt Dir vun deene Plastikbechere schwätzt, déi fir ewechzegeheie sinn. Natierlech ass dat keng gutt Léisung. Mir kënnen och op de Wee goen, datt mer där haart Plastikbechere kréien, mä mir hunn awer de Moment net de Moyen fir déi adaptéiert ze spullen. Mir mussen och oppassen, datt mer déi haart Becheren net op eemol verkomme loosson an datt déi net propper sinn an d'Leit sech eppes oprafen.

Esou wéi de Buergermeeschter et gesot huet, soll een am Konsens mat de Veräiner versichen eng Léisung ze fannen.

#### **Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech wëll lech awer soen, datt et eng Firma gëtt, déi di Becheren automatesch siche kënnt. An op deene Bechere kënnt de Logo vun der Gemeng drop. A virun 2 Joer – leider waard Dir dunn nach net Schaffen – hunn ech dat schonn hei an d'Gemeng eraginn. Ech hoffe just, datt et awer elo an där Saach e Fortgang gëtt an datt mer déi Saach dann elo ee fir allemol kréien.

A bei deene biodegradabele Becheren, déi an der Schwämm sinn, gëtt et och anerer. Do kritt een zum Beispill beim Minettkompost Becheren, déi sech mat der Zäit zersetzen. Also dierft et kee Problem sinn.

A bei deenen haarde Becheren, déi gespullt musse ginn, brauche mir kee Spullweenchen. Déi Firma kënnt déi Bechere siche fir se ze spullen. An dat wier e Projet, dee mer sollen ugoen. An dat brauch net an engem Reglement ze stoen, mä et soll een et de Veräiner just d'Häerz leeën.

#### **Breyer Roland, Schaffen:**

Ech wollt der Madame Conzemius just eng Kéier den Historique vun deene Becheren erklären. Et war e Projet do an dee war am Sikor diskutéiert ginn. Et sollt e Projet

« Sikor » ginn an op de Bechere sollt de Wope vun deene 4 Gemengen dropkommen. Mir waren eis alleguerten eens, fir op dee Wee ze goen, well et muss een och eng gewësse Quantitéit vun deene Bechere huelen. Well et geet net duer, fir nëmme 1.000 där Bechere ze huelen, mä et hätt een der 10.000 missten huelen. Déi Fraise wieren tëscht deene 4 Gemengen opgedeelt ginn. An do huet déi Déifferdenger Gemeng – op Impuls vun deene Gréngen – fonnt, datt et hinnen ze laang géif daueren. Si hunn dunn hiren eegene Projet developpéiert. Du sollt Péteng zesumme mat Käerjeng e Projet maachen. A wou et fäerdeg war, hu si och hiren eegene Projet gemaach an elo sëtzt Péteng alleng do.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Dat ass awer keen Argument, datt mir hannendrun hänken.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Et ass vläicht keen Argument an dofir kucke mer jo fir Léisungen ze fannen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Et ass eng gréisser Manifestatioun hei an der Gemeng, an dat ass den Télévie. An do gétt opgepasst, datt lauter biodegradabel Saachen do sinn. Da kritt déi Institutioun « Fir e gudden Zweck Gemeng Péteng » déi Sue manner, mä et ass eis dat wäert, fir an esou Produiten ze investéieren, am Intressi vun eiser Ëmwelt.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Mir hunn am Moment nach keng rechtlech Handhab, fir de Veräiner dat opzeerleeën.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

An déi kréie mer souwisou net.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Dofir muss dat jo och net an deem Reglement stoen. Et ass dat op fräiwëlleger Basis a wat der de Veräiner kéint matdeelen. Mä et ass net fir ze soen, datt mir - wa mir selwer an eisen Institutiounen näischt esou hunn - dat net solle kréien. Dat ass fir mech keen Argument.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Dowéinst kann dat nëmme stattfannen duerch e gemeinsame Konsens, wou mer zesummen diskutéieren a versiche Léisungen ze fannen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech waarden dann drop, datt dann endlech dee Projet elo emol kënnt. Well ech hunn dat scho virun 2 Joer hei op der Gemeng ofginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Bei all Bréif, dee mir bei all gréisser Manifestatioun un d'Veräiner verschécken, schreiw mer dran, datt mer hinne wierklech un d'Häerz leeë fir esou Material – wéi Dir et elo hei sot – ze gebrauchen. An all déi Leit, déi elo haut heibanne ronderëm den Dësch setzen, si jo och Veräinsleit. A wa schonn emol all déi Veräiner, wou mir dra sinn, sech un déi Spillregelen an déi Wënsch halen, dann hu mer déi Saache schonn an deene meeschter Veräiner ëmgeseet. An et ass och esou, datt och d'Gemeng sech muss drun halen. Do ginn ech lech Recht. A wann dat net sollt de Fall sinn, da musse mer dat änneren. Well mir solle mam gudden Beispill virgoen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et ass effektiv e bëssen déck opgedroen, dat ass richtig. Et muss ee bedenken, datt mir awer hei Amateure sinn. Mir

hunn net déi grouss Stadionen, wéi am Ausland. Mä fir d'Sécherheet ze garantéieren ass och op klengen Terrainen néideg.

Den Här Mertzig huet gesot, datt dat vun der Federatioun géif kommen. Mä mat hinnen hu mer awer net ëmmer eis gutt Erfahrung gemaach. Well si hunn et scho fäerdeg bruecht, fir bei schloem Reen de Leit de Prabbeli ofzehuelen. Ech hoffen, datt et awer hei net esouwäit kënnt.

Vun den Offiziellen, déi an der Keess kontrolléieren, esou kënnen dat och nëmme Leit vun enger Sécherheitsfirma sinn, déi dat maachen. Dat ass emol meng Aschätzung. Well d'Veräiner si scho frou, wa se iwwerhaupt een hunn, dee Billjeeë kontrolléiert oder een an der Keess setzen hu fir d'Entrée opzehiewen.

Wann een elo keng Déieren dierf mat op den Terrain huelen, da musse sech och elo vill Leit ëmstellen. Well mir kennen alleguerte Leit, déi hire kleng Mippche mat op den Terrain bréngen. Dat si net elauter Pitbullen. Mä wat ech awer net gutt fannen, dat ass, datt d'Leit sech zur Gewunnecht gemaach hu fir grouss Hënn mat ze bréngen. An da leeën se deen op den Terrain. Den Hond ass zwar roueg, wann de Linieriichter laanscht leeft. Mä wann den Hond deen awer eng Kéier géif an d'Wued bäissen, da gi se gewuer, wat e Pond Kiische kascht.

Ech gesinn awer och e puer Problemer. Ech nennen do zum Beispill d'Rodanger Buvette. Do gétt an der Buvette selwer d'Gedrénks a Glieder zerwéiert. Wie kontrolléiert dann elo, wann déi Cliente mat hire Glieder zur Buvette erausginn an dann op den Terrain ginn?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Do läit d'Responsabilitéit ganz kloer beim Veräin. Si hunn opzepasst, datt kee mat de Glieder aus der Buvette erausgeet. Am Reglement hu mer hinne schonn d'Méiglechkeet ginn, datt se kënnen a Glieder zerwéieren. Mä da läit et och ganz kloer an der Responsabilitéit vum Veräin, dass kee mat Glieder a Fläschen – op mannst während der Manifestatioun – erausgeet.

Bei deene groussen Hënn, déi op der Linn leien, ass d'Reglement jo indirekt och e gudden Moyer, fir dat kënnen ze ënnerbannen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Dat ass ganz richtig. An den Här Rosenfeld huet et ganz gutt resuméiert. Dat hei ass, fir eng Handhab ze hu wann eng Kéier eppes geschitt. An Dir wësst jo, datt ee wuel eng Handhab huet, mä et muss een ëmmer d'Police ruffen, egal wat geschitt. Well mir sinn eis bewusst, datt de Veräin awer nun emol net esou vill Handhab huet. Et muss ëmmer alles iwwer d'Police lafen.

**Accord par 15 voix et 1 abstention (adr).**

**Thein Joe (adr):**

Mir haten elo eng ganz lieweg Diskussioun iwwer dëse Sujet. Mir hu ganz verschidden Aspekter ugeschwat. Éischtens hunn ech jo déi Saach mam Patriotismus kritiséiert. Dann déi aner Saach mat den Hënn, do kann ech alle Spriecher absolut Recht ginn. Ech fannen et net gutt, datt mer soen, datt nëmme eng bestëmmte Kategorie vun Hënn net dierfen op den Terrain goen an déi aner kréien et erlaabt. Dat géif souwisou zevill Chaos ginn.

Da sinn ech der Meenung, datt déi eenzeg gutt Saach an deem Reglement tatsächlech d'Sécherheitsprozeduren, respektiv d'Precautioun sinn. Awer ech mengen, wann

eppes éierens geschitt – an dat kann iwwerall sinn a mer kréien déi Fäll jo och net ganz op Null gesat – da sinn ech der Meenung, datt d'Police ëmmer ka geruff ginn. Firwat mussen mer dann ëmmer alles iwwerreglementéieren a mir müssen nach e Reglement do drop setzen. Ech mengen, dat hält dee ganze Charme awer vun esou engem Fussballmatch ewech. An dofir wëll ech meng Enthaltung domatter begrënnen, datt ech soen, ech sinn d'accord, datt mer eng verstärkte Sécherheet fir Spiller organiséieren an dat an Zesummenaarbecht mat der Police eventuell a virun allem mat der Securicor a mat de Veräiner. An ech sinn awer dogéint aus deene genannte Grënn.

### 11.1.

#### Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière à Lamadelaine (migrations des batraciens) – confirmation.

##### Breyer Roland, Schäffen:

Wéi all Joer mussen mer hei e Reglement huelen, fir datt d'Fräsch an d'Mouke sécher iwwer d'Strooss kommen. Et ass dat op dem Wee « Im Gieschtfeld » zu Lamadelaine, deen op de Fëschweier geet, an dee vun elo u vun owes 9 Auer bis mueres 7 Auer fir de Verkéier gespaart bleift. Duerno gëtt d'Barrière dann erëm opgemaach an et dierf een erëm do fueren.

##### Thein Joe (adr):

Wa mer elo iwwer d'Leit geschwat hätten, dann hätt ech ganz kloer gesot, mir bräichten eng limitéiert, selektiv a kontrolléiert Immigratioun, respektiv hätte mer missten d'Exilimmigratioun vun de Lëtzebuurger op déi no Grenze stoppen. Mä well et hei nëmmen ëm Fräsche geet, ass dat jo kee Problem.

Och sinn ech der Meenung, datt déi Fro berechtigt ass, wéi de Verkéier an där dote Situatioun wäert verlafen. Do mussen jo da gewësse Moosname geholl gi wat de Verkéier ugeet.

##### Breyer Roland, Schäffen:

Ech mengen, et sinn elauter eenheemesch Fräsch, déi do trëppelen. An déi kennen d'Reglement schonn zanter Joeren.

**Confirmation à l'unanimité.**

### 11.2.

#### Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière à Rodange (chantier dans l'avenue Dr Gaasch) – confirmation.

##### Breyer Roland, Schäffen:

Während 18 Méint sinn am Bloberg Aarbechte virgesinn, well Demolitiionsaarbechte vu Gebaier, esou wéi de Bau vun neien Haiser geplangt sinn.

D'Firma kritt eng Bande fir d'Installatioun vum Schantjen. Et muss och aus Holz e geschützten Iwwerdaach fir d'Foussgänger gemaach ginn. Et kënn och en Zebrasträifen dohinner fir datt de Foussgänger op déi aner Stroossesäit ka kommen. De Stationement ass natierlech rondëm de Schantje verbueden. D'Strooss ass liicht méi schmuel a wann emol gréisser Betonsaarbechte stattfannen, da kéint de Verkéier mat Luuchte reglementéiert ginn. Déi Saach hu mer normalerweis an all Reglement drastoe fir datt mer – fir de Fall wou – net erëm eng Kéier misste mat engem neie Reglement an de Gemengerot kommen.

Bei dësem Schantje wäerten awer héchstwahrscheinlech ni Luuchten a Fro kommen. Et ass schonn esou arrangéiert, datt et oui Luuchte misst funktionéieren.

##### Gira Carlo (CSV):

Ech hätt u sech eng allgemeng Fro. Mir hu jo déi leschte Kéier dat neit Taxereglement gestëmmt. Falen déi heiten elo nach ënnert dat aalt Reglement, och wann d'Aarbechten elo nach undauern, oder gëtt och an deenen heite Fäll dat neit Reglement direkt applizéiert?

##### Breyer Roland, Schäffen:

Esoubaal d'Reglement aus der Stad erëm ass, gëtt et applizéiert. Mir hunn och scho verschidde Saachen ëngesat. Esou muss een eng Protectioun fir de Foussgänger maachen, soss kritt ee keng Bautegenehmigung. Do kënnen mer also schonn direkt reagéieren. An esou séier wéi d'Taxereglement aus der Stad approvéiert erëm ass, gëtt et och applizéiert.

**Confirmation à l'unanimité.**

### 11.3.

#### Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière à Pétange (chantier dans la route de Longwy) – confirmation.

Hei zu Péteng an der Lonkescher Strooss, tëscht der rue Jean-Pierre Kirchen an der rue des Acacias, ass nach eng fräi Plaz gewiescht an do ass eng Demande erakomm fir do kënnen ze bauen. Well dat op enger Staatsstrooss ass, si mer tributär vun de Ponts et Chaussées. Si waren och mat op d'Plaz. Do gëtt d'Strooss e bësse méi schmuel gemaach an eng « bande de chantier » gëtt amenagéiert, an dat um aktuellen Trottoir. Dofir gëtt en neien Trottoir fir de Foussgänger amenagéiert, dee mat enger Palissade aus Holz geschützt gëtt. Doduerch gëtt d'Strooss op där Plaz méi enk. Si bleift awer nach breed genuch fir datt de Verkéier ka weider lafen. Vis-à-vis vum Schantjen dierf keen Auto méi stationéieren. A wann do alles respektéiert gëtt, da misst de Verkéier normal kënnen lafen.

##### Thein Joe (adr):

Mir haten an engem vun deene leschte Joeren hei Rieds, datt dat Ganzt sollt iwwer en Drot ofgeschiermt ginn.

##### Breyer Roland, Schäffen:

Hei kënn eng hëlze Palissade op béid Säite vum Wee. De Foussgänger geet u sech duerch en Tunnel. Et ass keng Palissade aus Drot hei geplangt. E bësse méi héich ass e Gitter, mä dat ass do, wou si eran op hire Schantje ginn, a wou de Schantjen och beliwert gëtt.

De Foussgänger geet am Fong baussen, op engem neien Trottoir, laanscht de Schantjen.

##### Scheuer Romain (déi gréng):

Ech weess net, op hei am Text net vläicht eppes dra steet, wat net stëmmt. Well do steet «La circulation des piétons sera interdite le long du chantier ». Da mussen mer dat awer änneren. Well et gouf jo elo gesot, datt se duerch eng Zort Tunnel kënnen laanscht de Schantje goen.

##### Breyer Roland, Schäffen:

Et dierf een net um Schantje selwer laanscht goen. Et gëtt jo en extraen Trottoir amenagéiert. Et ass awer vläicht e bësse schlecht ausgedréckt. Mä et gi Leit, déi hunn ëmmer d'Tendenz fir déi Reglementatiounen net ze beuechten a si wëlle queesch derduerch lafen.

D'Leit mengen heiansdo, si misste weider op deem alen Trottoir goen. Well dee bleift jo bestoen, mä wann d'Gitter emol e bëssen opsteet, dann dierf awer do keen eragoen. Well et gi Leit, déi wëllen ëmmer dee kierzte Wee aschloen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Am Text steet och dran « un passage de piétons provisoire sera aménagé » bei der Jean-Pierre Kirchen Strooss. Da brauche mer dee jo awer net ze maachen. Well en ass schonn net ganz glécklech op där Plaz.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Domatter ass e Foussgängersträife gemengt, iwwert deem d'Foussgänger op déi aner Stroossesäit kënnen goen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Jo, mä wann der deem op déi dote Plaz maacht – well et ass jo direkt hanner der Kéier – an et kënn en Automobilist do erausgefuer, dann ass séier eppes geschitt. Well den Automobilist huet jo nëmme en Dräieck fir eraus.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass dat eng Situatioun, wéi se op ville Plazen ass.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Jo, mä hei ginn dann d'Schüler alleguerten iwwer d'Strooss ewéi d'Mécken.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et muss ee jo net iwwer deem Zebrasträife goen. Et besteet jo nach eng hëlze Palissade fir laanscht de Schantjen ze goen. Et muss een net op déi aner Stroossesäit goe fir laanscht de Schantjen ze kommen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mir schwätzen nach eng Kéier driwwer, wann eppes geschitt ass.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Här Scheuer, mir hu praktesch hannert all Kräizung e Foussgängersträifen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Jo, mä Dir gesitt jo all Daach d'Situatioun, wéi a wéivill Schüler do lafen. D'Diskussioun hu mer souwisou ëmmer mat deene Schantercher, datt mer net virukommen. Mä et muss een awer och kënnen agesinn, datt dat eng geféierlech Situatioun ass. Egal op déi vu Rolleng erausfueren, oder wann d'Schüler iwwer d'Strooss ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech hu mer elo emol de Plang ugekuckt. Ech war d'lescht Woch jo net do. A wann ech de Plang elo kucken, dann ass eng Palissade am Holz virgesinn. D'Fro ass just – wann ech de Plang méi genee kucken – da steet och do eng Chantierstoilette drop. Et ass méiglech, datt eng hëlze Palissade nëmme bausse laanscht ass, fir d'Protectioun vum Schantjen ze maachen, an net fir de Foussgänger.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dann ass et jo elo schonn net méi sécher. Well hei steet « la circulation des piétons sera interdite le long du chantier ».

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo, dat kéint elo d'Interpretatioun sinn. Ech hunn elo de Plang interpretéiert, deem ech elo hei virleien hunn. An et muss net esou sinn, datt et e « passage pour piétons » ass. Bei deem aneren ass et kloer définéiert. Et schéngt mir och elo esou ze

sinn – wann ech de Plang méi genee kucken – dass effektiv 2 Foussgängersträifen do sinn. Een op der Héicht vun der rue des Acacias an een op der Héicht vun der rue Jean-Pierre Kirchen, an datt laanscht de Schantjen net dierf getrëppelt ginn. Et schéngt mer esou ze sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et ass jo net, datt ech lech elo wëll e Virwurf wéinst deem ganze Schantje maachen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech hu mech hei irleede gelooss. Ech war d'lescht Woch net do an ech konnt net mat de Leit schwätzen. Si hunn hei e Plang gemaach, op där d'Palissade am Holz drop steet. An ech hunn et esou interpretéiert, datt déi Palissade eng Protectioun fir de Foussgänger wier. Dat schéngt mer awer schlussendlech net de Fall ze sinn. Well et ass och eng Toilette op där Protectioun agedroen. Esou datt mer vun de Pons et Chaussées dat net esou autoriséiert kritt hunn. Well soss hätt déi Strooss nach emol méi schmuel misste gemaach ginn an da wier et net méi oppaange mam Traffik.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Jo, well hir Baubude stinn och laanscht d'Strooss.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wéi gesot, dat hei ass e Schantjen op enger Nationalstrooss. Wann et op enger Gemengestrooss ass, da kucke mer ëmmer, fir hëlze Palissaden dohinner ze kréie wou et nëmme geet an de Foussgänger ze schützen. Hei hu mer awer eng Staatsstrooss an do huet d'Vorie de l'Etat d'Soen. A wann elo nach déi Bande gemaach gi wier, da wier d'Strooss nëmme méi 5 Meter breed gewiescht an de Verkéier wier schwéierlech do laanscht gaangen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Beim « Metropole » ass et och eng Staatsstrooss. Dat dote war awer keng gutt Erklärung, Här Breyer.

**Breyer Roland, Schäffen:**

De Stat decidéiert awer ëmmer virun eis. Mir kënnen keng « autorisation de voirie » ginn. Beim Metropole hu si et accordéiert, well mer do eng Einbahnstrooss hunn an d'Gegebenheeten aneschtens sinn.

Op der Porte Lamadelaine leeft de Verkéier awer a béid Richtungen.

Ech entschëllege mech, ech hat dat falsch interpretéiert. Déi hëlze Palissade schéngt net fir de Foussgänger ze sinn. De Foussgänger ass also forcéiert, fir op déi aner Stroossesäit ze goen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech soen lech Merci, datt Dir dat nach eng Kéier nogekuckt hutt.

**Confirmation à l'unanimité.**

**11.4.**

**Transports et communications.**

Règlement d'urgence de la circulation routière à Rodange (chantier dans la rue Charlotte) – confirmation.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Zu Rodange an der Charlotte-Strooss gëtt och eng Residenz gebaut, an do geet et och drëm fir en traditionellt Règlement

ze confirméieren. Do ass och « circulation des piétons interdite le long du chantier » an d'Stationéieren ass och déi aner Säit vum Schantje verbueden. Do kënn och eng « protection du chantier » dohinner an d'Strooss gëtt ëm 3 Meter méi kuerz gemaach. Si bleift u sech nach ronn

4,5 Meter op. Et gëtt och eng Plaz amenagéiert, iwwer déi d'Camionen de Schantje kënnen ufueren.

**Confirmation à l'unanimité.**

## Gemeinderatssitzung vom 30. März 2015

### Anwesend:

<b>Mellina Pierre</b> , Bürgermeister (CSV)	<b>Breyer Roland</b> , 1. Schöffe (CSV) <b>Conter-Klein Raymonde</b> , 2. Schöffe (CSV) <b>Mertzig Romain</b> , 3. Schöffe (LSAP)
<b>Arendt Patrick</b> (CSV) <b>Conzemius-Holcher Josette</b> (CSV) <b>Gira Carlo</b> (CSV) <b>Polfer John</b> (CSV) <b>Rosenfeld Romain</b> (CSV)	<b>Brecht Guy</b> (LSAP) <b>Gonçalves Cátia</b> (LSAP) <b>Stoffel Marco</b> (LSAP)
	<b>Becker Romain</b> (déi gréng) <b>Scheuer Romain</b> (déi gréng) <b>Tockert Claude</b> (DP) <b>Thein Joe</b> (adr)

### Abwesend und entschuldigt:

<b>Pierre Norbert</b> (LSAP)
------------------------------

#### 1. und 2.

Die Punkte 1 und 2 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

#### 3. - Forstwirtschaft

Förster Christian Berg gab Erläuterungen zum Arbeitsplan für das Jahr 2015 bezüglich der Gemeindewälder – Information.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

#### 4. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Schöffe Roland Breyer gab Auskunft über die soziale Immobilienagentur „Kordall“.

#### 5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in Höhe von 7.566.701,15 Euro (Jahr 2014) und 624,05 Euro (Jahr 2015) – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### 5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Designation einen neuen Präsidenten des Ausschusses für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Zeremonien und Tourismusförderung - Beschluss.

Geheime Abstimmung:

Ja: 13 Stimmen  
Leere Stimmzettel: 2 Stimmzettel  
Ungültige Stimmzettel: 1 Stimmzettel

Folglich wird Frau Josette Holcher verh. Conzemius als neue Präsidentin des Ausschusses für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Zeremonien und Tourismusförderung genannt.

#### 6.1. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Kaufs von Grundstücken gelegen in der rue Bommert in Petingen von der Gesellschaft Agilis sàrl - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### 6.2. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich der Abtretung eines Grundstücks am Standort avenue de la Gare in Lamadelaine an Frau Julie Philippart - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### 6.3. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks gelegen in der rue de la Piscine in Petingen von Frau Elisabeth Cruchten - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### 6.4. - Liegenschaften.

Konvention welche den Firmen Kachelmann GmbH sowie CLT-UFA S.A. erlaubt, eine Wetterstation in der Gemeinde Petingen aufzustellen - Bewilligung

Bewilligung einstimmig.

#### 7.1. - Soziales.

Konvention bezüglich des Betriebs des Sozialamtes Petingen im Jahr 2015 - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 7.2. - Soziales.

Gewährung einer Halbtagsbeschäftigung für die Beschäftigten (m/w), welche unter dem SAS-Statut eingestellt sind, dies im Anschluss an einen Mutterschaftsurlaub bzw. eine Elternzeit – Grundsatzentscheidung.

Beschluss einstimmig.

### 7.3. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Frau Guerra Ribeiro Stéphanie zwecks einer Gemeindewohnung in der rue Prince Jean Nr. 2 in Pétingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

### 8.1. - Stadtplanung.

Bewilligung eines Kostenvoranschlags über 40.000 Euro zwecks Aufstellung von Pollern in der Umgebung des Sportzentrums Bim Diederich in Pétingen sowie Abstimmung über einen Spezialkredit – Beschluss.

Beschluss einstimmig .

### 8.2. - Stadtplanung.

Konvention mit der Firma City Image bezüglich der kostenlosen Zurverfügungstellung einer LED-Werbetafel – Bewilligung.

Bewilligung mit 13 Ja-Stimmen, 2 Gegenstimmen (déi gréng) und 1 Enthaltung (adr).

### 9. - Tourismus.

Bewilligung des vom CIGL Pétingen vorgestellten Kostenvoranschlags über 45.433 Euro zwecks Erneuerung des Zugangsweges zur Doihl-Grube und Abstimmung eines Spezialkredites über 46.000 Euro – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10. - Sport und Freizeit.

Verordnung bezüglich der Fußballspiele – Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja-Stimmen und einer Enthaltung (adr).

### 11.1. - Transport und Kommunikation.

Dringlichkeitsverordnung bezüglich des Straßenverkehrs in Lamadelaine (Froschwanderung) – Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

### 11.2. - Transport und Kommunikation.

Dringlichkeitsverordnung bezüglich des Straßenverkehrs in Rodange (Baustelle in der avenue Dr. Gaasch – Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

### 11.3. - Transport und Kommunikation.

Dringlichkeitsverordnung bezüglich des Straßenverkehrs in Pétingen (Baustelle in der route de Longwy) – Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

### 11.4. - Transport und Kommunikation.

Dringlichkeitsverordnung bezüglich des Straßenverkehrs in Rodange (Baustelle in der rue Charlotte) - Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

## Questions des conseillers communaux

## Réponses du collège des bourgmestre et échevins

### Question écrite du 2 février 2015 de M. Patrick Arendt (CSV):

Betrëfft: Maison Relais

1. D'Eltere mussen e Certificat de travail ofginn ier se eng Plaz fir hiert Kand zougesécher kréien. Nodeems ech mat der zoustänneger Schäffin geschwat hunn, sinn ech gewuer ginn, datt dat eemol d'Joer ass.
  - a. Mussen se deen direkt bei der Aschreiwung ofginn oder kënnen se deen noreechen? Ech géif et wichteg fannen, dat direkt bei der Aschreiwung ze behandelen.
  - b. Ech géif et wichteg fannen, wann een dat bi-annuel, also zweemol am Joer freet. Einfach fir deenen Elteren entgéint ze kommen, déi op eng Plaz waarden a vläicht déiselwecht ongerechter Weis net zougesprach kréien.
2. En anert Thema sinn d'Stagiaren an der Maison Relais. Ech wollt drop hiweisen, datt et eng Konventioun vum Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle, dee vum Direkter vum LTPES representéiert gëtt, wou een als Gemeng kann ënnerschreiwten, besteet an déi beseet, datt een engem Praktikant(in) d'Méiglechkeet gëtt an engem pädagogesche Kader an och just fir pädagogesch Zwecker hier Aktivitéiten, déi se am

Kader vun hirem Stage maachen, ze filmen. Hei geet et eben drëms, fir zesumme mam Stagiaire ganz geziilt säi Verhalen duerno ze analyséieren an dem Stagiaire eng Chance ze gi fir dat opzegräifen an ze verbesseren. Et ass natierlech wichteg, datt hei de „secret professionnel“ vun alle Persounen, déi hei implizéiert sinn (den Tuteur vum Stagiaire, den „enseignant de pratique professionnelle du lycée“, d'Institution selwer, d'Adressaten an eben och de Stagiaire u sech) respektéiert gëtt. Kënnt et dann elo zu där gefilmten Opnam, da mussen nach all déi Acteuren eng eenzel Fiche ënnerschreien, wou si sech dat bewusst ginn, an den Accord vun den Eltere muss natierlech och virleien, wann dat net schonn duerch eng Klausel an der Info-Fiche am Ufank vum Joer drasteet. All déi Dokumenter hunn ech vum Lycée technique pour professions éducatives et sociales zougesecht krut. De Film gëtt dem Direkter zougestallt an et ass och a sengem Numm, datt dofir gesuergt gëtt, datt déi néideg Diskretioun ugewannt gëtt an de Film duerno, nom Stage, geläscht gëtt.

Wéi gesot, ech géif et wichteg fannen, datt eis Gemeng dës Konventioun ënnerschreift, datt mir prinzipiell d'accord sinn, datt esou Iddien an eisen Institutione mat allen noutwennegen Accorde kënnen ugewannt ginn. Well et geet jo hei schliisslech ëm d'Zukunft vun der Aarbecht an eisen Haiser an et geet drëms, fir dem Stagiaire eng beschtméiglechste Formatioun unzebidden.

- a) Wéi steet de Schäfferot zu dëser Saach?
- b) Ass de Schäfferot domatter d'accord, datt ech dës Formularen integral un eise Schoulservice weiderleeden, fir datt si se kënnen deenen eenzelnen Haiser weiderginn an am beschten och kuerz dës Informatioun mat an déi intern Educateursversammlungen eranhuelen an och beschwätzen. Well wann ech am Kader vu menger Aarbecht zu Nidderkuer selwer kee Stagiaire am Moment gehat hätt, da géif ech emol näischt vun dëser dach neier, a virun allem interessanter Méiglechkeet wëssen.

### **Réponse écrite du 10 mars 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

De Schäfferot wollt lech folgend Äntwerte ginn:

- 1.a.) D'Eltere mussen eis ee rezente „Certificat de travail“ direkt bei der Aschreiwung ofginn, esou wéi et am Reglement vun de Maisons Relais virgesinn ass.
- 1.b) Déi rezent „Certificats de travail“ vun den Eltere gi just eemol d'Joer gefrot, an zwar zum Zäitpunkt, wou d'Aschreiwung vum Kand fir dat neit Schouljoer konfirméiert muss gi vun den Elteren. De Schäfferot ass der Meenung, et soll ee keen zevill ee groussen administrativen Opwand aféieren; bedéngt duerch d'Reglement mussen all Changementer vun den Elteren der Direktioun matgedeelt ginn. Esou datt mir ëmmer um leschte Stand misste sinn.  
  
Dobäi kënnt, datt – wann een Elterendeel seng Aarbecht verléiert – de Schäfferot dës Famill net wëll an eng onméiglech Situatioun bréngen. Sou gëtt dësen Elteren d'Plaz fir hiert Kand während ongeféier 3 Méint garantéiert fir den Elteren ze erlaben, hirer Situatioun kënnen entgéint ze wierken (Virstellungsgesprécher, Demarché bei der ADEM, asw.). An de Kanner gëtt doduerch eng Stabilitéit an eng Kontinuitéit erméiglecht.
2. De Fall gesat, datt mir Stagiairë vum LTPES hätten, da géif de Schäfferot selbstverständlech d'Konventioun mat den zoustännege Partner ënnerschreien. Et mécht deemno weineg Sënn, an der aktueller Situatioun dës Formulairë weider ze ginn. D'Direktioun wäert dann zum gegebenen Zäitpunkt eist Personal iwwer dës Méiglechkeet an d'Bild setzen. Mir wollten lech awer Merci soe fir dës konstruktiv Denkestëss.

### **Question écrite du 14 février 2015 de M. Joe Thein (adr):**

Betrëfft: Sharepoint

D'adr huet nom regelméissege Suivi vun den Aarbechten an de Gemengekommissiounen iwwer d'Méiglechkeet vum Sharepoint schonn e puermol festgestallt, datt dësen net up-to-date ass, an een hei deelweis méi archivéiert Berichter aus de Joeren 2011, 2012 an 2013 fënnt, wéi déi aktuell Rapporten an Dokumenter aus dësem a leschem Joer. Well den Intressi fir d'Aktualitéit, an de Suivi vun der politescher Aarbecht vun eise Verrieder an de Kommissiounen der adr awer besonnesch wichteg sinn, freet d'adr mat dësem Schreiwes gäre bei lech no:

1. Wisou ass de Sharepoint bezüglech de Rapporten aus de Gemengekommissiounen net up-to-date, respektiv wisou sinn net all aktuell Dokumenter online disponibel?

### **Réponse écrite du 9 mars 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

De Programm Sharepoint ass jo ënner anerem dofir geduecht, datt de Gemengeconseiller sech hei kann e.a. och déi aktuell Rapporten vun de Gemengekommissiounen ukucken a verschaffen.

Eist Gemengesekretariat setzt regelméisseg d'Rapporte vun de Gemengekommissiounen, déi se kréien, op de Programm Sharepoint.

Et ass och nach ze bemierken, datt et kloer Regele ginn, a watfir engem Delai d'Rapporte mussen dem Gemengesekretariat virgeluecht ginn.



**Question écrite du 14 février 2015 de M. Joe Thein (adr):**

Betrëfft: Parken &amp; Kontroll

D'adr ass elo schonn ëfters op Parksituatiounen an eiser Gemeng opmierksam gemaach ginn, wou eng Interventioun vun der Gemeng néideg ass, fir dës net ganz agreabel Ëmstänn enger Léisung zouzeféieren. Bei der Primärschoul zu Rolleng ginn d'Behënnerteparkplazen – ouni entspreichend Certificatioun – zougeparkt, zu Péteng op der Maartplaz gëtt de Parking ëfters vun Hëllef- a Fleegedéngschter besat, an zu Rodange bei der Kierch parken ëmmer méi Betriibscamionetten op de wéinegen a begrenzte Parkméiglechkeeten, déi do sinn. Zulescht spillt déi grouss Stroosसानéierungsaktioun an der Gemeng, an de progressive Frontalierswuesstem eng weider bedeitend Roll an dëser aktueller Problematik. D'adr ass fir eng biergerfrëndlech Gemeng, wou den Awunner an de Client aus, an an der Gemeng, eng Parkplaz fënnt a plädéiert fir eng praktesch Strategie, déi de Besoinen entsprécht. D'autant plus betrëfft dës Situatioun och den Aarbechtsberäich vun eise Gemengepecherten, wou d'adr frou wier, wann d'Koordinatioun an d'Organisatioun vun dësem Service och vum Schäfferot déi richteg an adequat Ënnerstëtzung géif fannen. D'adr freet aus dësen a jeene Grënn beim Schäfferot ëm eng Äntwert:

1. Interesséiert sech de Schäfferot fir déi aktuell lokal Problematik, déi d'adr an dësem Bréif beschriwwen huet, a wat sinn déi entspreichend Léisungsvirschléi ärsäits? D'adr wier frou, wann de Schäfferot konkret politesch Detailer an Informatiounen zu den aktuellen an zukünftige Parkverhältnissen a –méiglechkeeten, dem ëffentlechen Transport, dem bessere Service géintwuer de Gemengenawunner, der Frontaliers-situatioun an dem Geschäftsberäich vun de Pecherte kéint ginn.

**Réponse écrite du 11 mars 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

Wéi Dir an de leschte Gemengerotssëtzunge mat kritt hutt, ass jo leider ee vun eisen Agenten (vun der „Zone bleue“) gestuerwen an een anere war iwwer eng méi laang Zäit krank gemellt.

Bei 55 Km Strooss an enger Nuetschicht an der Woch, sinn d'Méiglechkeete begrenzt fir iwwerall Präsenz ze weisen. Dës Situatioun wäert sech am Laf vun dësem Joer doduerch verbesseren, dass en neien Agent den 1. Abrëll 2015 ufänkt, an en zweete spëtstens am Hierscht wäert vum Gemengerot nominéiert ginn.

Am neie Verkéiersreglement, dat vum Gemengerot gestëmmt gouf, gëtt de Parking résidentiel ausgebaut, esou datt eis Awunner a Cliente vun de Geschäfte nees méi fräi Parkplaze fannen. Hëllef- a Fleegedéngschter stationéiere meeschtens bei hirem Schichtwiessel (moies fréi, an der Mëttesstonn an am Laf vum Owend) fir eng kuerz Zäit op ëffentleche Parkplazen an der Pétenger Gemeng. Betriibscamionetten dierfen no 18.00 Auer net méi an de Stroosse vun der Gemeng stationéieren.

De Schäfferot krut vum Minister Bescheid gesot, datt en Opfangparking – an enger éischter Phase – vun 300 Plaze bei der Gare zu Rodange gebaut gëtt. Doriwuer eraus ginn zu Rodange an der avenue de la Gare weider 31 Parkplaze geschaf. An der rue de la Minière, déi ausgebaut gëtt, kommen och nach eng ronn 100 Parkplazen derbäi.

Am Kader vun der Erneuerung vum Zentrum vu Rodange wäert d'Zuel vun deene Parkplazen, déi scho bestinn, och net méi kleng ginn. Zu Rolleng gëtt de Parking bei der Gare no Aussoe vun den CFL och vergréissert.

De Schäfferot hat den 10. März 2015 eng weider Reunioun mat den Nopeschgemengen, wou iwwer den Thema „Grenzgänger“ diskutéiert ginn ass. Wat den ëffentlechen Transport ubelaangt, ginn d'Trajete vum TICE ab September optimiséiert an et gëtt dru geduecht fir e Ruffbus anzeféieren.

# Séance publique du 29 avril 2015

**Durée de la séance: 15.00 à 17.45 heures**

**Présents:****Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV)**Breyer Roland**, 1<sup>er</sup> échevin (CSV)  
**Conter-Klein Raymonde**, 2<sup>e</sup> échevin (CSV)  
**Mertzig Romain**, 3<sup>e</sup> échevin (LSAP)**Arendt Patrick** (CSV)  
**Conzemius-Holcher Josette** (CSV)  
**Gira Carlo** (CSV)  
**Polfer John** (CSV)  
**Rosenfeld Romain** (CSV)**Brecht Guy** (LSAP)  
**Gonçalves Cátia** (LSAP)  
**Stoffel Marco** (LSAP)**Becker Romain** (déi gréng)  
**Scheuer Romain** (déi gréng)**Thein Joe** (adr)**Absents et excusés:****Pierre Norbert** (LSAP), **Tockert Claude** (DP)

# ORDRE DU JOUR

## Séance à huis clos (15.00 heures)

1. Personnel: Démission volontaire d'une éducatrice diplômée - décision.
2. Enseignement: Demandes de dérogation au règlement d'occupation des postes - décision.
3. Enseignement musical
  - 3.1. Classement de deux chargés de cours (m/f) - décision.
  - 3.2. Ratification d'un contrat de travail avec un chargé de cours (m/f) - décision.
4. Affaires sociales: Démission volontaire d'une salariée au service d'aide aux devoirs à domicile - information.

## Séance publique (15.30 heures)

5. Communication du collège des bourgmestre et échevins.
6. Administration générale: Approbation des titres de recettes - décision.
7. Propriétés
  - 7.1. Approbation du compromis portant sur l'acquisition de la part de la société « Acasa » sàrl de terrains dans la rue des Jardins à Pétange - décision.
  - 7.2. Approbation du compromis portant sur l'acquisition de la part de la société « Atrium Promotion » sàrl d'un terrain dans la rue du Clopp à Rodange - décision.
  - 7.3. Approbation du compromis portant sur l'échange avec la société « C.V.R.N. Réalisations » S.A. de terrains au lieu-dit « rue Nic. Biever » à Rodange - décision.
  - 7.4. Approbation du compromis portant sur un échange avec la société « Rollénger Weiheren » sàrl de terrains au lieu-dit « Um Bremtgen » à Lamadelaine - décision.
  - 7.5. Approbation de l'acte portant sur l'échange avec la société « NITA » SCI de terrains dans la rue de la Terre Noire à Rodange - décision.
  - 7.6. Approbation de l'acte portant sur la vente à la société « PKP Promotion Immobilière » sàrl d'un terrain au lieu-dit « chemin de Brouck » à Rodange - décision.
  - 7.7. Approbation de l'acte portant sur l'acquisition de la part de la société « Immo Concept Plus » sàrl d'un terrain dans la route de Longwy à Rodange - décision.
  - 7.8. Approbation de l'acte portant sur l'acquisition de la part de la société « ASA Bâtiments » sàrl de deux terrains au lieu-dit « chemin de Brouck » à Rodange - décision.
  - 7.9. Approbation de l'acte portant sur l'acquisition de la part de M. Daniel Santarini et Mme Régine Rink de deux terrains dans la rue de la Montagne à Lamadelaine - décision.
  - 7.10. Approbation de l'acte portant sur la vente à M. Paul Steinmetz et Mme Marie Yvette Graul d'un terrain dans l'avenue de la Gare à Lamadelaine - décision.
8. Personnel: Création d'un poste de salarié (m/f) dans la carrière de l'ouvrier pour les besoins du service des espaces verts - décision.
9. Enseignement
  - 9.1. Liste d'ancienneté des instituteurs (m/f) de l'année scolaire 2014/2015 - décision.
  - 9.2. Approbation du bilan des Classes de Neige 2015 - décision.
10. Affaires sociales
  - 10.1. Approbation de la convention pour l'année 2015 concernant le fonctionnement du Centre de rencontre et d'informations pour jeunes « Pétenger Jugendhaus » asbl - décision.
  - 10.2. Approbation du devis concernant l'installation de panneaux acoustiques et l'acquisition de mobilier de rangement pour la Maison Relais de Pétange et vote d'un crédit supplémentaire - décision.
11. Environnement
  - 11.1. Approbation du devis pour le diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la Commune - décision.
  - 11.2. Approbation de la convention avec l'asbl Valorlux pour les systèmes de collectes sélectives d'emballages - décision.
12. Ordre public: Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion des braderies de 2015 - décision.
13. Jumelage: Approbation du protocole d'intention de jumelage avec la Ville de Schiffweiler (Allemagne) - décision.
14. Sports et loisirs: Approbation de la convention avec le club de football FC Rodange 91 pour la mise à disposition de deux terrains de football, des installations et de la buvette à Rodange - décision.
15. Transports et communications
  - 15.1. Approbation du nouveau concept « PEBUS » et vote d'un crédit spécial - décision.
  - 15.2. 2<sup>e</sup> lecture d'un règlement d'urgence de la circulation à Rodange (chantier dans l'avenue Dr Gaasch) - décision.

# COMPTE RENDU

## 1. à 4.

**Les points 1 à 4 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

## 5.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dir hutt vläicht dobaussen anuecht geholl, datt am Zentrum vu Péteng d'Luuchten nei gemaach ginn. Dat ass e Projet, deen d'Gemeng 2013 an 2014 gestëmmt huet, an dat fir eng Gesamtzomm vun 250.000 €. Do sinn d'Aarbechten amgaangen. Heiansdo funktionéieren d'Luuchten, heiansdo och net. An d'Leit froe sech, wat do lass ass. Dofir wollte mer elo hei déi spontan Explikatiounen ginn a méi spéit och nach erklären, wéi de System richteg leeft.

Mer hunn zwou versate Kräizunge gehat bis elo, déi just mat engem Lien verbonne waren. Dat heescht, vun enger Direktioun op déi aner war e gewëssen dynamesche Versteesdemech tëscht deenen zwou Luuchten. Dat war awer net iwwerall op sämtleche Kräizungen de Fall. Et war geduecht, fir datt mer méi Dynamik sollen drakréien, datt déi Luuchten op den zwou Kräizunge synchron matenee reagéieren. Dofir muss de Verkéier erfaasst, gezielt a regléiert ginn, de Bus muss seng Prioritéite behalen an de Foussgänger soll och seng Chance kréien. Dofir mussen elo nach verschidde Verbindunge gemaach ginn an dowéinst ginn och iwwerall Grief gemaach. Et mussen nach Schläife mat agebaut ginn. Déi Testaarbechte kënnen bis 3 Méint dauere bis dat alles agespillt a regléiert ass.

Wann d'Luuchten de Moment funktionéieren, dann ass den Automobilist ee Moment an enger neier Situatioun wou e muss een Abléck op enger Plaz stoe bleiwen, wou e soss konnt derduerch fueren. Dat ass eben esou fir ze regléieren an ze testen. Wat wichteg fir de Foussgänger ass – och provisoiresch – dat ass, datt e muss drécke fir gréng ze kréien. Virdrun huet en dat net musse maachen. Elo muss en dat maachen, well soss kritt e keng gréng Luucht. A wann en dréckt, da kritt en en akustescht Signal, datt et gespäichert gouf. An et dauert maximal 2 Minutte bis en d'äerf iwwer d'Strooss goen. Dat ass wichteg, datt mer dem Foussgänger Bescheid soen. E soll sech net opreegen an iwwer d'Strooss lafen. Dat wier verkéiert. Fir de Rescht gëtt et lues a lues besser. A spéitstens wann d'grouss Vakanz bal eriwuer ass, wäerte mer eng besser Situatioun hei zu Péteng hunn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir hunn de Rapport vun eisem Containerpark virleien. Dat heescht, vun eisem Recyclingzenter. Do hate mer 2014 44.700 Visiteuren, wat bis elo e Rekord duerstellt. Et ass e Plus vun 2.224 Leit géintiwwer deene Joere virdrun. Mir hunn am ganzen 3.566 Tonne gesammelt, wat och e Rekord ass. Wat och e Plus vun 342 Tonnen ass géintiwwer dem Joer virdrun. Wie gäre méi Detailer hätt, dee kann am Ëmweltamt den detailléierte Rapport kucke goen.

Dann hu mer och en detailléierte Rapport vu Biomonitor virleien. Dat ass u sech dee Rapport, wou mer eis Loftwäerter moosse loossen a wou mer de Bläi an de Molybdene moossen. Do ass näischt Spezielles ze soen. D'Wäerter si stabil bliwwen am Verglach mat de Joere virdrun. Déi Wäerter, déi festgestallt goufen, sinn op eng

„charge historique“ vun der Ëmwelt zeréckzeféieren. Beim „risque de santé collectif“ steet do, datt de Niveau ganz niddereg ass. Et soll een awer d'Geméis aus dem Gaart wäschen – esou wéi och op anere Plazen - fir datt d'Wäerter nees positiv sinn.

Mer hu vun Nova-Naturstrom d'Joer nees en Certificat kritt, well mer ausschliisslech op gréng Stroom zeréckgräifen.

## 6.

**Administration générale.**

Titres de recettes aux montants de 14.114.021,92 euros (année 2014) et 141.989,71 euros (année 2015) – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeester:**

Hei hu mer haaptsächlech déi lescht Recetten, déi mer am Joer 2014 kritt hunn. Dat sinn nach eng Kéier 14.114.021,92 €. An dann och schonn déi éischt Recett fir d'Joer 2015 iwwer 141.989,71 €.

Wat et zu de Recett vum Joer 2014 ze soe gëtt ass, datt mer nach ëmmer net déi lescht Tranche vun engem Subsid vum Bau vum Reeniwwerlafbecken um Rond-point Porte Lamadelaine kritt hunn. Dat sinn 271.000 €. Mer hunn de Subsid vun 72.500 € kritt fir den Hybridwues um Pétenger Fussballsterrain, dee mer virun 2 Joer ageweit hunn.

Eng Saach, déi mer am Budget virgesinn hunn, waren déi 1,5 Milliounen Euro vum Pacte Logement, déi mer geholl hu fir op där aner Säit – wat de Précoce, wat d'„Ecole Bloberg“ ubelaangt - mat ze finanzéieren.

Mer hunn de Solde vum 4. Trimester an och d'Avance vum 4. Trimester an och de ganze Solde krut vun der „Dotation de l'Etat“. Dat si ronn 10 Milliounen Euro. Mer mussen awer feststellen, datt et 200.000 € manner si wéi dat, wat mer opgrond vun der Circulaire vum Inneministère an eisem rektifizéierte Budget stoen haten. Gott sei Dank hu mer awer bei der Gewerbesteier e gutt Stéck weider kritt, esou datt dat sech nees kompenséiert.

Mer hunn, op där aner Säit, eng supplementar Avance iwwer 300.000 € fir d'Maison Relais vum Joer 2014 krut. Do bleift nach e Solde ze bezuelen.

Mer hunn och de Remboursement kritt vun de Peie vum Office social. Der wësst, datt mir déi virstrecke well si am Office social detachéiert sinn. Dat si knapps 487.000 €.

Och wat d'Musekschoul ugeet, hu mer zwou Parte vum Inneministère kritt, déi equivalent sinn. Et ass vum „Fonds communal“ vun de Gemengen a vum Kulturministère. Et waren all Kéier eng 453.600 €, wat eng Zomm vun 907.000 € am ganze mécht. Mer haten 950.000 € am Budget virgesinn. Also leie mer och do liicht ënner deem, wat mer eigentlech am rektifizéierte Budget virgesinn haten.

Mer hunn och eng ganz Rei Remboursementer krut, an dat opgrond vun Interventiounen, déi mer gemaach hunn. Dat ass vun eise Chargé de Coursen, déi nach zu Laaschte vun der Gemeng gefall sinn an de leschte Joeren. Dat geet zum Deel op d'Joer 2010 zeréck. Dat hu mer vum Educatiounsministère erëmkritt. An zwar een Deel vun de Peie vun de Chargé de Coursen, déi bei eis ugestallt sinn. Dat wäert awer an den nächste Joeren op Null auslafen, well – wéi der wësst – zënter dem 1. Juni an opgrond vun der Entscheidung, déi mer haut

geholl hunn, nach just 2 Persounen am Grondschulunterricht sinn, déi vun eis ugestallt sinn a wou mer zu 2/3 rembourséiert kréien. Dat ass engersäits de Musekslehrer Henri Kleren an andersäits eng Diplomerzéierin, déi och elo an den nächste Wochen a Méint – spéitstens awer wann de Ministère deen Arrêté geholl huet – vum Educationnsministère, also vum Staat, iwwerholl ginn. Mer hunn do nach e Solde ze kréien. Et bleift net méi allzevill op vun de Joere virdrun. Et bleift awer nach den Deel, dee mer musse rembourséiert kréien. Dat e bëssen d'Explikatioun vum deene 14,114 Milliounen Euro. Dat gëtt eis d'Méiglechkeet, dëst op den 30. Abrëll ofzeschléissen, an da wäerte mer iech och am nächste Gemengerot d'Resultat vum Joer 2014 presentéieren.

**Approbation à l'unanimité.**

## 7.1.

### Propriétés.

Compromis portant sur l'acquisition de la part de la société «Acasa sàrl» de terrains dans la rue des Jardins à Pétange - approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm d'gratis Ofriede vun engem Promoteur, an dat am Kader vun enger Baugenehmung. Dat ass an der Sektoun A an der rue des Jardins zu Péiteng. Dat gëtt alles an d'Voirie integréiert. Et si 27 Centiar, also näischt Grousses, mä et war am Kader vun der Baugenehmung esou virgesinn. Wa mer dee Compromis guttgeheescht hunn, da kënnen mer och den Akt maachen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 7.2.

### Propriétés.

Compromis portant sur l'acquisition de la part de la société «Atrium Promotion sàrl» d'un terrain dans la rue du Clopp à Rodange - approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et och ëm eng weider Cessioun, déi mer vun engem Promoteur kréien am Kader vun enger Baugenehmung. Hei geet et um 46 Centiar, déi mer dann an d'Voirie integréieren.

**Approbation à l'unanimité.**

## 7.3.

### Propriétés.

Compromis portant sur l'échange avec la société «C.R.V.N. Réalisations S.A.» de terrains au lieu-dit « rue Nic. Bieber » à Rodange - approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm en Tosch vun Terrainen vun engem Promoteur. Mir ginn engersäits 1,38 Ar of, kréien op der aner Säit 0,68 Centiar cedéiert. De Präis vum Ar gëtt all Kéier mat 750 € gerechent, well et zur Voirie gehéiert. Dat heescht, fir dat, wat mir oftrieden, kréie mer 1.032 €; wat mir ofgetruede kréie kascht eis 510 €, esou datt e Betrag bleift vu 525 €, déi de Promoteur eis am Kader vun dësem Tosch muss bezuelen. Och hei geet et drëm fir dat ze regulariséieren am Kader vun enger Baugenehmung.

**Approbation à l'unanimité.**

## 7.4.

### Propriétés.

Compromis portant sur l'échange avec la société «Rollènger Weiheren sàrl» de terrains au lieu-dit «Um Bremtgen» à Lamadelaine - approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei schaffe mer scho méi laang drun, an zwar ass dat bei de Rollenger Weiheren. Do soll eng Situatioun regulariséiert ginn, déi schonn zënter de fofzeger Joere besteet, well déi Terrainen, op deenen d'Chaleten dropstinn, der Gemeng gehéieren. D'Chalet goufe vun anere Leit drop gestallt. Mir hunn ëmmer versicht, deen Terrain ofzetrieden un d'Sàrl Rollènger Weiheren, wat awer net esou einfach war.

An der Tëschenzäit huet déi Sàrl déi Weiere selwer kaf, esou datt si an de Besëtz koume vun enger ganzer Rei Terrainen an och vun engem Deel vum Parking, dee bei d'Weihere féiert. Mir hunn elo mat hinnen arrangéiert, datt mir hinnen en Terrain oftriede wou de Chalet dropsteet. Op där aner Säit géifen si eis en Deel vun der Parkplaz, déi virdrun ass, oftrieden, esou datt et en Tosch ass vun Terrainen, dee „sans soude“ wäert sinn. Mer mussen dat ausmoossen an en Akt maachen, an dat ass alles zu Laaschte vun de Rollenger Weiheren, esou datt d'Gemeng keng Onkäschten huet an datt d'Gemeng e liicht méi groussen Terrain kritt ewéi deen, deen se ofgëtt, esou datt et eng Situatioun ass, wou mir e klenge Gewënn hunn.

Op där aner Säit kann ee soen, datt mer dat endlech regulariséiert hunn an datt dee Chalet endlech um Terrain vun der Péitenger Gemeng steet, wou ëmmer nach eng Verantwortung vun der Gemeng Péiteng mat am Spill war, well et eisen Terrain war. Wann de Gemengerot deem zoustëmmt, hätte mer dat da regulariséiert.

#### Thein Joe (adr):

Ech hätt just eng Fro, déi mech géif interesséieren. Déi fofzeger Joere si jo elo laang hir. Wéi konnt et méiglech sinn, datt deemools Chaleten op deen Terrain gebaut goufen, wou jo awer den Terrain am Besëtz vun der Gemeng war an de Gemengerot respektiv d'Gemengeverwaltung sech jo awer ëm déi Terraine bekëmmert?

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et war am Fong geholl esou, datt e Fëscherclub sech dorëms gekëmmert huet. An esou wéi dat och op aner Plazen ass – a mer si jo amgaangen, regelméisseg esou Saachen ze regulariséieren – huet dee Fëscherclub d'Erlaabnis krut fir de Chalet drop ze bauen. An der Tëschenzäit huet de Besëtzer awer geännert an et ass eng Sàrl, eng „société commerciale“, déi dat bedreift. An do menge mer awer, datt mer net méi an deem Film sinn ewéi bei enger Asbl, wou d'Veräiner am Fong op dem Terrain vun der Gemeng Aktivitéite maachen. Hei si mer awer an enger gewerblecher Prozedur, an do menge mer, mer missten dat regulariséieren.

Mer hunn och nach aner Plazen, ewéi zum Beispill bei den Hondsfrenn vu Lamadelaine. Si hunn och en Terrain vun der Gemeng zur Verfügung gestallt kritt an hunn och e Chalet drop gesat. Do hu mer eng Relatioun tëscht engem lokale Veräin an der Gemeng. Beim Weier hu mer awer eng Relatioun tëscht enger kommerzieller Gesellschaft an der Gemeng, an do muss een awer aner Dispositiounen gëlle loossen ewéi dat beim Veräinsliewen de Fall ass.

#### Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hunn d'Fro, ob deen neie Propriétaire d'Recht huet, dat ëmzebauen, esou datt en alles méi konform huet an de

Commerce ka weiderféieren op eng legal Aart a Weis. Wa mir den Terrain iwwerhuele fir de Parking, gëtt deen dann ëmgeännert, esou datt deen uerdentlech ausgesäit an net esou bleift, wéi e momentan ass?

An da wollt ech froen, ob der wësst, wéi de Weier duerno weidergefouert gëtt. Ob d'Moyenen nach ëmmer besti fir datt se Waasser kréien an d'Veieren nach kënnen normal gefouert ginn. Oder si se do nach ëmmer blockéiert mat deem System, datt se kee Quellen- oder Baachwaasser kréie fir dat weider ze féieren?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also ech huelen emol un, well se jo awer déi Weiere fir e gewëssene Präis kaf hunn, datt si sech awer déi noutwenneg Garantië ginn hu fir do kënnen weider ze fueren. Si hu jo wahrscheinlech näischt kaf wat se duerno musse brooch leie loosse. Ech war selwer an enger Reunion mat derbäi, wou si iwwer d'Waasserverwaltung diskutéiert hunn. An do sinn d'Pisten opgezeechent gi mat der „Gestion de l'eau“ fir dat weiderhin ze bedreiwen. Ech mengen, et ass och am Intressi vun der Attraktivitéit vun deem Site, datt et och ka gemaach ginn. De Präis war schonn zimlech héich, wéi se dat kaf hunn, an ech huelen un, datt si sech do awer déi néideg Garantië gi gelooss hunn.

Wat den Ëmbau vun deene Chaleten ugeet, do musse mer eis natierlech un déi Konditiounen halen, déi do virgesi sinn. An deem Deel, deen an der Gréngzone läit, gëllen natierlech aner Konditiounen wéi an deem Deel, deen an enger aner Zone läit. Mer wëssen awer, datt an de „plans sectoriels“ d'Veieren eigentlech net méi an der Gréngzone leien, esou datt do aner Dispositiounen méiglech si wéi déi, déi de Moment nach gëllen.

Wat de Parking ubelaangt, esou si mer eis deem och bewusst. Mä mer konnten net vill maache well den Terrain eis just zur Halschent gehéiert huet. Mer hätten net kënnen en hallwe Parking frësch maachen. Elo, wou mer dee ganze Parking hunn, wäerte mer deen awer och komplett erneieren, well mer hunn do awer och déi ganz Verantwortung wann een eppes un engem Auto futti mécht. Mer wäerten deen natierlech amenagéieren, awer am Respekt vun den Oploen, déi do an där Zone sinn. Dat heescht, wann et Gréngzone bleift, da wäerte mer dat anescht mussen erneieren ewéi wann et keng Gréngzone ass. Mer wäerten do en anstännege Belag huelen, oni awer alles zou ze betonéieren.

**Approbation à l'unanimité.**

**7.5.**

**Propriétés.**

Acte portant sur l'échange avec la société «NITA» SCI de terrains dans la rue de la Terre Noire à Rodange - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Elo komme mer zu verschiddene Acten, wou mer de Compromis schonn am Gemengerot haten. Deen éischten ass en Acte, wou de Compromis op den 10. September 2014 zeréckgeet an dee mer de 17. November 2014 am Gemengerot haten. Hei geet et ëm en Tosch vun Terrainen an der rue de la Terre Noire zu Rodange, an dat mat engem Promoteur, deen eng Residenz gebaut huet a wou mer en Deel vun den Terraine kréien. Deen aneren Deel triede mer u si of. Dat geet och „sans soude“ iwwer d'Bühn. Den Acte ass opgestallt. Et geet elo drëm fir dee guttgeheeschen. An dann ass den Tosch och valabel.

**Approbation à l'unanimité.**

**7.6.**

**Propriétés.**

Acte portant sur la vente à la société « PKP Promotion Immobilière » sàrl d'un terrain au lieu-dit « Chemin de Brouck » à Rodange - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do geet et och ëm en Acte vun enger „contre-emprise“ am Kader vun enger Baugenehmegung mat engem Promoteur, wou mer och de Compromis de 5. November 2014 ënnerschriwwen hunn an deen och hei am Gemengerot war. Et ass en Terrain vun 78 Zentiar, dee mer un de Promoteur oftrieden. De Verkafspräis ass, wéi ëmmer, mat 750 € den Ar gerechent. Dat ginn da 585 €.

**Approbation à l'unanimité.**

**7.7.**

**Propriétés.**

Acte portant sur l'acquisition de la part de la société « Immo Concept Plus » sàrl d'un terrain dans la route de Longwy à Rodange - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do geet et och ëm en Acte vum Akaf vun engem Terrain, dës Kéier am Kader vun engem PAP. Dee PAP ass op den 18. Oktober 2007 datéiert. Et ass en Immobiliekomplex, deen an der route de Longwy zu Rodange gebaut ginn ass. Dat waren zwou Residenzen, déi do entstanen sinn. Do kréie mer am Kader vun deem PAP – esou wéi dat am PAP virgesi war – 11,77 Ar gratis ofgetrueden. Do ass eng Spillplaz hanner de Residenzen an och dee Parking, deen tëscht de Gebaier läit, déi mer ofgetruede kréien. Mer haten de Compromis schonn hei am Gemengerot. Den Acte hu mer den 11. März 2015 ënnerschriwwen, an dee soll elo guttgeheescht ginn, esou datt déi Transaktioun rechtsgültig ass a mer dann och an de Besëtz vun där Parkplaz an där Spillplaz kommen.

**Approbation à l'unanimité.**

**7.8.**

**Propriétés.**

Acte portant sur l'acquisition de la part de la société « ASA Bâtiments » sàrl de deux terrains au lieu-dit « Chemin de Brouck » à Rodange - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do geet et och ëm en Acte an Zesammenhang mat enger Konstruktioun. Et sinn eng Kéier 8 an eng Kéier 14 Zentiar am Chemin de Brouck zu Rodange. Den 1. Abrëll 2015 ass den Acte gemaach ginn opgrond vun engem Compromis, deen den 2. Juli 2014 ënnerschriwwen an den 13. Oktober 2014 hei vum Gemengerot guttgeheescht gouf.

**Approbation à l'unanimité.**

**7.9.**

**Propriétés.**

Acte portant sur l'acquisition de la part de M. Daniel Santarini et Mme Régine Rink de deux terrains dans la rue de la Montagne à Lamadelaine - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et och ëm en Acte am Kader vun enger Baugenehmigung zu Lamadelaine an der rue de la Montagne. Do kréie mer zwee méi kleng Terrainen. Ee mat 10 an ee mat 47 Zentiar. Den Acte ass den 1. Abrëll 2015 ënnerschriwwen ginn. Et ass opgrond vun engem Compromis vum 3. September 2014, deen de Gemengerot den 19. Dezember 2014 guttgeheescht huet. A wann dat geschitt, dann ass een Deel vum Trottoir, dee virun dësem Haus läit, och eisen. Et ass dee leschten Deel, deen eis nach gefeelt huet.

**Approbation à l'unanimité.**

**7.10.****Propriétés.**

Acte portant sur la vente à M. Paul Steinmetz et Mme Marie Yvette Graul d'un terrain dans l'avenue de la Gare à Lamadelaine - approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu der leschter Immobilientransaktioun fir haut. Et ass en Acte, dee mer gemaach hunn a bei deem et ëm en Terrain zu Lamadelaine hannert hirem Haus geet, dee mer hinnen ofrieden. Dat sinn 2,28 Ar zum Präis vu 5.000 € den Ar. Dat gëtt eng Zomm vun 11.400 €. D'Sue si schonn erakomm, se sti schonn op eisem Kont. Deen „Avis de recette“ hate mer scho bei deem Punkt virun. Den Acte ass den 1. Abrëll 2015 gemaach ginn, an dat opgrond vun engem Compromis, deen de 26. November 2014 ënnerschriwwen gouf an den 2. Februar 2015 hei am Gemengerot war.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.****Personnel communal.**

Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) dans la carrière de l'ouvrier pour les besoins du service des espaces verts - décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mer proposéieren dem Gemengerot, fir e Posten als Salarié fir de Service „espaces verts“ ze schafen. Et geet nämlech dorëm, datt mer zwee Doudegriewer hunn op eise Kierfechter. Ee vun hinne geet 2016 a Pensioun, a mer hunn awer mat deene Leit geschwat, well déi zu 2 fir déi 3 Kierfechter zoustänneg sinn an der Gemeng. Do ass eng Formatioun vun op d'mannst tëscht 6 an 8 Méint néideg, ier déi Persoun u sech selbstänneg ka schaffen an och d'Émfeld kennt.

Dofir géife mer och proposéiere fir dee Posten ze schafen, esou datt mer do eng Bestännegkeet dra kréien. A wann deen Doudegriewer a Pensioun geet, da géif deem seng Plaz och ewechfalen. Mer hätten awer ëmmer 2 Leit zur Verfügung, well ech mengen, d'Kierfechter ass eng Saach, wou mer eis als Gemeng keng Blouss kënnen ginn.

**Thein Joe (adr):**

Ech wollt den Här Schäffe just froen, wien do envisagéiert gëtt fir ze rekrutéieren. Well ech géif mengen, datt et wichteg wier - well dee Poste just eng Formatioun brauch - wann ee kuckt, ob Aarbechtsloser an der Gemeng sinn, déi do kéinten a Fro kommen, respektiv Leit, déi een da kéint forméieren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dee Poste gëtt ausgeschriwwen. Et ass esou, datt mer déi Leit convoquéieren, déi sech dofir interesséieren. Ech mengen, et

kann een dat jo awer net als normal Aarbechterplaz gesinn. Do hale mer awer och drop, datt eis Doudegriewer mat deene Responsable vum Service derbäi sinn, well déi Leit d'Bedierfnesser am beschte kennen a well déi eis och déi spezifesch Froe mat formuléieren, esou datt mer de Kandidaten e bësse kënnen op den Zant fillen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Meng Fro betrëfft zwar net grad d'ASTellung vun engem Beamten, mä de Pétenger Kierfecht. Ech hu gesinn, datt se de Moien d'Container bruecht hunn. Kënnt dir just kuerz dozou eng Äntwert ginn? Déi si jo nieft d'Fondatioun gesat ginn. Huet dat e bestëmmte Grond oder ass do eppes schiifgelaf?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

D'Container sollten u sech direkt gesat ginn an d'Entreprise huet d'Fondatioun gemaach, mä et huet sech erausgestallt, datt d'Entreprise sech geiert huet mat der Fondatioun. Elo mussen se déi nei respektiv méi grouss géissen, esou datt d'Container eréischt an enger Woch kënnen gesat gi wann d'Fondatioun haart ass.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Dat heescht, datt déi 2 Container, déi elo do stinn, kommen op d'Plaz wou d'Haus stoung? An dat soll duergoe fir dat Ganzt, wat se do maachen? Ech hu gesinn, se hunn och d'Chape hanner dem Haus ewechgerappt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Jo. Mer hu mam Doudegriewer verschidde Pläng gekuckt, an et misst u sech duergoe fir dee Besoin, deen u sech do war.

**Accord à l'unanimité.**

**9.1.****Enseignement.**

Liste d'ancienneté des instituteurs (m/f) de l'année scolaire 2014/2015 - décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass e Punkt, deen all Joer erëmkënnt. An der Deliberatioun vum 19. Abrëll 2010, Artikel 2.1, gëtt dorop higewisen, datt d'Gemeng d'Anciennetéit vum Léierpersonal an enger Tabell aktualiséiere soll. D'lescht Joer si jo gewësse Changementer virkomm. Esou ass den Här André Noël an d'Pensioun gaangen a mer haten 3 Réaffectatiounen, déi mer vum Ministère op Péteng kritt hunn am Kader vun der 1. Lëscht.

Mer haten och een Départ. Do ass eng Léierin, déi an eng aner Gemeng fortgaangen ass. Op der 2. Lëscht hu mer dann eng Kéier 2 Persounen affectéiert, an am Moment leeë mer iech eng Lëscht vir, déi ausgesäit wéi eist Reglement dat virschreift.

**Accord à l'unanimité.**

**9.2.****Enseignement.**

Approbation du bilan des Classes de Neige 2015 - décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

D'lescht Joer am November hu mer am Kader vun eise Gespréicher zu de Budgetsdebatten och de Budget fir

d'Schnéiklasse mat gestëmmt. Vum 22. bis den 31. Januar sinn eis Kanner op Sigmundsburg bei Mariazell gefuer. Am ganze waren 162 Kanner a 32 Erwuessener mat. A bei deenen 32 Erwuessener waren och 5 Chauffeuren, well mer mat 5 Bussen dorower gefuer sinn.

Et läit e ganz détailléierte Bilan hei vir. Ech ka soen, méi détailléiert geet et net. Dofir muss ee scho bal där Léierin Merci soen, déi dëse Bilan hei opgestallt huet.

Mir haten e Kredit vun 100.000 € an eisem Budget stoen. Dat Ganzt huet 127.413 € kascht. Den Elterendeel war 40.500 €, den Deel fir d'Gemeng louch bei 86.913,99 €. Eng „note de crédit“ vu 408,16 € an enge Avance vu 75.000 € hate mer scho ginn, esou datt mir de Moment nach mussen 11.005,83 € un d'Asbl bezuelen.

D'Schnéiklasse sinn och ganz gutt verlaf. Wa mer dat hei gestëmmt hunn, kënne mer hinne Merci soen, datt si mat eise Kanner dorower gefuer sinn, datt si se gutt heem bruecht hunn an datt se se kënne nei organiséieren.

**Accord avec 12 voix et 2 abstentions (déi gréng). M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 10.1.

### Affaires sociales.

Convention pour l'année 2015 concernant le fonctionnement du Centre de rencontre et d'information pour jeunes « Pétenger Jugendhaus asbl » - approbation.

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Hei ass d'Konventioun fir d'Jugendhaus. Den 22. Dezember 2014 ass se ënnerschriwwen ginn tëscht dem Minister vun der Nationaler Bildung an der Jugend an eiser Gemeng. Am Budget hate mer och 184.000 € festgehale fir datt d'Jugendhaus déi noutwenneg Suen huet fir déi ganz Organisatiounen ze maachen, déi um Programm stinn.

Bis elo hu mer gesinn, datt dat mam Jugendhaus nach ëmmer geklappt huet. Gëschter konnte mer eis an der Generalversammlung och nach vun där Aarbecht iwwerzeegen loossen. An ech mengen, et wier och ganz flott, wann deen heite Punkt géif gestëmmt ginn, esou datt d'Jugendhaus och déi néideg Mëttelen huet fir ze schaffen.

**Approbation à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 10.2.

### Affaires sociales.

Approbation du devis au montant de 34.000 euros concernant l'installation de panneaux acoustiques et l'acquisition de mobilier de rangement pour la Maison Relais de Pétange et vote d'un crédit supplémentaire de 4.000 euros - décision.

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn an der Maison Relais zu Péteng e ganz grouse polyvalente Raum. Mer hunn awer mëttens do 50 Kanner, déi dohinner iesse kommen. Mer hunn den Agrément och kritt, well eis Waardelëscht esou grouss war. Déi Kanner konnten net alleguer ganzdags erageholl ginn, mä mer konnten awer den Elteren eng Entlaaschtung gi wéi mer hinne gesot hunn, se kéinten heihinner iesse kommen.

Wann natierlech esou vill Kanner dobanne sinn, da geet de Geräischpegel ganz vill an d'Luucht. Et sinn zwar extra

Plafongen do, mä mer hunn awer gemierkt, datt dat net duer geet. A mer hunn eis och geduecht, datt – wann esou vill Kanner an eiser Maison Relais sinn an och spéiderhin nach Aktivitéite gemaach ginn am Kader vun deem neie Konzept, dat mer ausschaffen – mer akustesche Panneauen mussen installéieren. An haut geet et drëm, deen Devis vun de Panneauen ze stëmmen. Se géifen un déi Schiibeward gemaach ginn, déi ee kann op- an zoumaachen. Zousätzlech géife mer och nach baussen op de Gang – wann een d'Trap eropkënnert um éischte Stack – Fächer derbäi maachen, esou datt se och do kéinten hiert Material draleeën an et net um Buedem läit, ewéi dat elo de Fall ass.

Dat huet natierlech alles säi Präis. Dat Ganzt géif eis 34.000 € kaschten. Mer haten awer nëmmen 30.000 € am Budget. Ech géif iech bieden, mat deenen Aarbechten averstanen ze sinn an eis dann och nach den Devis iwwer 34.000 € ze erlaben.

#### Conzemius-Holcher Josette (CSV):

D'Madame Conter huet elo grad erklärt, datt akustesche Saachen do waren. Ass dat do elo just doduerch bedéngt, datt déi Kanner elo do sinn? Hätt een dat net kéinte virdu virgesinn?

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Den Architekt huet schonn iwwerall akustesche Plafonge gemaach. Mä si haten net geduecht, datt mer éischters 50 zousätzlech Kanner kréiche fir iessen ze kommen (dat war jo net virgesinn) a mer zweetens un engem neie Konzept schaffen. Do wëlle mer jo e méi oppent Konzept maachen, wou Atelierer ugebuede ginn. D'Kanner kënne méi hin an hir goen a si maache ganz aner Aktivitéiten. Mir hunn einfach festgestallt, datt dat heiansdo ganz schrecklech dobannen ass. D'Kanner maachen haut e bësse méi Kaméidi ewéi dat emol war. Mer hunn och gesot, datt een esou net uerdentlech schaffe kann. Mer mussen dofir op dee Wee goen an et op deem dote Wee maachen. Mir haten och en Akustiker op der Plaz, dee kucke komm ass, de Sall ausgemooss a gekuckt huet, wat mer géife brauchen. Mer hunn eis deem ugeschloss. Ech hoffen, datt et dann och deementspriedend seng Friichten dréit.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.

### Environnement.

Approbation du devis au montant de 24.909,30 euros pour le diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la Commune de Pétange - décision.

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn en Devis virleie fir en Iwwerwaachungsplang vun der Loftqualitéit an der Gemeng ze maachen. Do kréie mer all Joer e Rapport. Dëst ass schonn dee 16. Plang, dee mer virgesinn hunn ze maachen. De Sënn vun deem Ganzen ass eng Kontinuitéit ze garantéieren wat eis Loftqualitéit ueegt, dat wann ze héich Emissiounen oder Verschmutzunge festgestallt géife ginn, awer och fir den Drock op déi Industriell oder d'Entreprises, déi kéinte fir esou eng Verschmutzung verantwortlech sinn, héich ze halen. Awer och fir direkt Recommandatiounen un eis besuergten Awunner weider ze ginn. Doduerch kréie mer lafend Informatiounen a Wäerter geliewert. Mir kënne och direkt eng Risikoaschtung virhuelen.

Et geet awer ëm de Crassier zu Rodange – ech mengen SLR seet jo jidderengem eppes – wou jo de Moment e Status quo

ass. Mä et wier och fir ze kucken, wann déi nees do géife mat schaffen ufänken, fir da kënnen direkt ze reagieren. Den Devis ass global 24.909,30 €. Dozou ass awer ze soen, datt mer eis do ëmmer eng Reserve iwwer 5.000 € loossen. Well de Rapport chiffréiert sech op ronn 19.000 €, an déi 5.000 € Reserve, déi mer bis elo nach net gebraucht hunn, ass geduecht fir – am Fall wou – direkt kënnen ze reagieren.

#### Gira Carlo (CSV):

Just eng Fro wat d'Verständnis ugeet. Dir hutt virdrun de Rapport virgeluecht. Dat ass jo awer elo scho relativ spéit, well déi Miessunge si jo u sech am Fréijoer an am Hierscht. Wann elo alarmant Zuele géife virleien, da gi mer jo awer direkt informéiert, an da gëtt jo net gewaart bis dee Rapport virläit, oder?

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Mer brauchen net ze waarde bis de Rapport virläit. Wéi gesot, eisen Ëmweltsevice kritt déi Donnéeën ëmmer matgedeelt. A wann effektiv eng Kéier de Besoin do ass, da kënnen mer direkt d'Leit alarméieren an direkt dergéint reagieren.

#### Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Dat ass jo ganz flott fir dat ëmmer ze moossen. Ech hunn awer meng Bedenke wa se elo moosse wëllen. Well do ass jo awer alles verbarrikadéiert vun engem Schantjen. Ech war mer dat nach gëschter ukucken. Do kënnst kee bäi. Se hätten awer vläicht e bësse misste fräi losse fir datt déi Leit dat kéinten nokucken.

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Ech huelen un, Dir schwätzt vun der SLR. Ech wollt bei där Saach do just präziséieren, datt d'Kontroll vun der Loftqualitéit net nëmmen do stattfënnt, mä op allen Haaptachse vun der Gemeng. Mer sinn net nëmmen op deen Deel konzentréiert. U sech gëtt déi ganz Gemeng vu vir bis hanne consideréiert.

#### Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Jo, mä et ass just do, wou se moossen a wou och dat Dëppchen do hänkt, wou se de Moment net erakommen. Do kann héchstens Sand dra leie vum Entrepreneur a soss näischt. Den Zougang ass net gutt, dorop misst een awer vläicht oppassen.

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Ech kennen elo dee Standuert net esou, mä ech kann awer gären eng Kéier bei eisem Service nofroen, esou datt si och déi Fro weider kënnen ginn a mer och eng präzis Äntwert dorop kréien.

Accord à l'unanimité.

## 11.2.

### Environnement.

Convention avec l'asbl Valorlux pour les systèmes de collectes sélectives d'emballages - approbation.

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Mer hunn eng Konventioun mat Valorlux virleie fir guttzeheeschen. Déi Konventioun géif vum 1. Abrëll bis den 31. Dezember 2015 lafen a géif dann automatesch verlängerbar fir eng Period vu 4 Mol engem Joer. Déi Konventioun betrëfft u sech alles wat „déchets d'emballages d'origine ménagère en plastique“ ass. Do hu mer hannen och eng Opzielung gemaach mat deene verschiddene Plastikfläschchen – mer hu 6 verschidden Zorten drënner -, mat Metallbëchsen, Aluminium an och d'Kartongspackunge vum

Gedréngs, déi mer ofgehall kréien. Wat de Virdeel vun där Konventioun ass, dat ass, datt si dat alles bei eis siche kommen an eis et och fortféieren. U sech brauche mer als Gemeng den Transport net ze bezuelen. Virdrun hu mer déi Saache jo och an eisem Recyclingzenter gesammelt, mä mer hu se awer och musse selwer fortbréngen fir se entsuert ze kréien. Do hu mer och musse fir d'Transportkäschchen opkommen. Mer hunn also elo manner Käschchen.

#### Scheuer Romain (déi gréng):

Wat d'Valorlux ugeet, esou hu mer jo do entscheet, datt d'Leit nach just 4 Rulle kréien. Kënnst déi Proposition vum der Valorlux oder kouw dat vum Schäfferot? An da wollt ech froen, ob der schonn eng Kéier vun den Equipen, déi erausfuere, en Echo kritt hutt, wéivill Tuten se musse leie losse well d'Tut net valabel ass. Do maachen se jo och e rouden Autocollant drop. Wéi ass do d'Situatioun? Et gesäit ee jo och dacks, datt Tuten duerch d'Gemeng fléie well d'Jongen se jo net dierfe mathuelen. Bei Residenze wësse se jo net, wem se gehéieren. Si mir zoustänneg fir se ewech ze huelen oder wéi funktionéiert dat?

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass esou. Fir op déi éischt Fro ze äntwerten, dat ass eng Entscheedung vum Schäfferot. Ech kann iech och soe firwat dat esou ass. An zwar well mer selwer festgestallt hunn a verschidde Bierger eis och dorop opmierksam gemaach hunn, datt Abus mat deenen Tute gemaach gouf an alles méigleches geholl gëtt fir an déi Tuten ze stiechen. Just net fir deen Zweck, fir deen se gebraucht solle ginn.

Et war och esou, datt mir festgestallt hunn, datt de Verbrauch vun deenen Tuten enorm an d'Luucht gaangen ass. All zwou Woche gi jo déi Tuten agesammelt. Do hu mer u sech eng theoretesch Rechnung gemaach. Et si 24 Tuten op engem Rouleau, a wa mer dat rechnen, da ka pro Collecte jiddereen 3 Tute mat Plastikfläschchen eraussetzen, esou datt dat u sech misst duergoen.

Mir hunn awer och dozou gesot, datt, wa Famillen do wieren, déi zu méi sinn, si sech hei ënne géife presentéieren, dann hätte mer do keen Award fir hinne méi Tuten ze ginn. Wéi gesot, et ass aus deem Grond gemaach gi well Abus domat gedriwwe gouf. An dofir hu mer dat esou probéiert opzedeelen.

Wat d'Asammelen ugeet, do ass et esou, datt mer net vill Reklamatioune vun eise Servicer kréien an dat och relativ gutt klappt. Et ass awer och esou, wéi der gesot hutt. Mer pechen eng rout Etiquette op d'Tut. Mä de Problem ass dann, datt d'Leit déi Tut virun der Dir leie loossen, mer net wëssen, wem seng et ass, an datt mer dann awer forcéiert si fir déi Tut sichen ze goen. Wann den Auteur bekannt ass, da gëtt deen och aviséiert, mä dat ass awer relativ schwéier feststellen, an et ass an engem klengen Mooss, wou dat geschitt.

#### Brecht Guy (LSAP):

Ech hunn héieren, et kéint een och Kartong dra maachen. Also déi vun engem Sixpack. Ass dat richtig?

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Jo.

#### Brecht Guy (LSAP):

An déi kommen da bei d'Bëchsen, bei de Plastik derbäi? Oder gëtt dat an Zukunft getrennt, esou datt een eng Tut hält fir de Plastik, eng fir d'Bëchsen an eng fir de Kartong?

#### Mertzig Romain, Schäffen:

Nee, déi kënnst der do derbäi geheien, well dat ass just eng Collecte, déi dann all 14 Deeg stattfënnt.



**Brecht Guy (LSAP):**

Dat heescht „all in one“.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hunn eng Fro, wourop der elo net direkt eng Äntwert hutt. Mir hunn nach verschidde Materialien, déi mer net asammelen. Ech weess awer vun aner Gemengen, wou dat och net ass, mä wou awer verschiddentlech Containeren op Plaze stinn, wou een dat kann dra geheien. Dat sinn esou Saache mat PS oder PP, dat sammele mir jo net. Ass dat awer eventuell zu engem spéideren Zäitpunkt méiglech oder ass dat iwwer Valorlux net méiglech?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Iwwer d'Valorlux ass dat net méiglech, well se dofir keng Verwennung hunn. Ech kann iech dorop keng kloer Äntwert ginn. Et ass awer keng Logik do, well wa mer de Leit dat net offuelen, da geheien se dat an déi normal Dreckschécht, an dann hu mer och näischt geschafft. Mir hunn awer de Moment och keng Léisung, well mer de Problem hu fir et ofgeholl ze kréien. Wa mir et asammelen, dat ass gutt, mä dann hu mir et do leien a mir stockéieren et dann. An da sinn d'Hänn eis gebonnen. Mer kucke fir eng Léisung ze fannen, mä de Moment hu mer keng parat.

**Approbation à l'unanimité.****12.****Ordre public.**

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion des braderies de 2015 - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer haten de 17. November 2014 schonn d'fräi Nuechte festgeluecht, mä déi 2 Braderien hu gefeelt. Déi stinn elo fest. De 7. Juli ass se zu Rodange/Lamadelaïne, an den 18. Juli ass se zu Péteng. Et geet drëm, fräi Nuechten um Gebitt vun deenen Uertschafte festzeleeën.

**Thein Joe (adr):**

Ech muss soen, datt ech et nach ëmmer onméiglech fannen, datt op de Stänn kee Gedrénks kann ausgedeelt ginn. Meeschtens ass jo gutt Wieder an d'Leit sinn awer interesséiert fir eppes ze drénken. Ech hunn all Respekt fir d'Geschäftsleit an d'Caféen, déi an der Géigend sinn. Et ass jo awer net esou, datt se esou eng déck Vente géife realiséieren an da mat engem décke Jackpot heem ginn. Et ass wierklech jo just fir de Leit eppes Klenges ze ginn. Do ass näischt hannendrun, do si keng Hannergedanken derbäi. Wéi gesot, ech fannen dat onméiglech, datt een dat net ka maachen. Zu Rodange ass dat anescht, do kann een de Leit eppes ginn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also, d'Braderie selwer gétt net vun der Gemeng organiséiert. D'Gemeng organiséiert d'fräi Nuechten. D'Organisateure sinn ëmmer d'Geschäftsverbänn vun deenen zwou Uertschafte. Dofir hu mer elo keen direkten Afloss drop. Ech hunn awer nach ëmmer eppes ze drénke krut. Wann ee Suen an der Täsche hat, dann huet een nach ëmmer genuch ze drénke krut. Natierlech, mat deem wat dir elo uschwätzt, muss ee sech d'Fro stellen ob mer de Geschäftsleit net Konkurrenz do maachen. Mä et ass net u mir fir dat ze entscheeden, mä un deem, deen d'Braderie organiséiert.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech fannen et scho schéin, datt déi politesch Parteien iwwerhaapt d'Erlaabnis kréie fir bei kommerziellen Organisatioune matzemaachen. Et soll ee schonn dofir dankbar sinn, mengen ech.

**Thein Joe (adr):**

Här Breyer, ech hunn net vu politesche Parteien mä vu Stänn geschwat.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Majo, dat ass et jo.

**Thein Joe (adr):**

Jo, mä do falen nach aner Organisatioune a Veräiner drënner. Et geet net ëm politesch Parteien, mä dorëms, de Leit eppes ze ginn. Ech géif der Gemeng oder dësem Gemengerot recommandéieren, eng Kéier mat der „Union commerciale“ respektiv mat deene Leit, déi dat organiséieren, ze schwätzen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif proposéieren, datt déi, déi dat wëlle gratis maachen, mam Organisateur solle schwätzen. Et ass net un eis fir dat ze maachen.

**Rosenfeld Romain (CSV):**

Der hutt jo och héieren, datt bei deene leschte Manifestatioune d'Douane hei zirkuléiert ass. Wann een esou Saache matmécht an eppes verkeeft, da muss een eng Autorisatioun hunn. An dat, mengen ech, huet eng Partei net. An ech mengen, et ass och net gutt bei de Geschäftsleit gesinn, datt ee verschidde Saache fir näischt gétt wou déi aner Leit hiert d'Geld domatter verdéngen. Verschiddener si frou, do eppes kënnen ze verkafen. Ech mengen, et kann een aner Saache maachen an enger Partei wéi Gedrénks ze verkafen.

Et steet iwwerall e Wiert, eng Terrass. Mä et muss een eng Autorisatioun oder eng Konzessioun hu fir eppes ze maachen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech wollt dem Här Thein awer soen, datt dat nach ni esou zu Rodange war. Ech war jo laang am Geschäftsverband, do waart Dir mol nach net dorëmmer. Et ass ëmmer gesot ginn, et soll een de Wiert keng Konkurrenz maachen. An et ass och esou wéi den Här Rosenfeld gesot huet, datt, wann een Alkohol verkeeft oder och eppes fir näischt gétt, da muss een eng Autorisatioun hunn. An déi hu jo awer déi allerwéinegst. Dir sot, zu Rodange wier et erlaabt, dass do kee laanscht kennt. Well da schécken ech déi nächste Kéier mol d'Douane laanscht. Wat fir deen ee géllt, géllt och fir deen aner.

**Thein Joe (adr):**

Merci fir Är Interventioun, Madame Conzemius. Ech mengen, et kann ee jo awer ëmmer eng Ausnameregulung fannen. Well hei ass jo awer näischt, wou et drëm geet, Profit ze realiséieren. Déi Stänn – an ech hunn emol net vu Parteien geschwat – déi wëlle jo just de Leit entgéint komme fir se op hir Stänn ze kréien an ze informéieren oder ech weess net wat och ëmmer. Et geet net drëm fir hei ze soen, et ass näischt ze maachen an do oder do ass et verbueden. Neen, et geet einfach drëm, eng schéi Braderie ze organiséieren. Ech mengen, ech sinn och gudd Client an de Wirtschafte. Ech gi gären an d'Wirtschafte bei d'Leit, bei d'Foussvolleek. Ech si bestëmmt dee leschten, deen de Wirtsleit Konkurrenz wëll maachen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also ech mengen, mer sollen dat effektiv op där Plaz diskutieren, wou dat ass, an zwar beim Geschäftsverband. Mer sollen eis haut ëm d'fräi Nuechte këmmere an déi festleeën.

**Accord à l'unanimité.****13.****Jumelages.**

Approbation du protocole d'intention de jumelage avec la commune de Schiffweiler (Allemagne) - décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass jo bekannt, datt mer zënter 1992 e Jumelage lafen hunn. Ee mat der Uertschaft Schio an Italien an ee mat der Uertschaft Maribor a Slowenien. Wann déi italesesch Partnerschaft och nach all Joer opleift, esou ass déi mat Maribor ageschlof. Et ass awer donieft bekannt, datt och scho säit de 70er Joren aner Verbindunge mat enger Gemeng aus dem Saarland bestinn, déi wuel esou aktiv sinn ewéi déi Jumelagen ewéi se elo funktionéieren. Et ass mat der Uertschaft Heiligenwald, déi déi Zäit eng eegestänneg Gemeng war an elo awer am Kader vun enger Fusioun Gemeng Schiffweiler heescht. A vun Heiligenwald aus ware vill Kontakter mat dem Turnveräin an dem Heiligenwalder Karnevalsclub an de 70er Joeren. Et ware Gala-Owender an d'Leit ware bei Gaaschtfamilljen ënnerbruecht. An dat huet sech och bis op den haitegen Dag gutt gehalten. Zënter 2008 lafen elo schonn d'Beméiunge méi intensiv, well mer eis scho méi no komm sinn. Et goufen och schonn e puer Schnupperfahre vun deem engen oder anere Veräin. De Gemengerot war och schonn deelweis op der Plaz kucken, wéi déi Strukturen op der Plaz sinn. An déi si praktesch d'selwecht wéi déi aus eiser Gemeng. Et ass eng Géigend, wou fréier Kuelegrouwe bedriwwen goufen a wou mir hei d'Miniëren haten. Si goufen och vun der Rezessioun getraff. Si sinn, genee wéi mir, amgaangen en neie Wee ze sichen ewéi mir och, an dat e bëssen am Tourismus.

Dofir louch et no, datt mer déiselwecht Mentalitéit hunn, déiselwecht Verbindung, an do hu mer geduecht, et kéint een dat eng Kéier intensivéieren. De Schäfferot huet schonn den 28. November 2014 e „protocole-accord“ gemaach fir an déi Richtung ze kucken. A mer hunn och spéitstens bei der Budgetpresentatioun gesot, datt mer dat am Laf vum Joer 2015 wéilte konkretiséieren. Fir dat awer ze maache muss de Gemengerot prinzipiell averstane sinn, esou datt de Jumelage ënnerschriwwen ka ginn. An dat am Sënn vun der europäescher Verständnegung, am Sënn vum Austausch vun de Mentalitéiten a Charakteren, an am Sënn vun dem Austausch, deen dann nach méi intensiv kéint entstoën. Dofir géife mer dem Gemengerot vorschloen, sech zu dem Jumelage mat der Gemeng Schiffweiler ze bekennen an ze kucken, datt an Zukunft déi noutwenneg Reklamm gemaach gëtt fir d'Bierger an d'Veräiner, déi sech och dofir interesséieren. Mer géifen eis och verpflichten, d'Käschten deelweis oder ganz ze iwwerhuele fir Aktivitéiten, déi aus deene Jumelagë géifen entstoën. Mer wéilten och festhalen, datt déi offiziell Zeremonie de 27. an 28. Juni zu Schiffweiler esou wéi de 17. an 18. Oktober 2015 zu Péteng géif stattfannen.

**Thein Joe (adr):**

Ech sinn och fir déi kulturell Partnerschaften mat anere Stied, Länner, Gemengen, wat och ëmmer. Ech begréissen deen „échange culturel“, deen do gemaach gëtt. Meng Fro ass déi heiten, einfach nëmmen aus dem Interessen eraus. Firwat grad Schiffweiler-Heiligenwald? Huet dat bestëmmte Grënn?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer schaffe scho 40 Joer laang mat deenen zesummen. Dat ass den Haaptgrond.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, eenzel Pétenger Veräiner schaffe scho bal 40 Joer laang mat Schiffweiler. Do erënnere ech un den Turnveräin, de Kavalkadsveräin – deemools huet e jo Pétenger Wand geheescht -, an de Syndicat d'initiative. Dat heescht jo, datt déi 3 Veräiner „Feder führend“ si fir datt dat dann elo no 40 Joer konkretiséiert gëtt.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass eent vun den Argumenter. Schiffweiler war eng Gemeng, déi net existéiert huet bis déi lescht 20 Joer. Do ass eng Fusioun komm. Heiligenwald war eleng, a se hunn, grad wéi mir, d'Kris ganz staark gespuert. An et huet do keen dru geduecht fir dat ze konkretiséieren. Mer hunn och elo nach gemierkt – wéi mer do waren – datt si och nach ëmmer e bësse knapp bei Mënz sinn, vill méi knapp wéi mir. Mä mer hunn awer déiselwecht Strukturen. Si hunn eng Gemeng mat 4 Uertschaften, mir hunn der 3. Et ass esouguer, wat d'Populatioun ugeet, d'selwecht wéi mir. Och wat d'Mentalitéit ugeet ass et ewéi mir, an et ass annerhalfe Stonn vun eis ewech. Dat kann e ganz liewegen Austausch ginn. Mat der Zäit huet dat sech erausgeschielt, datt elo de Punkt do wier fir dat méi konkret ze maachen. Zënter 2008, wou Schiffweiler als eegestänneg Gemeng funktionéiert, sinn déi Kontakter am Sënn vun engem Jumelage méi opgelieft.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat ass jo da gutt, well et, wat d'Distanz ugeet, net esou wäit ewech ass. De Kulturkrees ass u sech deeselwechten ewéi hei. Ech wëll do awer och un eng Note vum Syvicol erënnere, wou gesot gouf, datt et méi interessant wier fir am Fall vun engem Jumelage mat aner Kulturkreesser een ze maache wou d'Leit sech da géife kenneléieren. Et muss jo net d'Stad niewendru sinn. Wéi gi mer domatter eens? Wéi gi mer domatter ëm?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir si konform zum Syvicol senger Note mat Maribor a Schio, wat komplett aner Kulturkreesser sinn. Obwuel, bei Maribor kéinte mer och eppes ënnerhuele fir deen opzeléisen, well et steet eis och net gutt zu Gesiicht wa mer ëmmer vu Maribor schwätzen, mä näischt méi do zënter Joere leeft.

**Becker Romain (déi gréng):**

Kann een esou e Kontrakt opléisen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo, et kann een en opléisen oder och nees aktivéieren. Ee waart do op deen aneren. Zu Maribor goufen et grouss politesch Changementer. A mir hu versprach kritt, nodeems mer jo 20 Joer Jumelage mat Maribor och hei zu Péteng gefeiert hunn, datt mer erëm invitéiert ginn. An der Tëschenzäit waren awer do schonn 2 nei Buergermeeschteren. Mä et kann een nees eng Kéier uklappen. Et ass un hinnen. De Ball läit bei hinnen. Mer kënnen awer och nees soen, mer fuere dohinner op d'Käschte vun der Gemeng, mä dat bréngt näischt. Dann ass et politesch.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ma da kënnst deen 3. Jumelage elo derbäi obwuel mer da Maribor bäibehalen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer kucken an deenen nächsten 2 Joer Kloerheet ze kréien.

**Becker Romain (déi gréng):**

Firwat huet et esou laang gedauert ier mer dat hei an de Gemengerot kritt hunn? Well am Saarland schwätzen se jo scho méi laang doriwwer.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Si schwätzen doriwwer. Mä mär hunn eng „déclaration d'intention“ gemaach. Et waren awer nach Saachen ze klären, an zwar wéi dat konkret soll funktionéieren. Et ass eng Affär vun Ënnerstëtzung. Mir hunn e konkret Reglement, wéi mer d'Veräiner ënnerstëtze wa se dohinner fueren oder wa se se hei empfanke. Heiligenwald ass och mat anere Gemenge jumeléiert. Zum Beispill mat Sankt Petersburg – dat ass och interessant, mä et funktionéiert och net. Si hate keng konkret Struktur, wéi deen Austausch kéint lafen. A fir et awer ze erméiglechen, datt mer eis wierklech intensiv kënne begéinen, mussen si och déiselwecht Critèren hunn. Si hu vläicht aner Konditiounen. Si kache selwer, mir ginn an den Hotel mat eise Leit iessen. Mä et muss awer kloer sinn, an dat huet e bësse gedauert. Mer hunn eis awer e puer Mol gesinn an der Tëschenzäit. Net méi spéit wéi muer de Mëtteg gesinn ech nach ee vun hinnen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat ass formidabel. Wann ech dann en Artikel aus der Saarzeitung vum 22. März 2012 gesinn, do steet dran: „Die von dem Heiligenwalder Ortsrat und dem Gemeinderat der luxemburgischen Kommune Pétange angestrebte Städtepartnerschaft ist unterschriftsreif. Das bestätigten während der Feierlichkeiten zur Halbfastenzzeit, der „mî-carème“ und der 57. Petinger Kavalkade beide Seiten. Pierre Mellina, der Verwaltungschef und Bürgermeister von Pétange und der Beigeordnete Roland Breyer, zu dessen Aufgabenbereichen auch die Pflege solcher Partnerschaften gehören, gegenüber der Saarbrücker Zeitung. In diesem Sommer soll die Partnerschaftsurkunde unterzeichnet werden.“ Mer hu jo awer elo nach 3 Joer gewaart.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Deemools hate mer just mat Heiligenwald rieds. Heiligenwald ass just en Deel. Mer maache keng Partnerschaft mat engem Deel. Lamadelaine mécht jo och net mat Heiligenwald e Jumelage, mä d'Gemeng Péiteng mécht dat. Dat huet mussen de Wee iwwer d'Gemeng Schiffweiler goen. Do hate se och nach nei Buergermeeschterwahlen, an do hu mer och nach dorop mussen waarden. Den Ortsvorsteher Rüdiger Zakowsky ass ersat ginn duerch de Klaus Gorny. Et goufe vill Changementer do, an dat huet seng Zäit gebraucht. Mer hate geduecht, mer kéinten einfach mat Heiligenwald lassfueren, an Heiligenwald ass awer en Deel vu Schiffweiler, an déi aner Deeler hunn och mussen averstane sinn. Hire Gemengerot ass e bësse méi grouss wéi eisen, do ginn et 37 Leit. An dat war net esou einfach. Et war jo och net dréngend.

**Becker Romain (déi gréng):**

Neen, mä et war awer scho komesch, datt dat am März 2012 an der Saarbrücker Zeitung steet a mir maachen dat dann 3 Joer méi spéit.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat d'Press schreift, dat musst der och net alles gleewen. Et war en Interview, deen no der Kavalkad gemaach gouf. Déi Leit vun der Saarbücker Zeitung hate vläicht schonn e Patt gedronk.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat verspricht jo fir déi éischt Kontakter mat Schiffweiler.

**Brecht Guy (LSAP):**

Wat d'Veräiner ugeet, déi elo eng Organisatioun mat der neier Partnerstad hunn, do war et jo ëmmer esou, datt déi eppes zegutt haten. Eng gewëssen Zomm pro Kapp. Well awer elo Schiffweiler méi no läit, sinn d'Käschte vläicht net méi esou grouss. Geet dat dann erof? Oder ginn d'Käschte fir d'éischt gekuckt an da gerechent, wéivill ee pro Kapp zegutt huet?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer hu kee ganz kloer Reglement, mä eent wat éischter graff ass. Wann een als Veräin an eng Partnerstad gefuer ass, dann huet d'Gemeng gehollef, den Transport z'organisieren oder ze finanzieren. Wann ëmgedrënt Leit aus der Partnerstad heihinner koumen, dann hu mer gehollef, de Logement finanziell ze ënnerstëtzen. Do waren da Forfaite virgesinn.

Mer hunn eis virgestallt, datt de Prinzip vun der Rees dohinner nach ëmmer d'selwecht gehandhaabt gëtt a mir vun der Gemeng d'Rees ënnerstëtzen oder ganz bezuelen. Ëmgedrënt muss ee kucken, wéi dat mam Logement hei geet. Hei kéint awer och en Dagestourismus entstoen, datt d'Leit moies kommen an owes nees fortfueren. Do ass et awer esou, datt d'Gemeng net all Kéier e Forfait gëtt. Do muss ee vu Fall zu Fall kucken an d'Reglement upassen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Jo, fir datt mer eng Kéier eng kloer Linn dran hunn. Bon, da sinn ech zweetens och frou, datt si am Kuelenofbau aktiv waren, oder si si et nach? Et wier ganz interessant fir déi Leit och op eis Barbefeier ze invitéieren, esou datt si och gesinn, wéi mir dat hei feieren.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Si géife jo gär kommen, mä si hu selwer eng Barbefeier. Si hunn awer dofir d'Bergmannsfest, do ware mer och schonn eng Kéier.

**Brecht Guy (LSAP):**

Héchstwahrscheinlech wäert dat bei hinnen dann och op de 4. Dezember falen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo, si kucken ëmmer, fir mat hirer Feier esou no wéi méiglech beim Datum ze sinn.

Ech erënneren de Gemengerot och drun, datt eng Invitatioun eraus ass. Déi, déi nach net geäntwert hunn, sollen an den nächsten Deeg Bescheed soe wéinst der Organisatioun. Si mussen d'Zëmmer an engem Hotel lounen, an et ass net onbedéngt esou, datt se vill Plaz hätten.

**Accord à l'unanimité.****14.****Sports et loisirs.**

Convention avec le club de football FC Rodange 91 pour la mise à disposition des deux terrains de football, des installations et de la buvette à Rodange - approbation.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Mir hunn eng Konventioun mam FC Rodange 91 ewéi och mat deenen anere Veräiner ënnerschriwwen, an dat fir d'Notzung vun den Installatiounen vum Fussballterrain, wou dann och d'Vestiaires, d'Duschen, d'Lokaler, den Dépôt an d'Buvette derzou gehéieren. Déi Konventioun ass dat selwecht, wat mer

och mat deenen aneren zwee Fussballveräiner gemaach hunn. U sech si mer elo frou, datt d'Benotzer vun den Installatiounen zu Rodange, Rolleng a Péteng déiselwecht Konditiounen hunn.

#### **Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech si frou, datt déi Konventioun elo ënnerschriwwen ass an datt dat mat deenen 3 Terrainen d'selwecht ass. Ech hunn zwar eng Fro, déi net onbedéngt heizou gehéiert, mä et si jo och aner Leit, déi emol eng Fro stellen, déi net esou ganz zum Thema passt.

Wéi ass dat dann elo do ennen um Terrain mat enger Toilette? Do ass jo awer och déi grouss Spillplaz. Ass do eng Méiglechkeet fir eng Toilette z'installéieren? Well soss gétt et awer ganz grouss Schwierigkeeten. Mer hunn dat jo gesinn. D'Leit beim Télévie konnten zwar bannen an op d'Toilette goen, mä déi meescht sinn awer de Bësch ofgaangen, besonnesch déi grouss Kanner, deenen et ze wäit war fir bis an d'Hal ze goen. Esou ass et och wann op der Spillplaz vill Leit do zirkuléieren. Ass dat do net méiglech? Well soss geet alles an de Bësch.

#### **Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir hutt Recht, wann der dovunner schwätzt. Et sinn och net wéineg Leit wéinst där Saach u mech erugetrueden, well och effektiv déi Kanner, déi do op der Spillplaz sinn, an de Bësch pisse ginn. Spéitstens de Weekend konnte mer feststellen, datt vill Leit do an de Bësch gaange sinn obwuel d'Installatiounen an der Sportshal op waren. Mir wäerten do eppes virgesinn, awer am Kontext vum ganzen Amenagement vum Kiosk bei der Sportshal. Do wäerte mer dat virgesinn.

#### **Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech wollt awer och soen, datt nëmmen d'Männer dohinner gaange sinn. Ech war net dohinner.

#### **Mertzig Romain, Schäffen:**

Madame Conzemius, ech war net luussen.

#### **Brecht Guy (LSAP):**

Do war dach ëmmer eng Toilette ënner der Ramp vun der Schoul. Ass déi ganz ofgerappt ginn?

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Déi ass zougespaart, well mer se zweemol futti gemaach kruten. Mer haten se nei gemaach an dat esouguer am Metall, well mer geduecht hunn, dat géif goen. Mä do haten se eis Feier dra geluecht. An du si mer einfach op de Wee gaangen, datt mer se zougespaart hunn.

#### **Brecht Guy (LSAP):**

Dat heescht, do ass elo guer näischt méi do?

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Neen, an dat ass effektiv net ganz ideal well et jo awer eng Spillplaz ass, déi ganz vill genotzt gétt. Mer hunn och schon emol driwwer geschwat fir eng Toilette dohinner ze stellen ewéi mer se hei zu Péteng op der Maartplaz hunn. Ech mengen, dat wier eng Saach, déi mer kéinte verrieden. Mä dat ass e Punkt, dee muss mer nach eng Kéier méi genee beschwätzen.

#### **Brecht Guy (LSAP):**

Wéinstens solle mer eng Léisung ze siche wa grouss Manifestatiounen sinn, esou wéi dat e Samschdeg de Fall war. D'Sportshal war zwar op, mä dat wouss awer net jiddereen.

#### **Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech wëll awer och dozou soen datt, wann eng Persoun wierklech op d'Toilette goe muss, jo och nach de Portier an der Sportshal do ass. An ech gleewe jo net, datt deen de Leit verweigert, d'Toilette ze benotzen.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Mer hunn eng Regel beim „partenariat privilégié“. Wann direkt keng Toilette do ass, da gétt eng dohinner gestallt vun der Gemeng. Dat hu mer iwwerall bei deene grouse Saachen. Et sief dann, et ass schonn eng do, well dann ass et jo och Blödsinn fir nach eng dernieft ze setzen. An hei war vläicht net genuch signaliséiert, datt an der Sportshal eng Méiglechkeet gi war.

#### **Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Et war gefrot ginn ob mer eng bräichte fir baussen. Mir hunn awer gesot, mer bräichte keng, well eben déi Méiglechkeet bestanen huet fir an d'Hal ze goen. Ech wëll net soen, datt d'Gemeng eis eng refuséiert huet, dat wollt ech awer och hei präziséieren.

#### **Approbation à l'unanimité.**

### **15.1.**

#### **Transports et communications.**

Approbation du nouveau concept « PEBUS » et vote d'un crédit spécial au montant de 58.000 euros - décision.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Da komme mer zu engem Thema, wat schonn an de leschte Budgetdiskussiounen am Dezember ugeschwat gi war a wou gefrot gi war, firwat kee Ruffbus agefouert géif ginn. Ech mengen, den Här Becker hat eng Interventioun gemaach, op déi ech him och geäntwert hat. Elo si mer amgaangen z'iwwerleeën, wou Secteuren an der Gemeng sinn, déi net vum ëffentlechen Transport ugefuer ginn. Wat kann een do ubidden, wat ass zweckméisseg fir déi Leit, déi dat brauchen, a wat kascht dat? Eréischt wann déi 3 Froe gekläert wieren, wollte mer mat de Konklusiounen an de Gemengerot kommen. Déi Konklusiounen sinn elo do. Mer hunn eis iwwer déi lescht Méint domatter ofginn, a mer hunn och gekuckt an eis informéiert, wéi dat an den Nopeschgemenge funktionéiert a wafir eng Struktur mer hei hunn.

Mir hunn eng Gemeng, déi laang gezunn ass a wou mer 4 TICE-Buslinne lafen hunn. Mer hunn och den RGTR, den Novabus, a mer hunn och nach eventuell d'Struktur vun der Fleegeversicherung lafen. Mä mer stelle fest, datt gewësse Quartieren an der Gemeng einfach ze wäit vun deenen eenzelnen Haltestellen ewech leien. Fir en „normale“ Mënsch sinn 300 Meter akzeptabel, mä fir eng Persoun vun engem gewëssenen Alter oder mat engem Handicap gétt dat schonn zevill, esou datt mer do Zone kënnen gesinn, déi net esou no ugefuer ginn.

Ech wëll awer och drun erënneren, datt mer de Moment ganz gutt Verbindungen mat dem TICE an der Gemeng hunn. Se lafe praktesch all Véirelstonn an et gesäit een, datt se lafend duerch eis Gemeng fueren. Ech erënneren och drun, datt mer 1,2 Milliounen Euro als ordinär Ausgabe bezuele fir esou en Service ze hunn. Et soll also net esou sinn, datt mer en neie Service dohinner kréien, deen datselwecht mécht, mä een, deen de besteende Service ergänze soll. Et soll och net sinn, datt ee muer d'Wiel huet fir dësen oder deen ze huelen, fir ze kucken ob dee grénge besser ass wéi dee rouden an esou virun. Et soll ee kucken, wat zweckméisseg ass a wat gebraucht gétt. Aus deenen Iwwerleeungen eraus hu mer

gekuckt, fir eng Léisung ze fannen, an déi de Moment provisoresch géif ulafe fir ze kucken ob et och deem entsprécht, wat mer eis virstellen. A mer hu gefrot, wéi een esou e Bus kéint gebrauchen a wien op esou e Bus waart. Mer hu fonnt, mer sollten d'Dieren opmaachen – net ze grouss, well mer kënnen se nach ëmmer méi grouss opmaachen – an emol en Experiment ze maachen. Well mer hu jo eng ganz aner Konfiguratioun ewéi Monnerech, Jonglënster, Schëffleng oder aner Gemengen. Mer mussen eis eege Wäerter opbauen.

Am Prinzip soll et fir all Bierger iwwer 75 Joer sinn, och wann e just nieft enger TICE-Haltestell wunnt, an heiranner einfach méi eng bequem Léisung gesäit. Dat duerch säin Alter, säi Rolli oder soss nach Saachen, déi een an dësem Bus méi einfach kann transportéieren ewéi an engem aneren.

Et gëtt an der Gemeng e ganze Koup Leit – leider wësse mer d'Zuel net – déi eng Invalidekaart hunn. Et ginn 3 Zorten: A, B an C. Den A ass, wann een 33% invalid ass, B wann ee 66% invalid ass an den C, wann een op Hëllef vun enger drëtter Persoun ugewisen ass. Déi kritt een op Ufro hin a wann ee mengt, et hätt een esou eng zegutt. Da kann een eng Demande op der Gemeng maachen, mä et muss een en Zertifikat vum Dokter derbäi leeën. Dat gëtt an den Inneministère geschéckt. D'Kategorie A kritt een ouni vill Pabeierkrich. De Ministère mécht awer keng Statistiken doriwwer. Mer schätzen awer, datt mer ongeféier 1.500 där Kaarten an der Gemeng hunn. Dat sinn déi, déi bei engem Sondage iwwer d'Handicapéierteplazen – bei der Aféierung vum Parking résidentiel – gesot hunn, se wëilten dann eng Plaz virun hirer Dier hunn, well si och eng Kaart A hätten. Mat deenen aneren, déi nach derbäi kommen, wäerte mer bal op 2.000 Leit kommen. Dat heescht, et si ronn 10% vun eiser Populatioun, déi eng Invalidekaart hunn. Déi kënnen sech jo och liicht ausweisen, well deen Service, dee mer ubidden, soll onofhängeg vun de Services vun der Gemeng lafen. Dat heescht, et soll e Prestataire gesicht ginn, wou een op eng Gratisnummer uruffe kann an et seet een dann, vu wou een ewech geholl wëll ginn. Et muss ee sech just identifizéieren wann een an de Bus klëmmt, d.h. mat senger Identitéitskaart oder mat der Invalidekaart (A, B oder C).

Et sinn och Leit, déi vläicht just 30 Joer al sinn an déi einfach en Akzident haten an dofir zäitweileng eng Invaliditéit hunn. Déi brauche just den Zertifikat vum Dokter ze weisen, wou dropsteet, datt déi Persoun dee Moment invalid ass, ganz oder deelweis a bis wéini. Dat muss een dem Prestataire weisen, an dee kann dat dann och enregistrieren an där Persoun déiselwech Bedingungen ubidden. Mer wëllen net soen, datt eng Fra an aner Ëmstänn en Akzident ass, mä mer wëllen awer soen, datt och déi kënnen dovunner profitéieren esouwäit se d'Attestatioun vum Dokter hunn. Et geet elo net dorëm, e Stasi-Staat opzebauen. De Chauffeur muss ganz einfach eng kloer Richtlinn hunn, wie mat dier fueren a wien net.

Mer hunn och gesot, Kanner aus de Maison Relais kéinten dovunner profitéieren, awer just wann d'Elteren hir Zoustëmmung ginn. Haaptsächlech ass dat fir déi schoulfräi Nomëtteger. Do kéinten d'Kanner, mat dem Accord vun den Elteren, dee Bus huele fir z.B. op de Fussball, an eng Hal oder och an d'Musekschoul gefouert ze ginn. D'Reservatioun géif da vun der verantwortlecher Persoun aus der Maison Relais gemaach ginn.

Dee Bus géif vun dënschdes bis samschdes inklusiv tëscht 8 Auer moies an 8 Auer owes funktionéieren. Méindes ass Roudag, och well mer wëlles hunn, d'Dier lues a lues op ze maachen. Soss komme mer an eng aner Prozedur vu Soumissiounen. Et hätt ee kéinte soen, mer fuere méindes bis freides mat. Mä samschdes ass awer en Dag, wou d'Leit och gären akafe ginn.

Wou däerf dee Bus fueren? Ma just um Gebitt vun der Gemeng Péiteng. Eng Ausnam ass d'Nidderkuerer Spidol (CHEM) mat all sengen Installatiounen, mä net de Cactus zu Käerjeng, well mer jo zu Péiteng e Cactus hunn, a mer fänken elo net un, en Tourismus ausserhalb vun der Gemeng ze maachen. Mer kucken, datt d'Leit hei bei eis bleiwen.

Wéi funktionéiert dat? Et rífft een op eng Gratisnummer un. Am Prinzip eng Stonn virdrun. An da kritt ee gesot, wéini de Bus ee siche kennt. Normalerweis dierften déi Waardezäiten net méi laang ewéi eng Véirelstonn sinn. Mer hu relativ kleng Distanzen an der Gemeng, an de Bus steet jo och net ëmmer um Punkt A wann en um Punkt C gebraucht gëtt. E steet jo och heiansdo an der Mëtt. Erfahrungswäerter, déi mer vun anere Gemengen hunn, weisen, datt d'Ufroen haaptsächlech moies leie bis 2 Auer mëttes, esou datt d'Waardezäiten am Nomëtteg kéinte ganz kuerz a moies e wéineg méi laang sinn – vläicht 20 Minuten.

Den Ticket géif 2 Euro kaschten, dat fir dem TICE keng Konkurrenz ze maachen, well deen Ticket kascht 1,80 Euro an der Gemeng. Wann een 10 Tickete keeft, da kritt een 11 Stéck fir 20 Euro. Et ass also net geduecht, dat als Konkurrenz opzebauen, mä e komplementären Service opzebauen.

Kanner ënner 11 Joer fuere gratis mat, wa se vun engem Erwuessene begleet sinn, deen d'Recht huet fir de P-Bus ze benotzen. All déi Kaarten, déi existéieren a mam Transport zesummenhänken, also déi Seniorekaarten oder d'Jumbo-kaarte respektiv d'CFL-Billjeeën zielen hei net. Dat hei ass en extraen Service deen ugebuede gëtt vun engem Prestataire. Et kann een och Poussetten a Véloen oder Rollstill mathuelen.

Wann alles riicht geet, denke mer dru fir dee Bus ab dem 1. Juli fueren ze loossen. Da sammele mer während 6 Méint Erfahrungswäerter a kucken dann zesumme fir hei am Gemengerot Konklusiounen ze zéien, Statistike virzeleeën an och ze kucken, wéi e gebraucht gouf. Mer rechnen, datt mer bis 20.000 Benotzer am Joer kréien. Da misste mer u sech 10.000 Benotzer fir 6 Méint kréien. Mer mussen natierlech kucken, ob dat duerch d'Vakanzenzäit esou geet. An da muss ee kucken, ob een d'Dier méi grouss opmécht a wat een un de Bedingunge soll änneren.

Wann der mam Prinzip averstane wiert fir op dee Wee matzegoen, da sief awer nach gesot, datt mer keng Kreditter virgesinn hunn am Budget. Mer missten en extrae Kredit vun 58.000 € stëmmen. An dat no deene Wäerter, déi mer elo kritt hunn aus anere Gemengen. Dat misst duergoe fir déi éischt sechs Méint ze garantéieren. Mer géifen dann eng Soumissioun maachen – haaptsächlech mat eise lokale Prestatairen awer och mat deenen aus der Géigend, esou datt mer der awer op d'mannst 3 hätten. Mer géifen dann och kucken, datt dat konkret a séier géif an dësem Sënn ëmgesat ginn. Ech sti gär fir weider Informatiounen zur Verfügung. Et ass e Versuch, et ass nach net d'Perfektion, dat wëlle mer ganz kloer soen, mä d'Dier soll opgemaach ginn, an et muss ee kucken, wéi grouss een se spéiderhin nach wëll opmaachen.

#### **Arendt Patrick (CSV):**

Ech wëll hei ganz kloer ënnersträichen, datt et e super neien Dëngscht um Bierger ass an et supplementar zu deene Servicer steet, déi et bei eis an der Gemeng scho laang ginn an déi virdrun opgezielt goufen. Den Help, den Nova-Bus, den RGTR, den TICE an awer och den Taxi. Als Member vum Tramssyndikat TICE wëll ech awer och luewen, datt de Präis bei 2 Euro bleift, well et soll jo keng Konkurrenz zum ëffentlechen Transport ginn, wat ech ganz wichteg fannen. Et ass jo awer och e gewëssene Luxus, deen ee sech hei erlaabt, an dee soll awer och eppes kaschten. Et ass ewéi am Restaurant - „à la carte“. Et fret een e Wee u vun A op

B. Dat ass e gewëssene Service, deen ee sech och eppes kaschte soll loossen. Dofir fannen ech et gutt, datt de Präis bei 2 Euro läit.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech mengen, dat war déi Iwwerleeung, déi mer gemaach hunn. Et kann een duerno nach ëmmer kucken, a wat fir eng Richtung ee sech wëll entwéckelen.

**Gonçalves Cátia (LSAP):**

Ech mengen, et ass ganz kloer eng gutt Saach fir eis Gemeng, well mer deene Leit entgéintkommen, déi a Schwierigkeete sinn. Den Alter ass keng Schwierigkeet, dat ass just am Kapp, mä ech mengen, et ass awer e Service, deen deene Leit zegutt kënnt, an och eis, wa mer emol am Alter sinn.

Dir hutt virdu gesot, datt d'Persoun „d'accompagnement“ gratis matfirt. Sinn dat och déi Leit, déi mat enger Klass an der Maison Relais matfueren? Oder ass dat och gültig fir eeler Leit oder Leit, déi e klengen Handicap hunn, an déi Leit aus der Famill, Frënn oder Leit aus dem Ëmkrees mathuelen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et muss ee wëssen, datt mer do de Bus hu mat engem Chauffeur, dee geruff gëtt. Hie fiert op eng Plaz an da mussen déi Leit, déi do stinn, sech identifizéieren. Wann een eng Invalidekaart C huet oder e „contrat dépendance“, dann dierf deen automatesch eng zweet Persoun mathuelen, well dat och esou an de Critère steet, datt se ofhängeg si vun enger zwoeter Persoun.

Wat d'Maison Relaisen ugeet, do kucke mer fir keen Accompagnement ze maachen, mä mer froen d'Elteren, ob si averstane sinn, datt hiert Kand d'äerf vun deem Bus profitéieren, deen ouni Accompagnement vun A op B fiert. Dee fiert zum Beispill vun der Pétenger Maison Relais op den Titus-Terrain op Rolleng a setzt d'Kand do of. Dat muss gekläert ginn, esou datt eng „prise en charge“ vum Trainer gemaach gëtt. Do huele mer keng Begleetspersoun derbäi.

**Becker Romain (déi gréng):**

Fir d'éischt wëll ech iech awer felicitéiere fir déi Iddi ze lancéieren. Dat ass wierklech méi wéi noutwenneg hei an der Gemeng. Virun allem fir déi Ecker, déi méi ausserhalb leien, esou datt déi eeler Leit oder déi Leit, déi schlecht zu Fouss sinn, sech kënne anstänneg oder normal bewegen. An da gesinn ech, datt dir iech am Schäfferot de Kapp zerbrach hutt fir en originellen Numm ze fannen. Wier et net e bësse méi originell gaangen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir kënne en och de Pe-Bus nennen. Déi Monnerecher nennen hiren de Mo-Bus. De Ju-Bus ass dee vu Jonglënster. Wann hei een eng originell Iddi huet, da kënne eis déi soen an da kucke mer. Wann et net grad de Péiti ass, da kann ech domatter liewen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Neen, et soll kee Péitche sinn, deen deemools vun enger anerer Partei lancéiert gi war. Dat soll et net sinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wann der eng Iddi hutt, gitt se eran.

**Becker Romain (déi gréng):**

Neen, mä ech kéint iech awer mat op de Wee gi fir vläicht – wéi mer et beim PiKo gemaach haten – en Concours an der

Grondschoul ze lancéieren an esou vläicht en originellen Numm bei de Kanner ze fannen. Well déi hunn heiansdo eng vill méi grouss Fantasie wéi mir hei ronderëm den Dësch. Et kéint een dat jo mol probéieren.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wa mer de Bus wëllen den 1. Juli um Lafen hunn, da muss virun nach eng Soumissioun gemaach ginn, de Bus muss ugeschaf an dekoréiert ginn, et muss Reklamm bei de Leit gemaach ginn, an da packe mer et net méi, fir bis den 1. Juli och nach en Numm ze sichen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dann an enger zwoeter Etapp.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo. Mer kënne och soen, datt et am Moment de Flexibus oder de Flexi ass.

**Becker Romain (déi gréng):**

Zu Rodange wier et dann de Ro-Bus an zu Rolleng de La-Bus. Eng aner Fro ass déi mam Prestataire. Well mer jo 2 Prestatairen an der Gemeng hunn, déi d'Méiglechkeet hätte fir esou eppes unzebidden, wéi wäit gi mer sichen? Musse mer ausserhalb kucke goen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mer missten u sech 3 Stéck froen. Well wa mer d'Zomm global kucken, da fale mer ënner d'Soumissiounsgesetz. Wa mer iwwer d'ganz Joer fueren oder och nach de Méindeg derbäi huelen, da komme mer iwwer déi 120.000 €. Déi 2 lokal Prestatairë si mat aviséiert a si vläicht e bësse méi no un der Quell. Vläch hunn déi och déi beschte Präisser.

**Becker Romain (déi gréng):**

Heescht dat, de Prestataire stellt d'Gefier an de Chauffeur?

**Breyer Roland, Schäffen:**

De Prestataire stellt d'Gefier an de Chauffeur. Mer maachen och e Kontrakt op 2 oder 3 Joer bis dat sech amortiséiert huet, an hie mécht och d'Zentral vun der Reservatioun. Déi Nummer geet och iwwert hien. Hie kasséiert och déi 2 € a behält déi och fir seng Gestiou ze maachen. Mir hu guer näischt mat de Suen a mat der Kontroll ze dinn. A mer hoffen, datt dat jo och serieus gefouert gëtt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et sollt jo och e kleng Bus sinn, denken ech. Well wann ech un eenzel Stroossen hei denken, wou e Leit muss siche goen, da muss en awer och nees hannerzeg eroffueren. Ech denken dobäi besonnesch un d'Bommertstrooss. Da kéint een dem Prestataire awer och un d'Häerz leeën - well dee muss sech jo och en neie Bus zouleeë wat da kann iwwer Leasing goen, wat jo hautdesdaags gemaach gëtt – ob een dat net kéint mat engem Elektrobus maachen, deen dann och nach kee Kaméidi a keng Ofgase mécht.

Eng aner Saach, déi ech awer och nach wëll uschwätzen, dat ass den Ausbau. Et wier jo net schlecht, wann den Trajet bis op Esch an d'Spidol kéint ausgebaut ginn. A soss néirens. Just bis an d'Spidol Esch. Et gesäit ee jo an anere Gemengen, wou esou e Bus funktionéiert, datt déi och nodréiglech ëmmer d'Ouverture gemaach hu bis dohinner. Well et si ganz vill Leit vun hei, déi regelméisseg mussen op Esch goen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et sinn och Leit, déi mussen an de Reha goen oder an d'Stad an d'Spidol. Et muss ee kucken, wéi een dat wëll op

maachen. Déi Suessemer hunn dat bis Esch opgemaach, well dat och méi no ass. Si kommen och bis op Käerjeng an de Cactus gefuer. Mir fänken elo emol hei un, a mer wëlle jo d'Leit net aus den Uertschaften eraustransportéieren.

**Becker Romain (déi gréng):**

Mä mer hu jo awer kee Spidol méi.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Nidderkuer hu mer jo nach.

**Becker Romain (déi gréng):**

Mä zu Esch ginn et Servicer, déi et zu Nidderkuer net méi ginn a wou vill Leit mussen regelméisseg higoen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech wëll net ausschléissen, dass mer d'Dier eng Kéier méi grouss opmaachen. Mä et soll een awer emol kucken, wéivill de P-Bus benotzt gëtt. Wa mer d'Statistike kucken, déi mer hunn a wou mer histeieren, dann ass et zwar schwéier eppes iwwer déi Summerméint ze soen. Mä ech hunn d'Impressioun, dass nach Sputt no uewen dran ass an deem Präis, wéi mer dat wëllen erausginn, an och an där Kapazitéit. Mä dat muss awer fir d'éischt bestätegt ginn.

Wat schlecht wier, dat wier wann de Bus iwwerrannt géif ginn a mer missten direkt en zweeten oder drëtten asetzen. Da gi mer an eng Richtung ewéi déi Déifferdenger mat hirem Diffbus. Da maache mer direkt nieft deenen 1,2 Milliounen Euro nach eng Kéier 800.000 € derbäi fir deen interne Verkéier. Dat ass net de Wee, dee mer wollte goen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat ka jo och ni hei funktionéieren. Wéi dir virdu gesot hutt ass eis Gemeng e laange Schlauch, dee vum TICE ugefuer gëtt. Op där aner Säit fiert den Zuch och nach duerch den Zentrum wann ech Rodange oder Rolleng kucken. Péiteng ass do nees e wéineg anescht. Dat soll jo och net esou sinn. Da kommen ech nees op d'Beispill vun engem aus der rue des Alliés, dee schlecht zu Fouss ass an da muss hippen oder mat engem Stillche bis op d'Maartplaz goe fir den TICE ze huelen. Do kann een dat do asetzen, wat an deem Fall eng super Saach ass.

An da kommen ech nach zum Präis. Et steet jo dran, dass keng aktuell Kaarte gëllen a jiddereen 2 € muss bezuelen. Et steet awer net dran, dass d'Invalidekaart och dorënner fält. Een, dee schwéier invalid ass mat enger Kaart A, B, C oder esou – deen héchsten Invaliditéitsgrad – muss also och 2 € bezuelen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wann een d'C-Kaart huet, da kann e sech och mat Help oder Hëllef doheem arrangéiere fir gefouert ze ginn. Et kann een awer och den Nova-Bus huelen, wou een awer och eppes muss bezuelen. Et ass net fir näischt.

**Becker Romain (déi gréng):**

Wéi gesot, d'Hoffnung besteet jo, dass dat ugeholl gëtt. Da misst nach parallel eng Aktioun lancéiert gi fir dass déi Leit, déi vun deem Service kéinten oder sollte profitéieren, och wëssen, dass esou en Service do ass. D'Leit mussen informéiert ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat ass ganz kloer. Et ass e Bus, dee kloer bausse gezechent ass. Wat dropstoe kënnt, dat kann een an enger zweeter Phas nach kucken. Ob en Elektrobus elo direkt an enger éischer Phas méiglech ass, dat muss een och kucken.

Op alle Fall soll een dat an enger zweeter Phas mat op de Wee huelen. Mä et ass eng gréisser Campagne virgesinn, wou all Haushalt informéiert gëtt an och Opklärungsversammlunge sinn, esou dass mer esou séier wéi méiglech ukomme fir Erfahrungen ze sammelen. D'Dier ass opgemaach an déi Richtung, a mer kënnen se nach ëmmer méi opmaachen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech hat de ganze Mëtteg op dee Punkt gelauert an hunn och ofgewart bis d'Erklärung ofgeschloss war. Do hunn ech direkt d'Hand an d'Luucht gestreckt. Bon, et huet net geklappt. Ech sinn net als éischten drukomm a kréien elo als Leschten d'Wuert. Wann engem dat esou geschitt, dann ass dat Meescht jo scho gesot. Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech hei soen, dass dat eng ganz gutt Iddi ass. Et steet schonn zënter 3 Perioden an eise Walprogramm. Et ass net op daf Ouere gestouss. Wéi mer an de Koalitiounsverhandlung mat der CSV waren, do hate mer dat och als Konditioun gesat, an et ass elo endlech esou wäit, dass de Projet um Dësch läit. Dofir ass de Schäfferot ze begléckwënschen.

Den Här Breyer huet dovunner geschwat, dass mer e permanente Bussystem hei an der Gemeng hunn. Der musst awer och bedenken dass, mat de ville Schantercher, déi mer hunn, déi Bushaltestellen dauernd geréckelt ginn. D'Leit gi mat Momenter net méi eens, wou hire Bus fortfiert. Heiansdo gëtt et méi wäit geluecht, heiansdo méi no fir verschidde Leit, mä et ass meeschtens zum Nodeel vun de Leit, déi de Bus huelen. Den Här Becker huet dat och mat der Invaliditéit ugeschwat. Déi Leit, déi eng Invalidekaart hunn, ware gewinnt fir näischt ze fueren. Si mussen sech elo dru gewinnen, dass si an Zukunft 2 € wäerte bezuelen.

Et klängt e bësse komesch, wann ee seng Identitéitskaart muss weise fir ze kucken, ob se d'Critären erfëllen. Do si jo awer praktesch ëmmer déiselwecht Leit, déi do matfueren. Et kéint een déi jo awer an de Computer eraginn, esou dass een da wéisst, dass et eng gewësse Persoun ass, déi dierf matfueren.

Wat den Numm vum Bus ugeet, esou ass et egal, wéi mer deen nennen. Wéi och ëmmer, ech begléckwënschen de Schäfferot zu dëser Initiativ.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Zu där Fro iwwer d'Identifikatioun wollt ech soen, dass de Prestataire den Opbau vun enger Datebank als Konditioun gesat krit. Natierlech mat dem Accord vun de Leit. Wann elo een zum Beispill 6 Méint invalid ass wéinst engem gebrachene Been oder enger neier Héft, da brauch deen net all Kéier en Zertifikat ze weisen. E mellst sech un. Et si jo praktesch ëmmer déiselwecht Leit, déi matfueren. An d'Chauffeure si jo och praktesch ëmmer déiselwecht, esou dass se d'Leit scho kënnen identifizéieren.

Esou ass et dann och mat der Kartei. Wann ee seet, den Numm ass Breyer, da seet hien Breyer Roland aus der rue des Alliés an da geet dat automatesch.

**Thein Joe (adr):**

Och am Numm vun der adr wëll ech soen, dass mer d'Iddi vun deem Ruffbus begréissen. Mer hu schonn an eise Gemengepefferkär ëmmer geschriwwe gehat, dass mer wéilten eppes am Transport an dëser Gemeng bewierken. Mer hunn och a fréieren Debatten, a besonnesch an der leschter Budgetsdebat, ganz kloer Positioun fir dee Ruffbus bezunn. Et ass begréissenswäert, eppes fir déi eeler an och déi behënnert Populatioun aus eiser Gemeng, fir déi sech d'adr ëmmer agesat huet, ze maachen. Elo léisst sech

natierlech streiden, ab wéi en Alter mer dat festleeën. An enger éischer Testphas kann ee soe 75 an driwwer. Mä et kann ee jo an Zukunft kucke fir dat nach e bëssen no ënnen ze drécken, esou datt nach aner Leit, déi an esou engem Fall sinn, do a Fro kéinte kommen.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Also d'Dier ass op. Mer kënnen eis virstellen, datt mer op 70 oder 65 erofginn. Dat häntk elo alles dovunner of, wéi d'Akzeptanz an d'Frequenz ass.

#### Gira Carlo (CSV):

Ech wëll emol eng Präzisioun maachen zu deem, wat den Här Thein elo sot. Et ass net eng behënnert Populatioun, mä et si Leit mat enger Behënnung, déi mer mathuelen. Dann hunn ech nach 2 Froen zum Verstoen. Dat eent bezitt sech op dat, wat den Här Becker gesot huet. Wann elo ee seet, mer fueren de CHEM vun Esch net un oder de Rehazenter wéi den Här Breyer gesot huet. Dach, mer kënnen dat ufueren. Mer hunn den ëffentlechen Transport fir dohinner ze fueren. Een dee wäit ewech wunnt, dee kann de Ruffbus huelen, léisst sech op den ëffentlechen Transport féieren a kann dohinner fueren.

Wat d'Kanner ugeet, verstinn ech dat elo richtig, datt e Kand ënner 11 Joer muss a Begleedung sinn, ausser déi, déi an deenen Zäiten, wou d'Maison Relais op ass a si do ewech geholl ginn an och eng Bescheinigung virläit, datt se matgeholl dierfe ginn?

#### Breyer Roland, Schäffen:

Richtig. Mer wëllen net, datt d'Kanner elo einfach erasprangen. Si musse begleet si vun engem Erwuessenen, deen d'Recht huet, de Bus ze benotzen. Et ass just esou, datt d'Maison Relais et organiséieren an de Punkt A a B ofsécheren. D'Educatrice bréngt en eraus bis bei de Bus an

den Trainer hëlt en déi aner Säit of. Déi Kanner kënnen de Bus dann alleng huelen.

#### Thein Joe (adr):

Ech wëllt kuerz dorop agoen, wat den Här Gira gesot huet. Ech hunn et genee an deem Sënn gemengt, wéi Dir et gesot hutt, Här Gira. Ech hu just net dee politesch korrekte „mainstream langage“ geholl.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Merci Här Gira, datt Dir dat hei richtiggebéit hutt.

**Accord à l'unanimité.**

## 15.2.

### Transports et communications.

2<sup>e</sup> lecture d'un règlement d'urgence de la circulation à Rodange (chantier dans l'avenue Dr Gaasch) - décision.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Eis „autorité supérieure“ ass e bësse méi kriddleg ginn ewéi se war. Wa mer elo e „règlement d'urgence“ huelen, da musse mer elo ganz genee soen, firwat dat Reglement do ass. An dat hate mer net ganz kloer gesot, wéi mer de 15. Dezember dat Reglement geholl hunn. Et goug ëm d'avenue Dr Gaasch, wou e Gebai ofgerappt gouf a wou tëscht den Haiser 28 a 36 eng Gefor wier fir ze zirkuléieren. Dat musse mer dann nohuelen. Mir entschëllegen eis, datt mer dat net gemaach hunn. Mä de Schantje leeft awer zënterhier schonn esou. Elo kréie mer et dann och gesetzlech ofgeséichert wa mer dat hei elo bestätegen.

**Accord à l'unanimité.**

## Gemeinderatssitzung vom 30. März 2015

### Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	Breyer Roland, 1. Schöffe (CSV) Conter-Klein Raymonde, 2. Schöffe (CSV) Mertzig Romain, 3. Schöffe (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) Conzemius-Holcher Josette (CSV) Gira Carlo (CSV) Polfer John (CSV) Rosenfeld Romain (CSV)	Brecht Guy (LSAP) Gonçalves Cátia (LSAP) Stoffel Marco (LSAP)
	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Thein Joe (adr)

### Abwesend und entschuldigt:

Pierre Norbert (LSAP); Tockert Claude (DP)

#### 1. bis 4.

Die Punkte 1. bis 4. der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

#### 5. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Schöffe Roland Breyer gab Auskunft über das Funktionieren der neuen roten Ampeln im Zentrum von Pétingen.

Schöffe Romain Mertzig brachte den Jahresbericht 2014 des Containerparks im Recyclingzentrum in Rodange zur Sprache. Im Lauf des Jahres 2014 wurden 44.700 Besucher gezählt, 3.566 Tonnen Abfall wurden zusammengetragen.

Darüber hinaus gibt Schöffe Romain Mertzig Auskunft über den Überwachungsplan von Biomonitor bezüglich der Luftqualität in der Gemeinde Pétingen und unterstreicht, dass die Gemeindeverwaltung Pétingen das



Zertifikat „Nova Naturstrom“ für das Jahr 2015 von Enovos erhalten hat.

#### **6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Einnahmen in Höhe von 14.114.021,92 Euro (Jahr 2014) und 141.989,71 Euro (Jahr 2015) - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.1. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Kaufs von Grundstücken von der Gesellschaft „Acasa sàrl“ in der rue des Jardins in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.2. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Kaufs eines Grundstücks von der Gesellschaft „Atrium Promotion sàrl“ in der rue du Clopp in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.3. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Tauschs von Grundstücken gelegen am Standort rue Nic. Bieber in Rodange mit der Gesellschaft „C.R.V.N Réalisations SA“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.4. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Tauschs von Grundstücken gelegen am Standort „Um Bremtgen“ in Lamadelaine mit der Gesellschaft „Rollènger Weiheren sàrl“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.5. - Liegenschaften.**

Akt bezüglich des Tauschs von Grundstücken in der rue de la Terre Noire in Rodange mit der Gesellschaft „NITA SCI“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.6. - Liegenschaften.**

Akt bezüglich des Verkaufs eines Grundstücks am Standort chemin de Brouck in Rodange an die Gesellschaft „PKP Promotion Immobilière sàrl“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.7. - Liegenschaften.**

Akt bezüglich des Kaufs eines Grundstücks in der route de Longwy in Rodange von der Gesellschaft „Immo Concept Plus sàrl“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.8. - Liegenschaften.**

Akt bezüglich des Kaufs von zwei Grundstücken gelegen am Standort chemin de Brouck in Rodange von der Gesellschaft „ASA Bâtiments sàrl“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.9. - Liegenschaften.**

Akt bezüglich des Kaufs von zwei Grundstücken in der rue de la Montagne in Lamadelaine von Herrn Daniel Santarini und Frau Régine Rink - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7.10. - Liegenschaften.**

Akt bezüglich des Verkaufs eines Grundstücks in der avenue de la Gare in Lamadelaine an Herrn Paul Steinmetz und Frau Marie Yvette Graul - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **8. - Gemeindepersonal.**

Schaffung eines Angestelltenpostens (ehemaliger Arbeiter) in der Funktion des Arbeiters für die Abteilung der Grünflächen - Beschluss .

Beschluss einstimmig.

#### **9.1. - Schulwesen.**

Dienstalter-Liste des Lehrpersonals (w/m) des Schuljahres 2014/2015 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

#### **9.2. - Schulwesen.**

Bewilligung der Bilanz der Schneeklassen 2015 - Beschluss.

Beschluss mit 12 Ja-Stimmen und 2 Enthaltungen (déli gréng). Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

#### **10.1. - Soziales.**

Konvention für das Jahr 2015 bezüglich des Betriebs der Begegnungs- und Informationszentrums „Pétenger Jugendhaus asbl“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

#### **10.2. - Soziales.**

Bewilligung eines Kostenvoranschlags über 34.000 Euro bezüglich der Einrichtung akustischer Paneele und des Kaufs von Ordnungsmobiliar für die Maison Relais in Petingen sowie Abstimmung über ein Zusatzkredit in Höhe von 4.000 Euro – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

#### **11.1. - Umwelt.**

Bewilligung des Kostenvoranschlags über 24.909,30 Euro für die Diagnose der Luftqualität in der Gemeinde Petingen - Beschluss

Beschluss einstimmig.

**11.2. - Umwelt.**

Konvention mit „Valorlux asbl“ bezüglich des Systems zur getrennten Verpackungsentsorgung - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**12. - Öffentliche Ordnung.**

Verlängerte Öffnungszeiten für öffentliche Ausschänke anlässlich der Straßenverkaufstage des Jahres 2015 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**13. - Städtepartnerschaft.**

Bewilligung der Absichtserklärung zur Partnerschaft mit der Gemeinde Schiffweiler (Deutschland) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**14. - Sport und Freizeit.**

Konvention mit dem Fußballclubs FC Rodange 91 zur Zurverfügungstellung beider Fußballfelder, der weiteren Einrichtungen sowie des Ausschanks in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**15.1. - Transport und Kommunikation.**

Bewilligung des neuen Konzeptes „PEBUS“ sowie Abstimmung über einen Spezialkredit in Höhe von 58.000 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**15.2. - Transport und Kommunikation.**

Zweite Vorstellung einer Verkehrsdringlichkeitsverordnung in Rodange (Baustelle in der avenue Dr Gaasch) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.